65e séance

Mercredi 4 juillet 2001

Présidence

M. Jean Spautz, Président

M. Niki Bettendorf, Vice-Président

Ordre du jour

Projet de loi 4743 portant modification de la loi du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise, telle qu'elle a été modifiée *(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Luc Frieden, Ministre; M. Joseph Schaack, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- Ech maachen heimat d'Sitzung op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4743 iwwert d'Nationalitéitegesetz. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et sinn agedroe bis elo: déi Häre Santer, Fayot, d'Mme Durdu, den Här Henckes, d'Mme Wagener an den Här Bisdorff. De Rapporteur vum Projet de loi ass den Här Laurent Mosar, deem ech d'Wuert elo ginn.

Projet de loi 4743 portant modification de la loi du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise, telle qu'elle a été modifiée

Rapport de la Commission juridique

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „la nationalité est l'appartenance juridique et politique d'une personne à la population constitutive d'un Etat". Dës Definitioun vun der Nationalitéit vum franséischen Droitsprofesser Lagarde, beschreift a kuerzen, mä prezisen Termen eng Notioun, déi a sech eng rezent Vergaangenheet huet.

Nationalitéit ass en neit Wuert, dat am Ufank vum 19. Jorhonnert opgetaucht ass an dat a sech säin Ursprong an der franséischer Revolutioun fonnt huet. Mir fannen dann och dës Notioun fir d'éischt erëm am Joer 1835, an engem Dictionnaire, dëst am Zesummenhang mat der Citoyennetéit. D'Notioun vun der Nationalitéit kann een natierlech ënnert dem juristeschen Aspekt analyséieren an do ass festzehalen, datt d'Nationalitéit déi juristesch Zougehéieregkeet ass vun enger Persoun zu enger Populatioun déi de Stat duerstellt.

Dës Definitioun implizéiert a sech zwou Zorte vu Bezéiungen tëschent der eenzelner Persoun andem Stat, un deen se rattachéiert ass. Fir d'éischt eng vertikal Bezéiung an deem dëse Lien juridique souwuel Rechter wéi Pflichte fir deen Eenzelne mat sech bréngt vis-à-vis vum deem Stat, deem seng Nationalitéit een huet. Zum Beispill kritt all Persoun, déi eng Nationalitéit besëtzt, automatesch d'Recht op Schutz vun deem Stat garantéiert. Op där anerer Säit huet dës Persoun verschidde Verpflichtungen, wéi zum Beispill hei zu Lëtzebuerg dat obligatorescht Walrecht. Niewent dësem vertikale Lien, gëtt et awer och nach en horizontalen, deen a sech d'Zougehéieregkeet vun der eenzelner Persoun zu enger nationaler Communautéit definéiert, par rapport zu all deene Persounen, déi net zu dëser Communautéit gehéieren an an deem Sënn bénéficiéiert jo och dee Bierger, deen d'Nationalitéit huet, vun engem privilégéierte Statut, zu deem d'Auslänner keen Zougang hunn.

Niewent dëser juristescher Duerstellung vun der Nationalitéit ass dëst, haut méi wéi jee, awer fir d'alleréischt eng sozial. Nationalitéit representéiert nämlech och d'Zougehéieregkeet zu engem Grupp vu Leit an d'Gefill zu dësem Grupp, ze gehéieren. Déi verschidde Fakteure vun dësem Zougehéieregskeetsgefill sinn d'Sprooch, d'Geschicht, d'Geographie, d'Religioun an déi gemeinsam Ideologie. Dëst Gefill gëtt dann och am Allgemengen als eng „Nationalité de fait" verstanen. De franséischen Auteur Hourioux huet d'Nationalitéit esou definéiert: „Une nationalité est une mentalité - c'est donc un fait social de rattachement, un lien social de solidarité".

Dës Aspiratioun fir un e Stat rattachéiert ze sinn, ass zum Beispill dee Prinzip, deen am Ursprong vun der Gebuert vun der Belsch am Joer 1830 a vun Italien am Joer 1860 stong. Dëse Prinzip vun der Nationalitéit ass awer no an no verschwonnen, dëst net zulescht duerch d'Expansiounspolitik vun Nazi-Däitschland, déi dëse Prinzip diskreditéiert huet. Dëse Prinzip ass dann och lues a lues ersat ginn duerch d'Recht vum sougennanten „Droit des peuples à disposer d'eux-mêmes", sou wéi et an der Charte de l'Atlantique vun 1941 an an der Charte des Nations Unies zu San Francisco vun 1945 festgeschriwwen ass.

Haut ass d'Nationalitéit awer virun allem un d'Citoyennetéit gebonnen. D'Citoyennetéit ass d'Bedeelegung vum Eenzelnen um politesche Liewe vum Stat. Dacks coïncidéieren d'Nationalitéit an d'Citoyennetéit, mä dëst ass awer net ëmmer de Fall, well all Bierger, deen eng Nationalitéit huet, net onbedéngt iwwer all politesch Rechter verfügt. Ech wëll och nach betounen, datt an enger ganzer Rei vu Staten ni vun Nationalitéit, mä nëmme vu Citoyennetéit geschwat gëtt, wéi zum Beispill an de Vereenegte Staten. Här President, niewent där juristescher an där soziologescher Approche gëtt et awer och nach eng politesch Approche, wou a sech zwou Konzeptioune vun der Nationalitéit sech opposéieren, dëst besonnesch no 1871.

Op där enger Säit déi däitsch Philosophie, bei där d'Zougehéieregkeet net op Volontéit baséiert, mä op der Genialogie, dee sougenannten „Droit du sang" oder „Jus sanguinis". Déi franséisch Philosophie, par contre, gesäit d'Natioun an domat och d'Nationalitéit als Expressioun vum Wëllen a vum Averständnis vun der eenzelner Persoun, deem sougenannten „Droit du sol" oder „Jus soli". De franséischen Auteur Ernest Renan huet dëst op folgend flott Manéier geschriwwen: „La Nation c'est le plébiscite de tous les jours". Dës zwou Philosophien sinn haut an deem Sënn e bëssen opgeweecht ginn, sou datt an Däitschland säit 1999 eng gewësse Portioun „Jus soli" an d'Nationalitéiterecht agebaut ginn ass an a Frankräich e bësse „Jus sanguinis", sou datt déi zwou Philosophien haut net méi absolut sinn.

Dëst gesot, ass awer besonnesch a Frankräich de „Jus soli" méi wéi jee e fundamentaalt Element vun der Nationalitéit. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt aleedend vu mengem mëndleche Rapport nach eng Kéier op dëse kuerzen Historik vun der Nationalitéit agoen, well ech mengen datt dës Erklärunge wichteg sinn, fir an der weiderer Diskussioun d'Approche souwuel vun der Regierung wéi awer och vun där zoustänneger Kommissioun nozevollzéien.

Éier ech awer dann zum Projet de loi selwer ze schwätze kommen, erlaabt mir e puer Virbemierkungen zum Fonctionnement vun der juristescher Kommissioun. Ech wëll virun allem de Reproche ausraumen, et géif versicht ginn e Projet duerchzeboxen an et hätt een sech hei net déi néideg Zäit ginn fir och fundamental Punkten ze diskutéieren. Déi zoustänneg Kommissioun huet sech während sechs Sitzunge mat dësem Projet beschäftegt a mir hunn all eenzelnen Artikel in extenso analyséiert an ausdiskutéiert.

Mir hunn eis awer net nëmme mat den Dispositioune vum Projet beschäftegt, mä mir hunn doniewent och iwwer aner Punkte geschwat, déi net direkt vum Projet behandelt ginn, wéi zum Beispill d'Fro vun der duebeler Nationalitéit. Doniewent, hu mir eis och mat deene verschiddenen Amendementer befaasst, déi zu deenen eenzelnen Dispositioune gemaach gi sinn, a mir hunn, last but not least, och déi zwou Gesetzespropositioune vun der grénger Fraktioun diskutéiert.

Schlussendlech hate mir och eng Entrevue mam Flüchtlingsrot, wou mir besonnesch d'Aspekter vun der Flüchtlingsproblematik a Bezuch op d'Nationalitéitegesetz analyséiert hunn. Et kann een also sécherlech net behaapten, déi zoustänneg Kommissioun hätt net hir Aarbecht gemaach an hätt hei en onkompletten Dossier ofgeliwwert. Ech wëll och nach besonnesch betounen, datt mir eis intensiv mat deene verschiddenen Avie vum Statsrot ausenaner gesat hunn an och deelweis deem senge Bedenke Rechnung gedroen hunn.

Awer och eegen Iwwerleeunge vun der zoustänneger Kommissioun fannen hir Répercussioun am Gesetzestext an heibäi denken ech besonnesch un d'Sproochekonditioun wéi awer och d'Behandlung vun de Flüchtlingen, wou d'Kommissioun e wesentlech méi generéisen Text zréckbehalen huet. Här President, ech mengen also hei mat guddem Gewësse behaapten ze kënnen, datt déi zoustänneg Kommissioun hir Aarbecht gemaach huet an ech wëll dann dofir och vun dëser Plaz aus e Merci lass ginn un all Kolleeginnen a Kollegen aus dëser Kommissioun, déi dësen extrem wichtege Projet fir d'Zukunft vun eisem Land fair an an enger objektiver Aart a Weis diskutéiert hunn.

Ech schléissen an dësem Merci och besonnesch d'Kolleeginnen an d'Kolleege vun der Oppositioun an, déi, och wa se a verschiddene Punkten aner Meenungen haten an hunn, op eng äusserst konstruktiv Manéier an Aart a Weis matgeschafft hunn a sécherlech och op deem engen oder anere Punkt zumindest eng deelweis Satisfaktioun kritt hunn.

Erlaabt mir vläicht hei och eng allgemeng Bemierkung. Diskussiounen, déi mir besonnesch op zwee Punkten haten, d'Sproochekonditioun an d'duebel Nationalitéit, hu gewisen datt hei d'Fraktiounen net ëmmer eng eestëmmeg Positioun hunn a gewëssen Differenzen sech zwëschen deene verschiddene Vertrieder vun eenzelne Fraktioune bemierkbar gemaach hunn. An ech fannen dat och gutt esou, datt iwwert den Tellerrand vun där sougenannter „Politique politicienne" jiddferee bei esou enger wichteger Problematik seng perséinlech Sensibilitéit iwwert de Partei- oder Fraktiounszwang setzt.

Ech hunn hei net d'Ambitioun fir am Detail an in extenso déi eenzel Dispositioune vun dësem Projet ënnert d'Lupp ze huelen. Jiddfer Kolleegin a Kolleeg, deen heidrun interesséiert ass, kann dat a mengem schréftleche Rapport noliesen, wou am Commentaire des articles in extenso déi verschidden Dispositiounen aus alle Bléckwénkele beliicht ginn. Ech wëll mech dofir op dat Wesentlecht beschränken an dofir kuerz

hei nach eng Kéier déi wichtegst Objektiver vun dësem Projet beliichten, duerno op véier Aspekter méi genau agoen an dann zum Schluss nach e puer perséinlech Iwwerleeungen als Konklusioun soen.

Wat sinn also elo déi wesentlech Verbesserungen, déi den neie Gesetzesprojet mat sech bréngt? Dëst sinn der haaptsächlech sechs.

1. D'Durée gëtt vun der obligatorescher Residenz vun 10 op 5 Joer zréckgesat. Dat heescht, datt an Zukunft d'Dauer vun der obligatorescher Residenz an eisem Land bei der Naturalisatioun déiselwecht ass wéi déi bei der Optioun.

2. D'Regele vun der Naturalisatioun a vun der Optioun gi weider harmoniséiert, ausser datt d'Chamber fir d'Naturalisatioun muss weider hiren Accord ginn, während bei der Optioun den Agrément vum Justizminister duer geet.

3. D'Harmonisatioun tëschent deenen zwou Prozedure spigelt sech och elo um Niveau vun der Demande erëm, well déi zwou Kategorien an Zukunft dës Demandë bei der Gemeng wou si hire Wunnsëtz hunn, abréngen duerch eng ënnerschriwwen Deklaratioun.

4. Bei der Optioun gëtt d'Alterskonditioun vu 25 Joer suppriméiert, sou datt an Zukunft jiddferee sou eng Déclaration d'option maache ka wann hie groussjäreg gëtt an déi aner legal Konditiounen erfëllt. Dëst ass eng wichteg Verbesserung par rapport zum aktuellen Text, an ech géif hei wëlle besonnesch dorobber insistéieren, well an der allgemenger Diskussioun vum Projet heivun iwwerhaapt net geschwat gëtt.

5. An dësem Projet de loi gëtt eng Sproochekonditioun ageschriwwen, op déi ech nach duerno am Detail wäert agoen.

6. Souwuel d'Naturalisatioun wéi d'Optiounsprozedur sinn an Zukunft käschtefräi fir jiddfereen. Här President, wann een deen Text, deen d'zoustänneg Kommissioun haut hei proposéiert, am Detail analyséiert, muss een zur Konklusioun kommen, datt dëst en äusserst generéisen Text ass, dëst besonnesch wann een e mat de Législatiounen aus aneren EU-Länner vergläicht.

Ech hu versicht, dëse Vergläich besonnesch um Niveau vun der Residenzdauer sou wéi der Sproochekonditioun ze maachen, an ech hu festgestallt, datt mat Ausnahm vun der Belsch um Niveau vun der Residenzdauer, déi hei dräi Joer festhalen, keen anert Land an der EU méi e generéisen Text kennt wéi deen, dee mir lech haut hei proposéieren. Fir nëmmen ee Beispill ze nennen, hunn eis däitsch Nopere viru kuerzem hiert Nationalitéitegesetz geännert an do eng Residenzdauer vun 8 Joer virgesi mat, bien entendu, där Obligatioun fir der däitscher Sprooch mächteg ze sinn.

Doniewent sinn eng ganz Rei wesentlech méi contraignant Konditiounen an dësem Text festgeschriwwe ginn, wéi dat bei eis de Fall ass. Dëst alles ënner enger rout-grénger Regierung, an dëst wëll ech absolut net polemesch verstane wëssen, mä dëst weist, datt iwwert d'politesch Ideologie eraus, d'Froe vun der Nationalitéit déi perséinlech Sensibilitéit vun all Eenzelnem vun eis besonnesch beréieren, dëst iwwert d'Parteigrenzen eraus.

(Interruptions)

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Si hate jo och mat enger CDU ze kämpfen!

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.-* Mme Wagener, waart of, ech wäert op déi eenzel Punkten ze schwätze kommen. Sécherlech hätt een sech kënne virstellen, nach op eenzelne Punkte méi wäit ze goen, sou wéi och eenzel Fraktiounen dat virgeschloen haten. Dëst géif awer da bedeiten, datt mer der Nationalitéit eng aner philosophesch oder soziologesch Basis géife ginn, wéi dat bis elo de Fall ass. Dëst géif nämlech heeschen, datt mir quasi jiddferengem, deen dës Nationalitéit wëllt hunn aus egal wat fir enge Beweeggrënn, dëst och géifen no enger kuerz bemoossener Residenzdauer ginn. Dës Philosophie, déi eng komplett aner ass wéi déi vun allen aneren europäesche Länner, géif sécherlech net zu méi enger grousser Integratioun vun auslännesche Matbierger féieren, mä géif aus Lëtzebuerg eng Aart Paradäis vun der Nationalitéit maachen, wéi aner Länner e Paradis fiscal hunn. Ech hu mer am Virfeld vu menger Interventioun erlaabt ze kucken, wat fir eng Länner op dëser Welt relativ large Nationalitéitegesetzer hunn, an ech hunn do misse feststellen, datt dës Länner haaptsächlech sech am südamerikanesche Raum oder op den Inselen aus dem Pazifik situéieren, déi relativ generéis si mat der Attributioun vun hirer Nationalitéit. Ech géif dovir wëlle warnen, eis Lëtzebuerger Nationalitéit eventuellen Interessenten um gëldene Plateau erunzedroen, well ech mengen, datt mir iwwert dee Wee weder d'Integratioun vun deenen auslännesche Matbierger hei zu Lëtzebuerg fuerderen, mä riskéieren eng Nationalité de complaisance ze kréien, déi allméiglech Gestalte géif unzéien, déi aus reng perséinlechen Avantagë fir eis Nationalitéit géifen optéieren.

Dëst gesot ass jo dann och déi grouss Majoritéit um Niveau vun der Chamberkommissioun quasi unanime gewiescht, fir den Accès zu der Lëtzebuerger Nationalitéit wuel ze verkierzen, ze vereinfachen, ouni awer heiraus wëllen eng sougenannten Nationalité de complaisance ze maachen.

Weder eng zevill restriktiv verstanen Nationalitéitspolitik, nach eng iwwerdriwwe generéis, déi d'Diere grouss opmécht, favoriséiert en fin de compte eng harmonesch Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger. An deem Sënn géif ech scho behaapten, dass de virleiende Projet de loi e gesonde Mëttelwee duerstellt.

Här President, ech wëll dann elo zu deene Punkte komme mat deenen d'Kommissioun sech besonnesch beschäftegt huet. Do ass natierlech an éischter Linn d'Sproochekonditioun, iwwert déi mir intensiv Diskussiounen haten. Heizou wëll ech fir d'éischt bemierken, dass all Integratioun, egal ob an eisem oder an engem anere Land, eng Rei vu Facette kennt. Eng dovun ass sécherlech, an ech mengen, dass keen dat heibanne kontestéiert, d'Schwätze vun der Landessprooch. Och eist Land mécht hei keng Ausnahm an eis Mammesprooch ass nun emol e wesentlechen Integratiounsfacteur. Dëst geet u mat der Participatioun um soziale Liewen, souwuel an de sportlechen, kulturelle wéi aneren Associatiounen.

Dëst soziaalt Liewe fonctionnéiert duerch Kommunikatioun. D'Lëtzebuerger Sprooch ass a bleift an dësem sozialen an associative Liewen d'Haaptkommunikatiounsmëttel, an ouni e Minimum vun dëser Sprooch ze schwätzen ass sécherlech eng Integratioun wesentlech méi schwiereg.

D'Participatioun um politesche Liewen ass een aneren Aspekt. Och wann eis Gesetzestexter a franséischer Sprooch rédigéiert sinn, esou ass a bleift dach d'Lëtzebuergescht déi Sprooch, an där déi verschidde politesch Acteuren, sief dat op nationaler wéi op lokaler Ebene, sech ënnertenee verstännegen.

Wéi kann een Auslänner, deen net ee Minimum vu lëtzebuergesche Sproochekenntnisser beherrscht, un dësem politesche Liewen deelhuelen?

Wéi soll en zukünftege Lëtzebuerger iwwerhaapt eng Chance hunn, e Mandat ze kréien, wann e sech mat senge Landsleit emol net an hirer Mammesprooch kann ënnerhalen?

Wéi soll dee politesch interesséierte Wieler sech kënnen eng Meenung bilden, wann esouwuel an den audiovisuelle Medie wéi awer och an de Walversammlungen, d'Debatten exklusiv op Lëtzebuergesch geféiert ginn?

E fundamentaalt Recht vun all Lëtzebuerger ass dat aktiivt a passiivt Walrecht. Wéi soll dësen zukünftege Lëtzebuerger dat ausüben, wann en net wéinegstens e Minimum vu lëtzebuergesche Sproochekenntnisser huet?

En aneren, net manner wichtegen Aspekt, ass dee vum Accès zu der öffentlecher Funktioun. Hei an dësem Haus sëtze vill Gemengemämm a -päpp, wéi sollen dann an Zukunft déi nei Lëtzebuerger sech kënnen op enger Gemeng erëmschloen, wa si kee Wuert Lëtzebuergesch verstinn oder schwätzen? Sécherlech gëtt et verschidde Secteuren an der öffentlecher Funktioun, wou et net onbedéngt noutwendeg ass, der Lëtzebuerger Sprooch mächteg ze sinn. Perséinlech kann ech mir allerdings schlecht virstellen, dass mer an der Arméi, der Police, awer och an der Magistratur an Zukunft wäerte Leit astellen, déi kee Wuert vun eiser Sprooch schwätzen. Ech kënnt sécherlech nach eng ganz Rei vu Beispiller opzielen, déi dokumentéiere géifen, wéi wichteg d'Lëtzebuerger Sprooch ass, fir eng harmonesch an effizient Integratioun ze erméiglechen.

Ech kann och dofir deene Kritiker, déi eis ënnerstellen, duerch dës Sproochekonditioun d'Integratioun ze erschwéieren, hir Argumentatioun absolut net novollzéien. Jiddfereen, a sécherlech och dës Kritiker, si mat mir averstanen, fir ze soen, dass d'Sprooch e wesentlechen, wa souguer net dee wichtegsten Integratiounsfacteur ass. Et geet och hei net ëm eng Diskriminatioun par rapport zu deene Leit, déi net kënnen oder wëllen dësen Effort maachen, fir e Minimum vu Lëtzebuerger Kenntnisser sech unzeeegnen. Dës Leit hunn de toute façon, mat Ausnahm vum nationale Walrecht, quasi déiselwecht Rechter wéi d'Lëtzebuerger, esou dass een hei net ka vun iergendwelcher Diskriminatioun schwätzen.

Ech hunn och Problemer, fir nozevollzéien, dass fir verschidden Auslänner dës Sproochekonditioun en Obstacle insurmontable géif duerstellen, wéi dat vu verschiddene politesche Bänken ëmmer erëm duergestallt gëtt.

Sollt dëst awer wierklech eng Kéier de Fall sinn, esou gesäit d'Gesetz d'Méiglechkeet vir, dass eng Dérogatioun kann accordéiert ginn zu alle Konditiounen, déi d'Gesetz virschreift, inklusiv der Sproochekonditioun. Et soll een also hei net esou maachen, wéi wann dëst Gesetz duerch déi Sproochregelung an Zukunft et schwéier oder onméiglech géif maachen, d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien.

Et huet een heiansdo d'Impressioun, wann een déi Diskussioun iwwert d'Sproochekonditioun versicht nozevollzéien, dass et sech hei manner ëm e Problem vun Nationalitéit handelt wéi ëm d'Fro, wat fir ee Wäert mir eiser Mammesprooch an Zukunft wëlle ginn.

Fir déi ganz grouss Majoritéit vun de Membere vun der zoustänneger Kommissioun soll dës Sproochekonditioun keen zousätzlecht Hindernis sinn op hirem Wee zu enger Integratioun, mä au contraire en essentielle Facteur fir dës Integratioun ze erliichteren.

Ech wëll dann awer nach eng Kéier kuerz hei erläuteren, wat fir een Text schlussendlech vun der zoustänneger Kommissioun zréckbehale ginn ass, dëst och fir all Mëssverständnisser aus dem Wee ze raumen.

D'Regierung huet an hirem originairen Text festgeschriwwen, dass een, niewent dem Beherrsche vun enger vun deenen dräi offizielle Sproochen, och nach misst der lëtzebuergescher Sprooch mächteg sinn. Fir dëst nozeweisen war am ursprünglechen Text virgeschloe ginn, dass de Kandidat misst Sproocheconcouren absolvéieren an dëst och duerch en Zertifikat noweisen. D'Kommissioun huet awer gemengt, dëst wär vill zevill restriktiv, well ee jo iwwer aner Weeër

kann d'Lëtzebuerger Sprooch léieren, wéi iwwer een obligatoresche Sproochecours. Dofir hu mir eis dann och entscheet, fir dass an Zukunft de Kandidat oder d'Kandidatin iwwer all méiglech Dokumenter an Zerifikater ka Lëtzebuerger BasisSproochekenntnisser noweisen.

Et gëtt och hei net verlaangt, Dir Dammen an Dir Hären, dass een e lëtzebuergeschen Aufsatz schreift oder eng Ried op Lëtzebuergesch hält, mä et geet duer, wann ee gewësse Basiskenntnisser kann noweisen. Et gëtt also an Zukunft näischt Onméigleches vun de Kandidate fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit gefrot, a mat e bësse guddem Wëlle misst jiddfereen à même sinn, dës Konditioun ze erfëllen.

Et ass also net esou, wéi de President vun der LSAP, den Här Asselborn, virun e puer Deeg an engem Interview gesot huet, dass d'juristesch Kommissioun vun der Chamber den Text nach verschäerft hätt, au contraire, Här Asselborn, wann Dir den Text richteg gelies hätt, hätt Dir constatéiert, dass eisen Text d'Diere méi wäit opmécht, wat Ären eminente Parteikolleeg Jempy Klein direkt erkannt huet, well hien huet mat vill Begeeschterung an der Kommissioun dësem Amendement zougestëmmt.

Ofschléissend zu dësem Punkt erlaabt mer zwou Bemierkungen. Am Virfeld vun dësem Text sinn ech vu villen auslännesche Matbierger a Matbiergerinnen op d'Konditiounen an d'Kritäre vun deem neie Gesetz ugeschwat ginn. Deen een oder deen aneren huet mer Froe gestallt iwwer eenzel Dispositioune vum Text, awer keen eenzegen, Här Asselborn, huet dee geréngste Problem gesinn, wat d'Sproochekonditioun ubetrëfft. Fir all dës Leit ass dës Sproochekonditioun selbstverständlech, esou dass ee sech muss déi berechtegt Fro stellen, ob vill manner wéi déi Betraffen et net verschidde Kreesser aus eisem Land sinn, déi domat hir Schwieregkeeten hunn.

Zweet Bemierkung: A kengem eenzege vun eisen europäeschen Nopeschlänner gëtt et en Nationalitéitegesetz, wat keng Sproochekonditioun huet, an och an all deene rezenten Nationalitéitegesetzer ass et kenger Regierung agefall, op esou eng Sproochekonditioun ze renoncéieren, dëst onofhängeg dervun, ob se konservativ, sozial, liberal, sozialistesch oder sozialistesch-gréng ugehaucht ass.

Firwat, froen ech lech, Dir Dammen an Dir hären, soll eppes, wat an engem groussen Deel vum Ausland eng Selbstverständlechkeet ass, hei zu Lëtzebuerg eng Diskriminatioun an en Hindernis um Wee vun der Integratioun sinn. Ech ginn d'Gefill net lass, dass déi Kreesser, déi dës Selbstverständlechkeet kontestéieren, d'Roll an de Wäert vun der Lëtzebuerger Sprooch als Identifikatiounsfacteur a Fro stellen. Ech sinn iwwerzeegt, dass dës Sproochekonditioun vun enger grousser Majoritéit an dësem Haus wäert ugeholl ginn.

Ech kéim heimat zu mengem zweete Punkt, deen och fir laang a passionnéiert Diskussiounen an der zoustänneger Kommissioun gesuergt huet, nämlech d'Froen iwwert d'Prozedur.

Mir sinn eis all sécherlech eens, dass d'Naturalisatiounsprozedur vill zevill laang dauert. Bei der Naturalisatioun dauert d'Prozedur tëschent 1½ an 2 a souguer oft méi wéi zwee Joer, a bei der Optioun tëschent 10 a 15 Méint. Och wann d'Prozedur duerch dëst Gesetz verkierzt gëtt, besonnesch doduerch, dass verschidden iwwerflëssig Regelen erfalen, nodeem d'Demanden hei an der Chamber ugeholl gi sinn, bleift d'Situatioun dach nach ëmmer gréisstendeels onbefriddegend.

Mir waren eis dann och an der Kommissioun eens, dass op dësem Niveau nach ëmmer Nohuelbedarf besteet, a mir hu versicht opzezeechnen, wéi mer d'Prozedur kéinte verkierzen. Verschidde Kolleegen a Kolleeginnen hu gemengt, et kënnt een op de Wee goen, fir den obligatoreschen Avis vun de Gemengen ze suppriméieren. D'Kommissioun huet sech awer hei dergéint ausgeschwat, well mat Recht gemengt ginn ass, dass besonnesch a méi klenge Gemengen déi zoustänneg Autoritéiten déijéineg Kandidaten oft besser géife kennen, wéi d'Chamber oder de Statsrot.

Et ass desweidere proposéiert ginn, d'Interventioun vun den Distrikskommissären ofzeschafen. Och wann dat sécherlech eng interessant Piste ass, muss een dach nach kucken, ob dëst iwwerhaapt méiglech ass par rapport zu deene Kompetenzen, déi d'Gemengegesetz den Distrikskommissäre gëtt.

Schlussendlech ass vun deene grénge Kolleeginnen a Kolleege proposéiert ginn, déi législativ Prozedur duerch eng administrativ ze ersetzen. Heizou ass awer ze soen, dass den Artikel 10 vun eiser Verfassung d'Naturalisatioun dem législative Pouvoir reservéiert. Wa mir also op de Wee géife goen, d'Naturalisatioun der Chamber ze entzéien, esou géife mer domat erëm eng incontestabel Reduktioun vun eise parlamentaresche Kompetenzen a Kaf huelen.

An net nëmmen dat, d'Lëtzebuerger Nationalitéit géif sécherlech doduerch zumindest een Deel vun hirem Rayonnement verléieren, dëst ëmsou méi well d'Décisioune vun der Exekutivgewalt net déiselwecht Feierlechkeet hu wéi déi, déi vum Exekutiv geholl ginn.

Déi ganz grouss Majoritéit vun der Kommissioun ass der Meenung gewiescht, dass dëst kee gudde Wee wär, an dass ee sollt d'Naturalisatiounsprozedur weider dem Parlament virbehalen.

Et ass also schwéier, fir eng vun deenen Institutiounen, déi am Moment den obligatoreschen Avis ginn, aus dem Gesetz erauszehuelen. Et gëtt sécherlech excellent Grënn, fir dëst net ze maachen.

D'Kommissioun huet awer trotzdeem eng Rei Suggestiounen zréckbehalen, fir am Beräich vum Méiglechen d'Prozedur ze accéléréieren.

Éischtens sollen d'Servicer vum Justizministère verstäerkt ginn, fir an dëser Etapp vun der Prozedur Zäit ze gewannen. Mir sinn och der Meenung gewiescht, dass et gutt wär, dass géife prezis Délaie festgeluegt ginn, déi de Ministère och misst respektéieren, well een heiansdo kann d'Impressioun hunn, dass verschidden Dossiere méi laang wéi anerer an deem berühmten Tirang leie bleiwen.

Zweetens huet d'Kommissioun nach eng Kéier de Wonsch geäussert, d'Roll vun den Distrikskommissären an dëser Prozedur op de Leescht ze huelen an ze analyséieren, ob hir Interventioun wierklech absolut noutwendeg ass. Sollt dëst net de Fall sinn, soll een op de Wee goen, fir dës Interventioun ze suppriméieren, dëst natierlech am Kader vun enger Redefinitioun vun de Kompetenze vun dësen Distrikskommissären.

Drëttens - an dëst ass wuel dee Wonsch, Här Minister, deen am einfachsten ze erfëllen ass - freet déi zoustänneg Kommissioun, dass si all Mount respektiv all sechs Woche mat Dossiere soll saiséiert ginn, esou dass mir och hei méi eng grouss Regularitéit an d'Aarbechte vun der Chamber erakréien.

Ech wäert eng Motioun herno déposéieren, déi all déi Propositiounen, déi déi zoustänneg Kommissioun zu der Prozedur gemaach huet, nach eng Kéier resuméiert.

Ech si mer bewosst, dass all dës punktuell Moossname sécherlech net zu enger rieseger Verkierzung wäerte féieren, mä dräi, véier oder fënnef Méint manner sinn och scho fir déi betraffe Leit net onwichteg.

Ech kéim ganz kuerz zu engem drëtte Punkt, nämlech deem vun de politesche Flüchtlingen. Och hei huet d'Kommissioun eng substanziell Ouverture gemaach par rapport souwuel zu der bestehender Situatioun wéi awer och par rapport zum ursprünglechen Text. An Zukunft wäert et also esou sinn, dass déi unerkannte Flüchtlingen déi Zäit, déi se hei verbruecht hunn, am Kader vun hirer Asylprozedur ugerechent kréie bei der Residenzdauer. Dëst heescht am Klortext, dass vun deem Dag un, wou e Flüchtling säin Dossier déposéiert huet, d'Zäit leeft an en all déi Joren, déi en huet misse waarde fir säi Statut ze kréien, voll wäert ugerechent kréien.

Niewent deene substanzielle Verbesserungen hat de Flüchtlingsrot verschidde Mesurë virgeschloen, déi sech just géife fir Flüchtlingen applizéieren. Hei ass awer déi grouss Majoritéit vun der Kommissioun der Meenung gewiescht, dass et net gutt wär, géint de Gläichheetsprinzip vun all Bierger virum Gesetz ze verstoussen, wann een de Flüchtlingen iwwert dëst Gesetz géif extra Dérogatiounen accordéieren. Souwéisou gesäit d'Gesetz jo vir, an ech hunn et virdru scho gesot, dass ee kann op déi eng oder aner Konditioun verzichten, sollt et sech erausstellen, dass den Demandeur déi eng oder aner vun deene Konditiounen net kënnt erfëllen. Am Klortext heescht dat, dass den unerkannte Flüchtling an engem Extremfall d'Sproochekonditioun net brauch ze erfëllen.

Mir sinn op jidde Fall an der Kommissioun der Meenung gewiescht, dass dës Dérogatiounsméiglechkeeten, déi fir all Kategorie vun Demandeure gëllen, och duerginn, fir an Extremfäll och den unerkannte Flüchtlingen d'Nationalitéit iwwert dëse Wee zouzegestoen.

Motion 1

La Chambre des Députés

- considérant que la langue luxembourgeoise constitue un facteur d'intégration important et que la connaissance du luxembourgeois est un atout pour tout citoyen étranger résidant et travaillant dans notre pays;

- considérant que l'intégration des étrangers dans la société luxembourgeoise requiert une offre suffisante de cours de luxembourgeois, et que l'accès à la nationalité luxembourgeoise par la naturalisation, conditionné par une connaissance de base de la langue luxembourgeoise, présuppose également cette offre de cours;

- considérant que la procédure de naturalisation devra être accélérée et qu'une augmentation des effectifs du Ministère de la Justice y contribuera sensiblement;

- considérant que l'intervention des commissaires de district dans la procédure de naturalisation n'est plus généralement considérée comme étant objectivement nécessaire;

- considérant qu'une transmission plus fréquente des dossiers de demandes en naturalisation par le Ministère de la Justice à la Chambre des Députés contribuera également à l'accélération de la procédure de naturalisation,

invite le Gouvernement

- à assurer l'organisation de cours de langue luxembourgeoise en quantité suffisante, afin de garantir qu'aussi bien les demandeurs en naturalisation que les concitoyens étrangers désireux d'apprendre le luxembourgeois puissent accéder à des connaissances linguistiques luxembourgeoises dans les meilleures conditions;

- à mettre à cet effet à la disposition du Ministère de l'Education nationale les moyens nécessaires en vue de former et recruter un nombre suffisant d'enseignants et de personnes pouvant assurer l'enseignement du luxembourgeois et en vue d'assurer ainsi une qualité élevée des cours de langue luxembourgeoise;

- à doter les services compétents en matière de nationalité du Ministère de la Justice des effectifs requis pour un traitement rapide et efficace des demandes en naturalisation;

- à revoir le rôle des commissaires de district dans la procédure de naturalisation;

- à assurer une transmission plus régulière des dossiers de demandes en naturalisation à la Chambre des Députés en vue de pouvoir procéder à un traitement parlementaire plus constant et plus rapide de ces dossiers.

(s.) Laurent Mosar, Agny Durdu, Jean-Paul Rippinger, Patrick Santer, Lucien Weiler.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen domat zu mengem leschte Punkt, dee vun der Fro vun der duebler Nationalitéit. Dëst ass wahrscheinleich déi Fro, wou d'Meenungen am meeschten ausernee ginn, dëst iwwer Partei- a Fraktiounsgrenzen eraus. Bis elo ass et esou gewiescht, datt d'Lëtzebuerger Recht iwwert d'Nationalitéit iwwer Jorzéngte geprägt war duerch d'Verbuet, eng aner Nationalitéit nieft der Lëtzebuerger ze hunn. Historesch gëtt et sécher eng ganz Rei vu Beweggrënn, déi dës Attitude explizéieren an och justifiéieren.

Haut an hei ass awer net d'Plaz doriwwer ze dissertéieren an et gëtt och sécherlech Leit, déi heifir méi kompetent sinn, fir dat ze maache wéi de Rapporteur vun dësem Gesetz. Et muss een awer feststellen, datt an der Praxis dës duebel Nationalitéit scho besteet, well mir an enger ganzer Rei vu Fäll Lëtzebuerger hunn, déi nieft hirem lëtzebuergeschen och nach e Pass vun engem anere Land hunn. Et ass nämech an der Praxis schwéier, fir net ze soen onméiglech, fir ëmmer festzestellen, ob déijéineg, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kritt hunn, och definitiv op eng aner Nationalitéit verzicht hunn, dëst ganz besonnesch am Kontext mat Länner, déi eng Multitude vun Nationalitéiten acceptéieren.

Hautdësdaags gëtt et ganz sécher eng ganz Rei vu gudde Grënn, fir op de Wee vun enger duebler Nationalitéit ze goen, dëst well déi Grënn, déi nach viru Jorzéngten dogéint geschwat hunn, haut net méi existéieren an ech denken hei ganz besonnesch un déi militäresch Obligatioun. Ech ka mer perséinlech och virstellen, datt et fir deen Eenzelne vill gutt Grënn gëtt, fir nieft senger neier Lëtzebuerger Nationalitéit och nach seng Ursprungsnationalitéit bäizebehalen.

Besonnesch, Dir Dammen an Dir Hären, an engem Europa vun haut 15, muer 20 oder 25 an iwwermar 30 Memberstaten ass déi Fro vun enger eenzeger Nationalitéit sécher net méi zäitgeméiss a mir wäerten och net derlaanscht kommen, heiriwwer eng fundamental Diskussioun ze féieren.

(Interruption)

Op där anerer Säit werft d'Fro vun der multipler Nationalitéit awer eng Rei vu konkrete Problemer op. Wéi steet et zum Beispill mam Prinzip vum Bénéfice de la réciprocité? Wéi wierkt eng duebel Nationalitéit sech aus um Punkt vum Walrecht? Wéi gëtt d'Nationalitéit vun deene Kanner festgeluegt, wou d'Elteren eng oder méi Nationalitéiten hunn? Wat fir ee Gesetz ass massgebend, fir d'Bestietnis, d'Scheedung, d'Garde vun de Kanner, d'Adoptioun a sou virun ze regelen?

Dëst si Froen, déi wesentlech sinn, well se d'Mënschen an hirem alldeegleche Liewe beréieren. Hei geet et net ëm Politik, mä hei geet et ëm d'alldeeglecht Liewen a juristesch wichteg Froen, déi domat zesummenhänken. All dës Froe kënnen a wäerte sécherlech eng Äntwert fannen, nach muss een awer Verhandlunge féieren, zumindest op EU-Niveau, ier een op esou e Wee ka goen.

Déi grouss Majoritéit vun de Kolleeginnen a Kolleegen aus der Kommissioun ass der Meenung, dass d'Diskussioun iwwert d'duebel Nationalitéit soll a muss an deenen nächste Jore gefouert ginn. D'Kommissioun war awer och der Meenung, dass et de falsche Moment gewiescht wär, dës duebel Nationalitéit an den aktuellen Text anzeschreiwen.

(Interruption)

De Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren, schléisst eng Debatt iwwert d'duebel Nationalitéit net aus. Ier mer awer dëse Schrëtt vollzéien, sollte mer awer all déi Froen diskutéieren a klären, déi ech virdrun opgeworf hunn. Et ass nämlech kee gudde legislative Stil, Mme Wagener, fir fir d'éischt eppes an e Gesetz anzeschreiwen an dono ze versichen, all déi Problemer, déi sech heiraus erginn, duerch Zousazgesetzer oder Reglementer ze preziséieren.

(Interruptions)

M. Jos Scheuer *(LSAP).-* Schwätzt Dir als Rapporteur?

(Interruptions)

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.-* Fir esou parlamentarescht Gepléischters ze évitéieren, soll d'Regierung. . .

(Interruptions)

. . .fir d'éischt en Etat des lieux vun der Situatioun an eisen europäeschen Nopeschlänner. . ..

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* D'Regierung hätt eis sollen. . .,.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Sidd Dir de Spriecher vun der CSV. . .

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

. . .oder de Rapporteur vun der Kommissioun?

(Interruptions)

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.-* D'Mme Wagener huet mech fir d'éischt virdrun ënnerbrach,. . ..

(Interruptions)

. . .Dir erlaabt, dass ech der Mme Wagener dann äntweren.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Dat geet net als Rapporteur dat do! Da schwätzt als CSV-Mandataire, da kënnt Der dat maachen.

Plusieurs voix.- Voilà!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).-* Loosst den Här Weiler polemiséieren!

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.-* Fir also hei parlamentarescht Gepléischters ze évitéieren, soll d'Regierung fir d'alleréischt den Etat des lieux maache vun der Situatioun an eisen europäeschen Nopeschlänner an dono och en Inventaire vun alle juristesche Konsequenzen, déi sech aus esou enger duebler Nationalitéit géifen erginn.

(Interruption)

Ech géif och zu deem Punkt eng Motioun déposéieren.

Motion 2

La Chambre des Députés

- considérant qu'un certain nombre de personnes résidant au Grand-Duché possèdent plus d'une nationalité et ceci malgré l'impossibilité légale théorique de double nationalité au Luxembourg;

- considérant qu'un certain nombre de pays européens ont introduit la double nationalité et que d'autres sont en train d'envisager cette possibilité;

- considérant que de nombreuses personnes possèdent des liens profonds et durables avec plus d'un pays;

- considérant que la double nationalité soulève des questions juridiques d'envergure, notamment en droit de la famille et de la filiation, en droit des biens et en droit successoral;

- considérant qu'un débat sur la double nationalité serait d'une utilité certaine, et qu'un tel débat devra être mené en connaissance de tous les problèmes concrets que pose la double nationalité au niveau juridique,

invite le Gouvernement

- à procéder à une analyse des problèmes d'ordre juridique qui se posent dans le contexte de la question autour d'une ouverture vers la double nationalité;

- à effectuer une comparaison des instruments législatifs que d'autres pays ont adoptés en matière de double nationalité, afin de cerner avec précision les questions juridiques soulevées dans ce cadre et les réponses qui y ont été apportées;

- à communiquer ces informations à la Chambre des Députés, afin de permettre à celle-ci de mener un débat approfondi sur la double nationalité en toute connaissance des questions que peut soulever le sujet.

(s.) Laurent Mosar, Agny Durdu, Jean-Paul Rippinger, Patrick Santer, Lucien Weiler.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun iwwert d'duebel Nationalitéit ass eng fundamental fir d'Zukunft vun eisem Land. Mir sollen déi a Rou an ouni Zäitdrock an deenen nächste Joren diskutéieren. Ech kéim domat zum Schluss vu mengen Ausféierungen.

Et wär sécherlech nach vill ze soen zu deem Projet de loi, besonnesch och wat den Detail vun deenen eenzelnen Dispositioune betrëfft. Ech wollt mech awer a menger mëndlecher Interventioun op déi grouss Froen, déi sech am Kontext vun der Nationalitéit stellen, limitéieren a verweisen lech fir all aner Froen, besonnesch wat den Detail ugeet, op mäi schrëftleche Rapport a besonnesch de Commentaire des articles.

Erlaabt mer awer zum Schluss, Dir Dammen an Dir Hären, e puer grondsätzlech Iwwerleeungen ze maachen. Mir liewen haut an enger Gesellschaft, wou oft vun enger Kris vun der Citoyennetéit, vun den demokratesche Wäerter an den Institutioune Rieds geet. Wa mer an eisen Nopeschlänner kucken, wéi den Taux de participation un de Walen iwwerall erof geet, muss ee sech d'Fro stellen, wéi et hei an eisem Land ëm dës Participatioun bestallt wär ouni obligatorescht Walrecht. Wéi steet et mam Interesse vun eise Matbierger par rapport zur „res publica"?

Wann ee kuckt, wéi wéineg eis Matbierger iwwert d'politescht Liewe Bescheed wëssen, kënnt een net derlaanscht, sech d'Fro ze stellen, ob d'Politik iwwerhaapt nach en Zougang zum Bierger fënnt. Op där anerer Säit développéiert sech ëmmer méi eng Form vu sozialer Exklusioun an eng gewëssen Apathie virun der uewe genannter „res publica". Assistéiere mer net ëmmer méi un enger Kris vun den nationale Wäerter, déi sech och fokaliséiert op d'Schwieregkeet vu ville Matbierger, Auslänner opzehuelen? Gott sei Dank kenne mir an eisem Land nach keng oppe Friemefeindlechkeet a keng extrem Rietsparteien, wéi dat an eisen Nopeschlänner de Fall ass, mä nach muss ee sech d'Fro stellen, ob dëst net mat engem gewëssene Wuelstand, dee mer kennen, zesummenhänkt.

D'Conceptioun vum sougenannten Etat de la Nation ass enk liéiert un d'Demokratie. Wat sinn déi nei Forme vun Demokratie, déi mer mussen an Zukunft unerkennen, fir déi Changementer vum sougenannten Etat de la Nation ze acceptéieren?

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Här President, ech wëll eppes soen zum Reglement

M. le Président.- Ja?

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Här President, ech hunn näischt dogéint, wann e Rapporteur éischtens emol e bëssen iwwer seng Zäit geet, mä mëttlerweil ass den Här Mosar 15 Minutte vun deenen 20, déi en hat, iwwer seng Zäit an e polemiséiert do mat Leit a mécht net de Rapport aus der Kommissioun.

Dat geet net, Här President! Mir hunn e Reglement, dat gesäit 20 Minutte vir! Dann hätt sollen d'Fraktioun oder d'Kommissioun froe fir Modell 4 ze kréien an net Modell 2! Dat do geet einfach net, an hie kann och net - obschonn hien en Discours gehalen huet, dee vläicht éischter senger Partei zousteet - d'Minutte vu senger Fraktioun beanspruchen. Dat geet net, Här Mosar!

Hätt Der net polemiséiert an e sachleche Bericht gemaach, dann hätt Der net elo bal 100 Prozent iwwerschratt! Här President, dat do geet net!

(Interruptions)

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.-* Här Krecké, ech hunn hei keng Polemik gemaach. . .

Une voix.- Da loosst dach de President schwätzen!

M. le Président.- Wat Der sot, ass am Prinzip richteg, mä op där anerer Säit hu mer bis elo ëmmer toleréiert, dass de Rapporteur en Deel vun där Zäit, déi seng Partei zur Verfügung hat, konnt beanspruchen.

Dir sot: Wann hien net polemiséiert hätt. Abee, ech sinn och domat d'accord, dass een als Rapporteur net soll polemiséieren,. . ..

Plusieurs voix.- Ah!

M. le Président.- . . .mä et geet dem Här Mosar net besser wéi lech oder engem anere vun eis. Och wann ee Rapporteur ass, et kann net ëmmer jiddfereen aus senger Haut goen. Ech wëll awer all Rapporteur soen, si solle sech an Zukunft strictement un déi Aufgab halen, déi se ze erfëllen hunn, an dat ass de Rapport vun der Kommissioun erëmzeginn.

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.-* Här President, ech sinn an enger Minutt fäerdeg.

Wann de Multiculturalisme offizialiséiert gëtt an d'Membere Rechter kréien als Member vun hirer Communautéit an net méi als einfach Bierger, stelle sech heiraus dräi fundamental Froen:

1. Wann d'Demokratie baséiert um System vun der Majoritéit, wat geschitt an Zukunft mat deene Communautéiten, déi kee Walrecht hunn, besonnesch am Hibléck op deen ominéisen 700.000-Awunner-Stat?

2. Riskéiert net d'national Solidaritéit oder dat soziaalt Gefill iwwerhaapt vu gewëssene Communautéiten a Fro gestallt ze ginn?

3. Tëschent all deene Communautéiten, déi an Zukunft vum Stat wëllen unerkannt ginn, riskéiert de System vun de Quoten - an ech schwätzen elo hei net vun de Quoten tëschent Männer a Fraen - net, d'Fräiheet an d'Gläichheet vun de Mënschen a Fro ze stellen an eng Hierarchie tëschent de Bierger ze schafen?

Alles dëst, Dir Dammen an Dir Hären, si Froen, déi sécherlech iwwert de Projet de loi vun haut erausginn, déi awer enk mat de Froe vun der Nationalitéit zesummenhänken. Dat Gesetz, dat mir haut hei stëmmen, ass e wichtegt Gesetz, dat op vill mä net op all d'Froen eng Äntwert gëtt. D'Diskussioun iwwert d'Nationalitéit ass sécherlech mam Dag vun haut net ofgeschloss a si muss an deenen nächste Méint a Jore viru gefouert ginn, wëlle mir och an Zukunft d'sozial Kohesioun ënner all de Bierger, Lëtzebuerger an Auslänner, assuréieren. Nëmmen eng réusséiert Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger wäert an Zukunft dës Kohesioun garantéieren.

An deem Sënn géif ech lech dann och bieden, dësem Projet de loi, deen e wichtege Bäitrag zu enger besserer Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger ass, Är Zoustëmmung ze ginn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Patrick Santer agedroen. Den Här Santer huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Patrick Santer *(CSV).-* Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech soe mengem Fraktiounskolleeg, dem Här Laurent Mosar, merci fir säi ganz ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport.

An deene leschte Méint a Wochen, wou intensiv um neien Nationalitéitegesetz geschafft ginn ass, si ganz oft Wierder wéi Jus sanguinis a Jus soli gebraucht ginn. Wat heeschen, respektiv wat implizéieren dës Wierder?

Wann een d'Nationalitéitegesetzer vun deene verschiddene Länner ënnert d'Lupp hëlt, gëtt et zwou Manéieren, fir d'Nationalitéit vun de physesche Persounen ze déterminéieren. Eng éischt Manéier ass de Lien du sang oder Jus sanguinis. Hei gëtt eng Nationalitéit op Basis vum Lien de filiation vu Generatioun zu Generatioun weiderginn. Den zweete Courant ass de Lien territorial oder Jus soli. Do ass déterminant, a wat fir engem Land ee gebuer ass. De Kritär vum Gebuertsland ass den Haaptfacteur, fir d'Statsbiergerschaft ze déterminéieren. Dobäi kënnt nach ganz dacks eng gewëss Openthaltsdauer an dësem Land.

Déi franséisch Revolutioun huet de Jus soli als e feodalen Iwwerbleibsel condamnéiert, an dat zu Gonschte vum Jus sanguinis.

Wéi gesäit d'Situatioun haut aus? Déi klassesch Immigratiounslänner, wéi z. B. Frankräich, Kanada an d'Vereenegt State vun Amerika, applizéieren haaptsächlech Prinzipie vum Jus soli. Si vertrieden d'Opfaas-

sung, dass kulturell Ënnerscheeder keng Hindernisser sinn, fir hir Nationalitéit ze kréien. D'Preferenz fir de Jus sanguinis besteet an deene Länner, déi e staarken Auswanderungstaux hunn an hir Nationalitéit op Basis vum Lien de filiation un déi spéider Generatioune wëlle weiderginn.

Zu Lëtzebuerg ass de Jus sanguinis opkomm vum Moment un, wou de Wëllem den Zweeten de Lëtzebuerger 1841 déi éischt Verfassung ginn huet. Bis haut dominéiert de Jus sanguinis am Lëtzebuerger Nationalitéiterecht. Am Laf vun der Zäit sinn e puer kleng Korrekture bäikomm, déi vum Jus soli inspiréiert goufen. Mir halen awer bis haut zu Lëtzebuerg um Prinzip vum Jus sanguinis fest. Ech mengen, dass dëse Prinzip sech an eisem Land bewährt huet a sech weider bewähre wäert.

Während der Diskussioun vum Projet de loi an der Commission juridique sinn aus de Reie vu verschiddenen Oppositiounsparteien an aneren Organisatioune Fuerderungen opkomm, fir de Jus soli an eisem Nationalitéiterecht méi staark ze berücksichtegen oder souguer de Jus sanguinis ganz ofzeschafen. Am Spezifeschen ass z. B. gefuerdert ginn, fir Kanner, déi zu Lëtzebuerg op d'Welt komm sinn an auslännesch Elteren hunn, automatesch an d'office déi Lëtzebuerger Nationalitéit ze ginn. Meng Fraktioun war mat deene Fuerderungen net averstanen a refuséiert den Automatismus tëscht der Gebuert zu Lëtzebuerg an der Lëtzebuerger Statsbiergerschaft.

Mir sinn der Iwwerzeegung, datt d'Lëtzebuerger Nationalitéit d'Resultat vun enger Adhésioun muss sinn, déi en connaissance de cause getraff gëtt. Si däerf kengem imposéiert ginn, dee si net ausdrécklech wënscht. An anere Wierder musse mir verhënneren, dass Leit d'Lëtzebuerger Statsbiergerschaft octroyéiert kréien, déi se net wënschen, respektiv déi d'Bewosstsinn net hunn, dass si Lëtzebuerger gi sinn.

Et ass incontestabel, dass Kanner net d'Maturitéit hunn, fir sech en connaissance de cause fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit auszespriechen. An der Hypothees, wou een hinnen automatesch d'Lëtzebuerger Nationalitéit bei der Gebuert géif ginn, kann et spéider sinn, z. B. wa si erwuesse sinn, datt si eis Nationalitéit guer net wënschen a léiwer déi auslännesch Nationalitéit, also d'Nationalitéit vun hiren Elteren, hätten. Dofir wär et an eisen Ae falsch, fir de Kanner vun auslänneschen Elteren, déi an eisem Land gebuer sinn, eng automatesch Lëtzebuerger Statsbiergerschaft ze ginn.

D'Nationalitéit gëtt vun der Jurisprudenz vun der Cour internationale de Justice als e Lien de droit tëscht de Persounen an engem Stat definéiert. Si ass eng Institutioun, déi eng gewëss Verflichtung an och vill Rechter op politeschem, wirtschaftlechem a sozialem Niveau mat sech bréngt. Dofir ass eng Nationalitéit en ze wichtegen Akt, fir liichtfankeg bradéiert oder gehandhabt ze ginn. D'Lëtzebuerger Nationalitéit muss och an Zukunft u verschidde Konditioune gebonne bleiwen. Et ass awer och wouer, dass déi auslännesch Matbierger, déi eis Nationalitéit wëllen unhuelen, eng fair Chance mussen hunn, fir naturaliséiert ze ginn, respektiv fir eis Nationalitéit iwwert d'Optioun kënnen ze kréien. Ech sinn der Iwwerzeegung, dass de Gesetzesprojet, deen haut virläit an iwwert dee mir ofstëmmen, e grousse Fortschrëtt duerstellt.

Ech erënneren drun, datt bis elo d'Naturaliséierung eng Residenzdauer zu Lëtzebuerg vun zéng Joer virausgesat huet. Dës Residenzdauer gëtt substantiell erofgesat andeem se op fënnef Joer festgesat gëtt. Mat deene fënnef Joer si mir villméi large wéi déi meescht aner Länner. Ech wëll drun erënneren, dsss Länner wéi Däitschland, Italien an d'Schwäiz en Délai vun 8-12 Joer fuerderen.

D'Contrepartie vun dëser Faveur ass, dass d'Kandidate fir eis Statsbiergerschaft och eng Contributioun musse leeschten. Si musse sech an ausräichendem Mooss zu Lëtzebuerg integréiert hunn. E ganz wesentleche Facteur vun dëser Integratioun sinn d'Basiskenntnisser vun eiser Sprooch. Ech gesinn net, wéi een an eisem Land um associative Liewen deelhuele kann oder wëllt, wann een emol keng rudimentaire Kenntnisser vun eiser Sprooch huet. Dat selwecht gëllt fir an der Fonction publique kënnen ze schaffen oder d'politescht Liewe kënnen ze verstoen. Ech wëll net, datt d'Lëtzebuergescht eng Sprooch vun enger Elite gëtt. Ech wëll, datt eis Sprooch, déi mam Gesetz vum 24. Februar 1984 eis Nationalsprooch ass, weiderhin e staarken, wann net de stäerksten Integratiounsmoyen bleift, ob eis auslännesch Matbierger wëlle Lëtzebuerger ginn oder net. Dowéinst sinn ech an och d'CSV der Iwwerzeegung, datt d'Sproochekonditioun voll justifizéiert ass.

Ech drécken awer och mäi Wonsch aus a si gudder Hoffnung, datt eis Regierung an Zukunft massiv an d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch wäert investéieren. Domat kann een d'Lëtzebuerger Nationalitéit nach méi wäit fir eis auslännesch Matbierger opmaachen.

E weidere wichtege Fortschrëtt ass um Niveau vun der Optiounsprozedur gemaach ginn. Bis elo war et esou, datt een d'Optiounsdeklaratioun nëmmen tëschent dem Alter vun 18-25 Joer konnt maachen. Mat där Reform fält dësen Délai ganz ewech. Dat heescht, d'Optiounsprozedur ass zu all Moment méiglech.

Den Här Mosar huet weider Beispiller développéiert, op déi ech net brauch anzegoen, an déi Der a sengem schrëftleche Rapport kënnt noliesen.

Ofschléissend wëll ech soen, datt dës Reform generéis ass, well si den Accès zur Lëtzebuerger Nationalitéit substanziell erliichtert, a si ass och méi generéis, wéi Verschiddener dat wëlle menge loossen. Dowéinst

drécken ech meng Hoffnung aus, datt dës wichteg Reform eng breet Zoustëmmung an der Chamber wäert fannen.

Am Numm vu menger Fraktioun ginn ech déi ganz breet Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass de Kolleeg Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här President, mir hunn et hei mat engem Projet ze dinn, dee vun der Regierung an der Majoritéit als generéis verkaaft gëtt. Den Här Mosar, deem ech meng Unerkennung wëll ausdrécke fir säi schrëftleche Rapport, mat deem ech zwar net an alle Punkten d'accord sinn, mä ech erkenne gären un, dass en do eng ganz interessant a wichteg Aarbecht gemaach huet, huet den 31. Mee an engem Interview am Lëtzebuerger Wort behaapt, et wier dat „mit am grosszügigsten ausgerichtete Gesetz in der Europäischen Union".

D'Fro ass allerdéngs a mengen Aen net, ob mer am Schéinheetsconcours mat anere Länner gewannen, mä ob et e Gesetz ass, dat onser Situatioun hei zu Lëtzebuerg ugepasst ass.

De Koalitiounsaccord tëschent DP an CSV - mir kennen ons Klassiker - hat dës Reform an Aussicht gestallt. Dobäi waren dräi Neierungen annoncéiert ginn, nämlech d'Erofsetze vun der Openthaltsdauer vun zeng op fënnef Joer, d'Aféiere vun enger Sproochekonditioun an d'Gratuitéit vun der Prozedur.

An dem Statsminister senger Ried vum 12. August 1999 - en anere Klassiker - stong den Abschnëtt ënnert dem Kapitel: Fir eng oppen a participativ Gesellschaft. Dozou huet de Statsminister gesot: „Mir hätte gär, datt eis Gesellschaft méi participativ gëtt, datt an hir alleguer déi, déi wëlle matmaachen, och matschwätzen a matentscheede kënnen.

Net all, mä vill Net-Lëtzebuerger, déi bei eis wunnen a liewen, géife gäre méi a méi séier matmaachen. Anstatt eng Debatt iwwert d'duebel Nationalitéit lasszetrieden, déi mer eis aus ville Grënn erspuere sollen, wëlle mer d'Konditioune fir Lëtzebuerger ze ginn erliichteren".

Dës Zitater weisen, dass de Regierungsprogramm eng fortschrëttlech Reform wollt.

Déi wichtegst a schwieregst Fro bei esou enger Reform ass sécher déi, wat d'Kritäre solle sinn, fir Lëtzebuerger ze ginn. Oder anescht gesot: Muss ee Lëtzebuerger sinn, fir Lëtzebuerger ze ginn? Oder kann a soll d'Naturalisatioun engem Friemen hëllefen, Lëtzebuerger ze ginn?

Nach mat anere Wierder: Ass d'Naturalisatioun d'Endstatioun vun der Integratioun, oder ass et e Mëttel zur Integratioun?

Wann ech dem Statsminister seng Ried vum 12. August 1999 richteg interpretéieren, da wollt d'Regierung erliichtere fir Lëtzebuerger ze ginn. Am Sënn vun enger participativer Gesellschaft sollte méiglechst vill Auslänner Lëtzebuerger kënne ginn.

Ech kann dee Wëllen net am Projet erëmfannen. Fir de Justizminister ass d'Erlaange vun der Lëtzebuerger Nationalitéit „l'aboutissement ultime de l'intégration", dat heescht, sollen d'Auslänner „totalement assimilés" sinn. Dat heescht, dass fir hien nëmmen dee Lëtzebuerger ka ginn, dee scho Lëtzebuerger ass.

Fir ons Sozialisten, Här President, ass d'Naturalisatioun e Mëttel um Wee, fir sech ze integréieren. Dofir muss een d'Integratioun souwuel virun der Naturalisatioun wéi och duerno encouragéieren a geziilt förderen.

Grad esou wichteg ass och fir ons de Respekt virun der Kultur an der Sprooch vun den Auslänner, déi bei ons wunnen. Dofir hu mir an der Kommissioun virgeschloen, net vun Assimilatioun, mä vun Integratioun ze schwätzen, wat d'Kommissioun jo och ugeholl huet.

Assimilatioun ass d'Resultat vun engem laange Prozess. Integratioun ass de Prozess. Ech mengen, an enger oppener, multikultureller Welt, an engem Europa mat der europäescher Biergerschaft sinn déi intern Kohesioun, grad wéi d'Offenheet no bausse gläich wichteg.

Wann een d'Gesetz genee analyséiert - an ech hunn dat wierklech am Detail gemaach, fir deenen Absichte Rechnung ze droen, déi dra sinn -, mierkt een d'Hésitatiounen an d'Onkloerheeten. D'Lëtzebuerger solle géint d'Gefor vun der Iwwerfriemung rassuréiert ginn. D'Generositéit vis-à-vis vun den Auslänner soll ofgeschwächt ginn duerch méi streng Kritäre vun der Integratioun.

Et weist sech hei alt erëm, dass wéi bei villen anere Froe mat gesellschaftspoliteschem Hannergrond, dës Koalitioun eigentlech eng konservativ Politik mécht, dass se de Courage vun deene fortschrëttleche Virsätz, déi se am Summer 1999 geholl huet, net méi huet.

Wann ech dat neit Nationalitéitegesetz analyséieren, da begréissen ech selbstverständlech eng Partie technesch Verbesserungen, wéi zum Beispill d'Harmoniséierung vun der Optiouns- an der Naturalisatiounsprozedur an eng Rei bürokratesch Vereinfachungen.

Ech wëll mech awer a mengen Ausféierungen op folgend sechs Punkte konzentréieren:

1. d'duebel Nationalitéit,
2. d'Residenzdauer,
3. d'Fro vun de Sproochen,
4. fir eng Dosis droit du sol an onsem Nationalitéiterecht,

5. Dérogatiounen zum Régime général,

6. d'Fro vun der Natur vun der Naturalisatiounsprozedur.

1. D'duebel Nationalitéit

D'LSAP hat sech an hirem Walprogramm vun 1999 kloer fir d'duebel Nationalitéit ausgesprach. Et ass fir ons e Mëttel, de Pays réel an de Pays légal méi no ze bréngen, dat heescht, méiglechst vill Leit, besonnesch och Bierger aus der Europäescher Unioun, dozou ze kréie Lëtzebuerger ze ginn.

Et ass net gutt, wann ëmmer méi Leit hei wunnen an ëmmer manner Leit Wieler a politesch aktiv Bierger sinn. Mir wëllen, fir mam Här Juncker ze schwätzen, eng participativ Gesellschaft fir méiglechst vill, keng exklusiv Gesellschaft.

Vill Bierger, besonnesch aus EU-Länner, déi bei ons wunnen, zécken hir eegen Nationalitéit opzeginn a Lëtzebuerger ze ginn. D'duebel Nationalitéit géif sécher eng Partie vun hinnen dozou beweegen d'Lëtzebuerger Nationalitéit unzehuelen. Dëst ass am Interesse vu Lëtzebuerg.

Kuwaitesch Zoustänn musse mer verhënneren, wa mer eng Gesellschaft vu mündegen an aktive Bierger wëllen. Lëtzebuerg huet augenblécklech 440.000 Awunner, dovunner ongeféier 230.000 Wieler. Mat 800-1.000 Naturalisatiounen an Optioune pro Joer geet dës Schéier ëmmer méi wäit ausenaner, an ech mengen, dat wier net gesond.

D'CSV huet sech grondsätzlech och fir d'duebel Nationalitéit ausgeschwat. Mir hunn elo éinescht de Rapporteur, den Här Mosar, gehéiert. Hien huet an engem Interview am Lëtzebuerger Wort gemengt: „Persönlich vertrete ich die Ansicht, dass kein Weg an der doppelten Staatsbürgerschaft vorbei führt".

An och am Lëtzebuerger Wort vum 14. Juni 2001 gëtt iwwer eng Pressekonferenz vun der CSV zum Nationalitéitegesetz gemellt mat engem Titel: „CSV: Grundsätzlich Ja zum Doppelpass". Domat ass och de Statsminister vum 12. August 1999 widdersprach, dee sech iwwregens och da selwer widdersprach huet, well no engem Bericht vum 30. Juni am Lëtzebuerger Wort huet hie sech och bei sengem Pressebriefing ausdrécklech fir d'duebel Nationalitéit ausgeschwat.

Wéi esou oft gëtt och hei d'CSV sech e fortschrëttleche Mäntelchen an hiren Aussoen, mä si handelt konservativ. An der Commission juridique huet d'Majoritéit, d'DP an d'CSV, ënnert der Féierung vum Här Mosar an dem Bäisëtz vum Här Frieden, zweemol e Vote géint d'duebel Nationalitéit huele gelooss.

Déi Gréng hunn d'duebel Nationalitéit och gewollt, an ech hunn esouguer Stëmmen an der DP gehéiert, déi sech dofir ausgeschwat hunn.

Et gëtt also eng Majoritéit an der Chamber fir d'duebel Nationalitéit, an dach ass an dësem Gesetz näischt geschitt.

Mir mengen, dass dat e gravéiernde politesche Feeler vun der Majoritéit ass. Wéi de Generalsekretär vun der CSV oder den Här Mosar eng Entschëllegung fir déi Ënnerloossung gesicht hunn, si formal a juristesch Froen opgeworf ginn, déi selbstverständlech bestinn, mä dann hätt een déi misse virdru léisen.

Esou Reforme wéi déi hei vum Nationalitéitegesetz, Här President, widderhëlt een net all puer Joer, och net wéinst der Rechtssécherheet. Mir hunn déi lescht Reform 1986 gemaach a mir maachen elo, 15 Joer duerno, eng aner Reform, an ech mengen also, dass d'Geleeënheet, fir d'duebel Nationalitéit anzeféieren, elo fir eng Partie Joren, wann net Jorzéngte verpasst ass.

2. d'Residenzdauer

Dëst ass eng Modifikatioun, op déi d'Regierung an hir Majoritéit net wéineg houfreg sinn, zu Onrecht menge mer. Dës weltëmstierzend Generositéit ass bei geneeër Analys eigentlech vill wéineger grouss.

Fir d'éischt däerf künfteg d'Naturalisatioun eréischt ugefrot ginn, wann déi fënnef Joer Residenz eriwwer sinn, wat bei 10 Joer net de Fall war. Do konnt ee scho seng Demande virdrun erareechen, well jo gewosst war, dass d'Prozedur souwisou op d'mannst zwee Joer géif daueren. Déi reell Residenzdauer war also scho manner wéi 10 Joer.

Déi nei Regelung bréngt mat sech, dass bei déi fënnef Joer, nach zwee, oft dräi a véier Joer dobei kommen, jee nodeem wéi laang den Dossier dauert. Mir sinn da bei siwe bis néng Joer fir Lëtzebuerger ze ginn. Et änert sech also an der Praxis wéineg, wann net iwwerhaapt näischt.

D'Ursaachen, firwat dass dat esou laang dauert, hänken ënner anerem och mam Personalmangel am Justizministère zesummen. Do sinn ech mat de Virriedner d'accord, dass, wann déi Vereinfachungen, déi an dësem Gesetz sinn, sollen en Effet hunn, muss méi Personal an deem Service agestallt ginn.

Wann et also fënnef Joer, wierklech nëmme fënnef Joer solle sinn, da muss d'Regierung sech ganz aner Mëttele ginn, fir d'Naturalisatiounen ze behandelen. D'LSAP huet, wéi de Statsrot iwwregens och, derfir plädéiert, dass d'Demande en naturalisation ee Joer virum Oflafe vun der Residenzdauer kënnt agereecht ginn. Och dëst huet d'Majoritéit ofgelehnt.

3. d'Fro vun der Sprooch

D'Sozialiste sinn der Meenung, dass d'Sprooch e wichtegt Element vun Integratioun ass an zwar an deem Sënn, dass se erlaabt, sech an der Gesellschaft erëmzefannen.

Zu Lëtzebuerg ass dat, wat mer Sprooch nennen, net eng eenzeg Sprooch, mä e komplexe System vun dräi Sproochen, dee seng Avantagen an Désavantagen huet, mat deem och vill Leit net ëmmer eens ginn, mä op dee mer, besonnesch no baussen, esou houfreg sinn.

Wichteg bei der Beuertelung vun der Integratioun an onser Gesellschaft ass dofir d'Beherrsche vum Sproochesystem insgesamt. Fir Politik zum Beispill ze maachen, geet et net duer, dass ee Lëtzebuergesch kann, et ass klor, dass all déi Leit, déi heibannen an der Chamber sëtzen, dee gesamte Sproochesystem vun dräi Sprooche beherrschen.

Bis elo ass bei der Beuertelung vun den Demanden, souwuel am Gemengerot wéi an der Chamber, gekuckt ginn, ob ee säi Liewensënnerhalt kënnt bestreiden, ob een d'Regelen an d'Gesetzer vum Land respektéiert, ob ee sech sproochlech erëmfënnt. D'Sprooch war also een Element vun enger Partie Elementer, déi a Rechnung gezu goufen. Wat soll elo änneren?

D'Positioun vun der Regierung war an hirem Projet - ech beruffe mech just op Texter, déi ech gelies hunn an déi ech kann interpretéieren -, dass en neie Lëtzebuerger eng vun den dräi offizielle Sprooche soll kënnen. Wann e kee Lëtzebuergesch kann, muss e beweisen, dass e lëtzebuergesch Coure besicht huet.

(Interruption)

Ech soe just, wat am Text vun der Regierung steet.

D'Positioun vun der Chambermajoritéit - déi elo an engem Amendement vum Här Mosar am Gesetzesprojet ass -, ass, dass ee Franséisch oder Däitsch anstänneg muss kënnen a Basiskenntnisser vu Lëtzebuergesch muss hunn, an déi beweisen duerch en Zertifikat oder duerch aner Dokumenter.

An de béide Positiounen, souwuel vun der Regierung wéi vun der Majoritéit, seet den Text ganz klor, dass d'Beherrsche vum Sproochesystem an Zukunft d'Haaptelement vun der Integratioun soll a muss sinn. „Notamment" steet am Text, souwuel an deem vun der Regierung wéi vun der Majoritéit vun der Kommissioun.

De Statsrot huet sech zweemol, am éischten Avis an am Avis complémentaire, ganz intensiv mat där Sproocheklausel ausenanergesat. Ech zitéieren deen Text, well ech fannen e wichteg: „Le Conseil d'Etat est d'avis qu'il n'y a pas lieu de faire des connaissances linguistiques le critère déterminant pour l'appréciation de l'assimilation d'un étranger sollicitant l'acquisition de la nationalité luxembourgeoise."

Et ass duerchsiichteg genuch, firwat d'CSV-DP-Majoritéit, iwwregens mam Sekurs vum ADR, déi Sproocheklausel aféiere wëllt. Och hei ass d'Doppelzüngegkeet grouss. Vis-à-vis vun de Frieme gëtt gesot, dëst Gesetz géif an der Praxis keng wesentlech Änderunge bréngen. Dora bestäerke mech Aussoen entre autre vun der CSV-Spëtzt selwer. Mir hu se de Mëtteg souguer gehéiert. Den Här Mosar huet et selwer gesot. En huet gesot, et kënnt ee sech allméiglech Zertifikater, zum Beispill och déi vum Patron virstellen, an et géife sech an der Praxis keng Problemer stelle fir d'Beweise vu Lëtzebuerger Sproochekenntnisser, vis-à-vis vun de Lëtzebuerger wéilt een awer d'Lëtzebuergertum géint d'Gefor vun der Iwwerfriemung retten.

D'LSAP, Här President, huet an der Kommissioun den Text vum Statsrot als Amendement proposéiert, an ech widderhuelen hei deen Text: „L'intégration s'apprécie selon la condition" - et gëtt jo ganz verschidde Leit, déi froen, fir Lëtzebuerger ze ginn - „entre autre au regard de la connaissance des langues prévue par la loi de 1984".

Fir de Statsrot a fir ons ass d'Sprooch een Element vun enger Partie Elementer, e wichtegt sécher, mä net dat eenzegt Haaptelement, wéi d'Regierung an d'Majoritéit et wëllen. Et muss d'Méiglechkeet bleiwen, bei der Beuertelung vun der sproochlecher Kompetenz flexibel ze sinn. Eng Flexibilitéit iwwregens, an den Här Mosar huet et d'éinescht gesot, déi am Gesetz dran ass.

Wann ech den Exposé des motifs vum Projet kucken, do steet dann: „Conscient du fait que des cas de rigueur risquent toujours de se poser, la proposition de l'article 7, 4°, doit se conjuguer avec celle faite au nouveau avant-dernier alinéa de l'article 7 tel que proposé". Dat heescht, d'Gesetz erlaabt Ausnahmen op der Sproocheklausel ze maachen. Firwat also net vu vireran en Text maachen, deen dës Flexibilitéit kloerstellt. Alles, wat dëst Gesetz awer fäerdegbréngt, ass, menger Ansicht no, eng grouss Rechtsonsécherheet ze schafen op justement dem Punkt vun der Sprooch. Begrëffer nämlech wéi „connaissances de base", oder „connaissances actives et passives", oder „connaissances suffisantes", déi am Gesetz, am Exposé des motifs oder am Rapport vum Här Mosar stinn, sinn extrem vague an onprezis. Mat esou Begrëffer riskéiert een eng grouss Bandbreet vun eenzelne Jugementer ze kréien, wann een ufänkt, besonnesch a Grenzfäll, also net a klore Fäll selbstverständlech, wëllen ze tranchéieren.

Net klor ass, wien dann d'Sproochekenntnisser, déi elo determinant fir d'Nationalitéit ginn, jugéiere soll. Ass dat wéi bis elo de Rapport vun der Police? Mat allem Respekt fir d'Police, mengen ech net, dass si dee beschten Examinateur a Sproochefroen ass, wuelverstanen erëm eng Kéier, wann et wierklech Grenzfäll sinn, net wann et klor ass, dass dee Betreffenden, Mann oder Fra, Lëtzebuergesch kann, mä wann et ee Grenzfall ass. Mir mengen och, dass amplaz iwwert d'Gesetz nei Barrièrë géint d'Integratioun opzeriichten, solle mer Brécke bauen. Esou eng Bréck ass an onsen Aen eng Sproochepolitik.

Dat modernt Lëtzebuerg huet sech bis elo ni d'Mëttele vun enger Sproochepolitik ginn, déi den Zesummenhalt vun onser Gesellschaft duerch eng optimal sproochlech Kommunikatioun zu Lëtzebuerg géif encouragéieren. Dozou gehéiert, do sinn ech mam Här Mosar d'accord, eng intensiv Offer vu Lëtzebuergeschcouren, och op der Aarbechtsplaz, mä och vu Franséisch- an Däitschcoure fir Erwuessener, déi nei op Lëtzebuerg kommen, erëm am Sënn vun der Kenntnis vum Sproochesystem.

De Centre de langues huet 10.000 Demandë vu Leit, déi Lëtzebuergesch wëlle léieren, mä keng Enseignanten a keng Raimlechkeeten. Zu enger Sproochepolitik gehéiert och eng koherent Approche, wéi mer onse Sproochesystem an der Schoul behandelen. Lëtzebuergesch ass an der Schoul, ob dat d'Primärschoul ass oder de Secondaire, nach ëmmer parent pauvre gewiescht an ass et och nach haut. A wa mer elo Franséisch oder Däitsch an der Division supérieure vum Secondaire ofbauen, ass dat net koherent mat der Attitude, déi mer an dësem Gesetz wëlle förderen. A wa mer eng franséisch Alphabetisatioun géifen niewent déi däitsch Alphabetisatioun setzen, wat jo am Regierungsprogramm steet, ass dat och kontradiktoresch mat onsem Beméien, all Leit op onse Sproochesystem anzeschwieren. A wa mer d'Kanner vum Alter vun dräi Joer am Enseignement précoce wëllen op d'Lëtzebuergescht trimmen, da musse mer wëssen, dass dat och e wichtegt Element ass vun der Sproochepolitik, mat deem mer koherent musse sinn.

Mir wollten, fir ons Préoccupatiounen an deem Zesummenhank auszedrécken, eng Motioun abréngen, déi ech kuerz wëll exposéieren.

Mir constatéiere fir d'éischt, dass et eng grouss Demande vu lëtzebuergesche Coure vun deenen Auslänner gëtt, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen a wunnen.

Mir constatéieren, dass de Centre de langues Schwieregkeeten huet, fir där Demande ze entspriechen.

Mir constatéieren d'Wichtegkeet vum Lëtzebuergesche fir d'Cohésioun vun onsem Land.

Mir constatéieren och d'Noutwendegkeet vun enger Sproochepolitik, déi koherent an effikass ass, fir d'Kommunikatioun an d'Integratioun an onsem Land ze sécheren.

Mir froen dofir d'Regierung

- dem Centre de langues déi noutwendeg Moyenen ze ginn, fir där Demande ze entspriechen;

- Etuden a Recherchen „en vue du développement de matériel et de méthodes pédagogiques en langue luxembourgeoise" ze maachen:

- eng allgemeng koherent Sproochepolitik ze maachen.

Motion 3

La Chambre des Députés

- considérant la demande élevée de cours de luxembourgeois de la part de nombreux étrangers habitant et travaillant à Luxembourg;

- considérant les difficultés du Centre de langues à répondre à cette demande;

- considérant l'importance de la langue luxembourgeoise pour la cohésion de notre pays;

- considérant la nécessité d'une politique des langues cohérente et efficace pour faciliter la communication et assurer l'intégration des étrangers vivant parmi nous,

demande au Gouvernement

- d'assurer au Centre de langues les moyens nécessaires pour répondre à la demande sans cesse plus importante,

- d'encourager les études et les recherches en vue du développement de matériel et de méthodes pédagogiques en langue luxembourgeoise,

- de mener, dans tous les domaines concernés, une politique des langues cohérente.

(s.) Ben Fayot, Mady Delvaux-Stehres, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer, Georges Wohlfart, Marc Zanussi.

4. eng Dosis Droit du sol

Véierte Punkt, deen ech behandele wollt, ass d'Fro vun dem Droit du sang oder Droit du sol. Meng Fraktioun hat Amendementer abruecht, fir eng Dosis Droit du sol an d'Gesetz anzeféieren. Déi Dosis hätt dora bestanen, dass een, deen zu Lëtzebuerg gebuer ginn ass, deen ee Lëtzebuerger Elterendeel huet, deen do gewunnt huet, deen an d'Schoul do gong an do grouss ginn ass, automatesch Lëtzebuerger ka ginn. Dëst géif vill Kanner vun der sougenannter zweeter Awandergeneratioun d'Acquisitioun vun eiser Nationalitéit erliichteren.

Den Droit du sol, menge mir, drängt sech och bei ons op, well hei vill Kanner vun Auslänner op d'Welt kommen an hei bleiwen. D'Majoritéit vun der Kommissioun war domat net d'accord „pour le motif, qu'elle estime qu'il y a lieu de maintenir le système actuel du jus sanguinis" - dat war souwéisou ni a Fro gestallt duerch onsen Amendement -, a seet weider „qu'il est par ailleurs inopportun de mélanger les deux systèmes", wat duerch d'Realitéit, den Här Mosar huet et selwer gesot, widderluegt ass, well mer schonn eng Portioun Droit du sol hunn, wéi zum Beispill am Artikel 1.2 oder am Artikel 2.3: „L'enfant né dans le Grand-Duché de parents apatrides." Och am Rapport vum Här Mosar gëtt entre autre d'Gebuert um Territoire als ee vun de Facteure fir d'Acquisitioun vun der Nationalitéit genannt.

Op där anerer Säit muss ech awer och froen: Wëllt den Här Arméiminister Goerens Net-Lëtzebuerger an d'Arméi ophuelen a se iwwert dee Wee zur Lëtzebuerger Nationalitéit féieren? Wat ass dat anescht wéi och eng Aart Droit du sol?

Och hei ass d'Rechthaberei vun der Majoritéit, hire Refus fir d'Saachen en fonction vun deem, wat zu Lëtzebuerg passéiert, unzehuelen, flagrant.

5. Dérogatiounen zum Régime général

Fënnefte Punkt, déi sougenannt Circonstances exceptionnelles. De Projet gesäit am Artikel 7 zwee nei Alinéaen, 3° a 4°, vir, déi allenzwee erlaben, eng Partie vun de Konditioune vun der Naturalisatioun ausser Kraaft ze setzen, engersäits, an anerersäits engem Auslänner fir extra Servicer d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze ginn. Nom Alinéa 3° vum Artikel 7 kann d'Chamber op eng oder op méi vun de Konditioune vun deem Artikel verzichten.

Ech hu schonn am Zesummenhank mat der Sproocheklausel op dëse Knätschgummiparagraph higewisen. Perséinlech fannen ech esou eng Klausel net gutt, well se d'Dier fir allméiglech Faveure kann opmaachen. No Artikel 4 kann d'Naturalisatioun engem Friemen, deen ausseruerdentlech Verdéngschter fir Lëtzebuerg huet, zouerkannt ginn ouni Condition de résidence. De Statsrot freet: Sinn et Services rendus, à rendre oder einfach emol eng Kéier ze erwaarden?

Wéi de Commentaire seet, sollen déi Bestëmmungen, an do si mir selbstverständlech dermat d'accord, an Zukunft wéi an der Vergaangenheet ganz restriktiv gehandhaabt ginn. Et wär interessant gewiescht, emol eng Zuelenopstellung ze hunn, wéivill där Fäll et an de leschte Jore ginn huet. Jiddferee kennt déi Ausnahmen, déi fir Sportler gemaach gi sinn, a jiddferee weess och, dass dës eigentlech bei de Lëtzebuerger ni extra gutt gesi waren. Dofir muss sech d'Chamber an Zukunft och seriö Froe stellen, ier se dës Méiglechkeete gebraucht. Si däerf op jidde Fall net blann all Propositioune vun der Regierung an deem Sënn iwwerhuelen, mä kritesch hannerfroen, wat et mat deene Propositiounen op sech huet.

6. d'Fro vun der Natur vun der Nationalisatiounsprozedur

E sechste Punkt ass vun onse grénge Kolleegen opgeworf ginn, déi gesot hunn: Soll d'Naturalisatioun eng legislativ oder eng administrativ Prozedur sinn? Si sinn der Meenung, et soll eng administrativ Prozedur sinn. Mir sinn der Meenung, dass d'Naturalisatioun och weider vum Parlament décidéiert gëtt. Och de Gemengerot soll sech weider driwwer ausschwätzen. Eng administrativ Prozedur hätt zwar den Avantage, dass dogéint kënnt e Recours ageluegt ginn. Mir sinn awer och der Meenung, dass een d'Natursalisation net en fin de compte vun den Tribunäl soll décidéiere loossen.

A wat d'Parlament ugeet, wou jo d'Commission juridique fir d'Naturalisatiounen zoustänneg ass, muss et sech Mëttele ginn, déi Prozedur, géint déi et jo kee Recours gëtt, ganz exakt ze behandelen, besonnesch zum Beispill en vue vun där Sproocheklausel, déi elo agefouert gëtt.

Et geet hei ëm Entscheedungen, déi d'Schicksal vu Mënsche betreffen a gréisst Suergfalt ass do ubruecht.

Här President, fir ofzeschléissen: Fir ons ass dëst Gesetz e schlecht Gesetz. Et bréngt ons net virun um Wee vun enger Gesellschaft, déi méiglechst vill Leit, déi hei wunnen, schaffen, Kanner erzéien, hir Steiere bezuelen an zu onsem Räichtum bäidroen, integréieren an zu vollwäertege Lëtzebuerger Bierger maache soll.

Dëst Gesetz verpasst d'Geleeënheet, d'duebel Nationalitéit anzeféieren. Dëst Gesetz ass eng Mogelpakkung wat d'Erofsetze vun der Residenzdauer ugeet. Et verpasst d'Geleeënheet, duerch eng Dosis Droit du sol déi zweet an déi drëtt Awanderergeneratioun, déi lëtzebuergesch ass, zu Lëtzebuerger ze maachen. Et schaaft Sproochebarrièren amplaz Sproochebrécken ze schloen. Et schaaft Rechtsonsécherheet, eben duerch déi iwwerspëtzte Sproocheklausel.

Dofir stëmme mir géint dëst Gesetz, well et ausser administrativer Vereinfachung kee politesche Fortschrëtt duerstellt.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Agny Durdu agedroen. D'Mme Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Fir d'éischt wëllt ech dem Rapporteur merci soe, fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport.

D'Gesetz iwwert d'Nationalitéit ass eent vun deene wichtegste Gesetzer iwwerhaapt am Land. Firwat? Mä d'Nationalitéit hänkt mat der Souveränitéit zesummen. Als souveräne Stat kann de Lëtzebuerger Stat festleeën, ënner wéi enge Konditiounen eng Persoun un d'Nationalitéit kënnt. Et ass dofir och net erstaunlech, wann een an de Medie gesäit, wéi laang schonn dëst Thema an deene leschte Wochen diskutéiert an och wéi intensiv et diskutéiert ginn ass.

Ech wollt an deem Zesummenhank just ënnersträichen, dass déi Diskussioun a kengem Fall zu iergendwelchen auslännerfeindleche Remarke gefouert huet an dat muss och esou bleiwen.

Am Géigendeel, dës ganz Diskussioune goufen ëmmer an deem Geescht gefouert, dass mer duerch d'Änneruung vun dësem Gesetz probéieren deenen Auslänner, déi bei eis liewen an déi wëlle Lëtzebuerger ginn, souwäit wéi méiglech entgéintzekommen, och wann d'Meenungen iwwert déi Ëmän-

nerungen, déi mer gemaach hunn a wéi mer dat mengen ze maachen, auserneeginn.

Eng Natioun setzt sech zesummen aus Individuen, déi gemeinsam Facteuren deelen, wéi zum Beispill d'Geschicht, d'Kultur an eng gemeinsam Sprooch ënner anerem. D'Auslänner si bei eis nach ëmmer als Beräicherung fir eis Kultur ugesi ginn an eis Geschicht ass jo, Gott weess, vun den Auslänner staark geprägt ginn. Hei zu Lëtzebuerg ass et haut souguer esou, dass d'Auslänner am Fong geholl hir Kultur matbréngen an datt aus der Vermëschung vun hirer an eiser Kultur eng dauernd evolutiv Gesellschaft entsteet. Dës Gesellschaft evoluéiert och nach an Zukunft konstant an dauernd.

Duerch d'Nationalitéitegesetz gëtt dëse gemeinsame Facteuren eng juristesch Komponent ginn an et ass deemno wënschenswäert, dass de juristesche Volet souwäit wéi méiglech mat de gemeinsame Wäerter iwwerenee stëmmt.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Fir ze mierke wéi wichteg d'Nationalitéitegesetz ass, muss ee sech nach eng Kéier virun Ae féieren, watfir eng Konsequenzen d'Nationalitéit fir all Bierger huet. Während et um nationalen Niveau virun allem drëm geet fir eng ganz Rei vu Rechter an och Flichten ze kréien, déi d'Auslänner net hunn, bréngt den Octroi vun der Nationalitéit awer och gewësse Konsequenzen um nationalen Niveau mat sech. Op där enger Säit profitéieren d'Leit vun der Protection diplomatique vun deem Land, deem seng Nationalitéit se droen an op där anerer Säit kann de Stat fir seng Bierger seng international Responsabilitéit engagéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech begréissen et, datt duerch d'Modifikatioun vum bestehende Gesetz déi zwou Prozeduren, dat heescht, souwuel d'Naturalisatioun wéi och d'Optioun, vereinfacht ginn an dass hir Modalitéiten elo harmoniséiert ginn.

Esou kann ee sech elo an där Gemeng, wou ee wunnt, mellen, fir d'Prozedur vun der Naturalisatioun oder vun der Optioun ze engagéieren. Och brauch ee fir d'Naturalisatioun elo net méi eng express Acceptatioun vun der Naturalisatioun vum Demandeur an et ass deemno och net méi néideg fir den Datum vun der Acceptatioun am Mémorial ze publizéieren.

Eng weider wëllkommen Ännerung ass ouni Zweifel awer och, dass déi zwou Prozeduren elo gratis sinn. Ech erlabe mer awer op dëser Plaz eng Remarque ze maachen, déi och scho vun aneren Orateure gemaach ginn ass. Dat ass, datt mer musse Verbesserunge virhuelen an no anere Weeër sichen, fir d'Prozedure vun der Naturalisatioun an der Optioun ze kierzen. D'Prozedur vun der Naturalisatioun dauert nämlech am Moment 1½ bis 2 Joer. Anerer sote jo heibannen 3 bis 4 Joer, während et bei der Optioun 10 bis 15 Méint sinn.

Eng vun de Méiglechkeete fir d'Prozedur ze verkierze wär zum Beispill zousätzlecht Personal am Ministère de la Justice ze rekrutéieren, well mir wollten am Gesetzestext net esou wäit goen, fir carrément fir déi zwou Prozedure méi prezis Délaien an den Text ze schreiwen.

Natierlech bleift awer am neie Gesetz nach ëmmer d'Obligatioun bestoen, dass d'Naturalisatioun vun enger Persoun schlussendlech duerch d'Chamber décidéiert gëtt, während d'Optioun duerch eng Décisioun vum Minister geholl gëtt.

Ech fannen et wichteg, datt d'Chamber weider dës Prerogativ behält. Iwwregens ass dat och am Artikel 10 vun eiser Konstitutioun virgesinn. Déi wichtegst Ännerungen, déi elo am Nationalitéitegesetz vun 1968 virgeholl ginn, ass eng däitlech Reduktioun vun der Zäit, déi ee muss zu Lëtzebuerg verbruecht hunn, fir kënnen d'Naturalisatioun unzefroen. Déi Zäit geet nämlech elo op fënnef Joer erof, wat d'Halschent vun där Zäit ass, déi mer bis ewell haten, nämlech zéng Joer.

Am Verglach mat aneren europäesche Länner leie mer net schlecht. Frankräich freet fënnef Joer, Däitschland an Italien zéng Joer, d'Schwäiz der souguer 12, ausser d'Belsch, déi am avantagéisten ass mat dräi Joer.

Mä wann d'Bierger sech fir d'Optioun entscheeden, da gëtt hinnen hir Situatioun vereinfacht. D'Deklaratioun fir d'Optioun muss nämlech elo nët méi tëschent dem 18. an dem 25. Liewensjoer agereecht ginn, mä et steet de Leit elo fräi, no hirem 18. Gebuertsdag zu all Moment d'Optioun unzefroen. Dës Modifikatioun ass ouni Zweifel eng Hëllef fir alleguer déi Leit, déi eréischt no hirem 25. Gebuertsdag op Lëtzebuerg kommen a fir de Surplus awer d'Konditioune vun der Optioun erfëllen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Duerch d'Ëmännerung, déi elo am Gesetz virgeholl gëtt, ass et manifestement méi einfach fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit duerch Naturalisatioun ze kréien. D'Naturalisatioun definéiert sech duerch déi individuell Attributioun vun der Nationalitéit un en Auslänner, deen esou eng Demande mécht.

D'Naturalisatioun erméiglecht et engem Stat, fir Auslänner, déi sech op sengem Territoire wëllen definitiv installéieren, gewësse Rechter a Flichten ze ginn, vun deem Moment u wou déi Persoun net méi wëllt an hiert Heemechtsland zréckgoen a wou se sech an hirem Adoptivland eigentlech ganz gutt erëmfënnt an och definitiv do integréiert.

Gewëss ass et bei der Naturalisatioun ëmmer déiselwecht Fro, déi erëmkënnt. Si ass ewell vum Ben Fayot opgeworf ginn. Steet d'Naturalisatioun als Ufank oder als Ofschloss vun der Integratioun vun engem

Auslänner an eng Gesellschaft? Bis ewell, mengen ech, wor d'Tendenz hei am Land fir ze soen, dass d'Naturalisatioun ganz no beim Ofschloss vun der Integratioun ass, op alle Fall villméi no wéi beim Ufank vun der Integratioun.

Dat Gesetz vun haut bréngt Erliichterunge vun den Exigenzen, déi en Auslänner muss matbréngen, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien. Mir ginn also e bësse méi wäit ewech vun där Iddi Ofschloss vun der Integratioun, mä et bleiwen nach ëmmer Konditiounen ze erfëllen.

Mir hunn an der Kommissioun gemengt, mir dierften d'Lëtzebuerger Nationalitéit net bradéieren, an et wier eist Recht a vläicht souguer och eis Flicht, fir dass déi Leit, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit wëlle kréien, och gewësse Konditioune mussen erfëllen.

D'Konditioun vun der Sproochekenntnis huet fir vill Diskussioune gesuergt. D'Froen, déi dat resuméieren, si folgend:

1. Ass d'Sprooch deen eenzege Bewäis vun enger effektiver Integratioun, respektiv vun engem reellen Integratiounswëllen an eng Gesellschaft?

2. Watfir eng Sprooch muss ee kënne fir opgeholl ze ginn?

3. Watfir eng Plaz huet dann elo méi spezifesch déi Lëtzebuerger Sprooch an dëser Integratiounsskala?

Ass et zevill verlaangt, dass d'Naturalisatiounskandidate mindestens eng vun eisen offizielle Sprooche gutt praktizéieren an eng gewësse Connaissance de base vum Lëtzebuergeschen hunn?

Wéi wichteg ass eng Sprooch fir eng Gesellschaft? Wéi wichteg ass eis Sprooch eis hei am Land?

Am Allgemengen ass eng Sprooch nach ëmmer déi beschte Méiglechkeet, fir sech an enger friemer Gesellschaft anzeliewen. E bësse provokativ stellen ech lech d'Fro: Stellt lech emol vir, Dir gitt a China. Méiglech ass et dës Leit ze verstoen natierlech iwwert déi englesch Sprooch. Mä wann ee wierklech wëllt laang a China bleiwen a wann ee wierklech géing wëllen dohanne ganz laang bleiwen, wann een déi Leit wëllt wierklech verstoen an hiren Iwwerleeungen, an hirem ganzen Dosinn, ech mengen, da bleift engem net ganz vill aneschtes iwwreg wéi hir Sprooch ze léieren.

Elo soe mer wahrscheinlech ganz vill Leit heibannen: China ass awer vläicht kee ganz gutt Beispill. Éischtens wëlle mer emol iwwerhaapt net dohinner goen an zweetens ass dat Land esou grouss, datt dat sech imposéiert.

(Interruptions diverses)

Dofir stellen ech d'Fro: Ass et dann net grad fir e Land wéi Lëtzebuerg, dat esou kleng ass, ëmsou méi wichteg, fir déi Facteuren, déi et huet an déi et zesummenhält, fir déi Kritären ëmsou méi ze exigéieren an ze prônéieren, wann et ëm d'Nationalitéit geet?

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Et huet nach ni een de Contraire gesot!

Mme Agny Durdu *(DP).-* Da sinn ech awer berouegt.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Dann hutt Der mer net nogelauschtert, Mme Durdu.

Mme Agny Durdu *(DP).-* Dach, mä ech mengen och an eisem Land ass nach ëmmer déi beschten Integratioun déi, wann een eis Sprooch schwätze kann, respektiv se wéinegstens verstoe kann.

M. Jean Asselborn *(LSAP).-* Mme Durdu, et ass awer net einfach Lëtzebuergesch ze liesen!

Mme Agny Durdu *(DP).-* Dach, et ass ganz einfach Lëtzebuergesch ze liesen.

(Interruptions diverses)

All Lëtzebuerger huet Rechter a Flichten, an esou soll a muss all Lëtzebuerger sech och zu engem gewëssene Grad um politesche Liewe bedeelegen. Wéi soll awer eng Persoun ouni lëtzebuergesch Kenntnisser kënnen eng Walcampagne suivéieren oder d'Debatten an der Chamber verstoen?

Falls déi betreffend Persoun sech da wëllt selwer aktiv an eiser Politik engagéieren, ass et menger Meenung no wichteg, datt se déi Lëtzebuerger geschichtlech Hannergrënn kennt an dass se weess, wéi se soll déi lëtzebuergesch sozial Komponente verstoen, wéi hiren Origine ass.

Duerch d'Gesetz vum 24. Februar 1984 ass d'Lëtzebuergescht als eng offiziell Sprooch unerkannt ginn a si verbënnt eis Lëtzebuerger iwwerall op der Welt. Et ass wichteg, dass mir dëse gemeinsame Patrimoine mat eisen neien an zukünftege Bierger deelen an zesumme mat hinne Lëtzebuerg kënne representéieren.

D'Participatioun um soziale Liewen hei zu Lëtzebuerg, ouni d'Kenntisser vun der Lëtzebuerger Sprooch, ass och staark beanträchtegt.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Da gitt emol an e Footballclub!

(Interruptions diverses)

Mme Agny Durdu *(DP).-* Ech sinn am Football net esou schrecklech bewandert. Ech weess dofir och net wien d'Presidente vun deenen eenzelne Veräiner sinn.

Ech wollt bei dëser Debatt nach ee Punkt opwerfen, dee mer opgefall ass, wéi déi Debatten iwwert d'Sproocheproblematik waren. An zwar wëllt ech erënneren un den Débat iwwert d'Ecole d'intégration. Deemools hunn all Parteien an all Interlocuteuren d'Meenung ausgedréckt, dass Lëtzebuerg sollt als Langue véhiculaire erhale bleiwen. Si sollt natierlech kee Facteur d'exclusion méi sinn an de Schoulma-

tièren, mä si wier awer, krute mer gesot, e Facteur d'intégration an d'Gesellschaft.

Ech sinn der Meenung, dass wa mer engersäits déi Diskussioun féieren iwwer eis Ecole d'intégration, a wa mer elo géifen hei beim Nationalitéitegesetz op d'Sprooch verzichten, dass dat en Hiatus an de Räsonnementer vu gewësse Leit ass, well genau déiselwecht Leit, déi sech bei der Ecole d'intégration esou fervent agesat hu fir d'Lëtzebuerger Sprooch, mengen, dass dës Sprooch awer keng Wichtegkeet méi hätt, oder mir solle se net als Kritär zréckbehale bei der Naturalisatioun.

Ech sinn der Meenung, dass d'Plaz vun eiser Sprooch nach eng Fro ass, déi an deenen nächste Joren immens vill wäert évoluéieren. Dofir sinn ech der Meenung, dass wa mer elo zu dësem Zäitpunkt an dësem Gesetz soen, dass d'Connaissance de base vum Lëtzebuergesche wichteg ass fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, muss ech awer soen, genau wéi beim Débat d'orientation, dass dat eng Diskussioun ass, där ee muss nogoen an déi een all Joer soll nei féieren, fir der Evolutioun an den Exigenze vun der Gesellschaft Rechnung ze droen.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här President, ech wollt eng Fro stellen, well ech hunn d'Impressioun, wéi wann d'Mme Durdu mech net richteg verstanen hätt, wéi ech mäin Exposé zu de Sprooche gehalen hunn.

Ech hu kloer gesot am Numm vun der sozialistescher Fraktioun, dass d'Sprooch och e Mëttel vun Integratioun ass.

Den Ënnerscheed tëschent lech an eis, dat ass jo, datt Dir aus der Sprooch e „Critère déterminant" maacht, souzesoen deen eenzege Kritär. Liest den Text vum Här Mosar sengem Amendement an den Text vum Här Frieden sengem Projet de loi.

(Interruptions)

M. le Président.- Mme Durdu, Dir kënnt virufueren.

Mme Agny Durdu *(DP).-* Här Fayot, ech deelen Är Meenung net, weder vun deem, wat ech gesot hunn, nach vun deem, wat am Gesetzestext steet. Well do steet: Et ass notamment e Facteur d'intégration, op dee mir och als Chamber a ganz bestëmmte Circonstancë konnte renoncéieren, esou datt ech der Meenung sinn, datt dat net deen eenzege Facteur d'intégration ass. A mengem Discours hunn ech ëmmer erëm gesot: Et ass net nëmmen d'Sprooch, déi e Land oder eng Gesellschaft ausmécht, mä et si ganz vill aner Facteuren, déi do matspillen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Modifikatioun vum Gesetz iwwert d'Nationalitéit ännert par contre näischt um Grondprinzip, nodeem bei eis d'Nationalitéit duerch de Jus sanguinis iwwerdroe gëtt. De familiäre Milieu ass deen éischte Facteur, fir engem Mënsch seng Personalitéit ze forméieren. D'Persoun léiert do hir Mammesprooch, hir Coutumen, hir Relioun an hir éischt Denkweis ze entwéckelen. Deemno ass d'Filiatioun incontestablement e Critère d'attribution vun der Nationalitéit, an d'Lëtzebuerger Gesetz huet bis ewell ëmmer nëmmen dësem Kritär oder a grousser Majoritéit ëmmer nëmmen dësem Kritär Rechnung gedroen.

Wat elo de Volet vun der duebeler Nationalitéit ugeet, wollt ech just soen, datt mir als Majoritéitsparteien an der Commission juridique gesot hunn, datt mir der Meenung wären, datt mir an dësem Text elo mol dës Méiglechkeet net wëllen aféieren an och net wëllen abordéieren. Natierlech hu mir eis an der DP schonn intensiv mat där Problematik vun der duebeler Nationalitéit ausenaner gesat. An der Perspektiv vun engem 700.000-Awunner-Stat, dee sech aus engem groussen Deel aus Net-Lëtzebuerger wäert zesummesetzen, ass et wichteg, fir déi Méiglechkeeten ze fannen, fir dës Leit souwäit wéi méiglech an d'Liewen zu Lëtzebuerg mat anzebannen.

Mir hunn an der Chamber eng speziell Kommissioun agesat, déi sech mat där Problematik vun der Integratioun hei zu Lëtzebuerg soll auserneesetzen. Vu datt déi duebel Nationalitéit virun allem déi Leit betrëfft, déi hei op Lëtzebuerg kommen, ass dës Kommissioun, menge mir, en ideale Forum, fir do iwwert déi duebel Nationalitéit ze schwätzen.

D'Kolleege vun der grénger Fraktioun hate proposéiert, fir de ganzen Débat iwwert d'Nationalitéit eréischt no Ofschloss vun den Aarbechte vun dëser Commission spéciale Immigration ze féieren. Och d'DP, net nëmmen d'CSV, huet deemools net fir dës Approche gestëmmt, well et eng Verzögerung wär a mir als Partei der Meenung waren, datt duerch dat neit, trotz allem grosszügegt Gesetz vun der Nationalitéit elo méi Leit konnte Lëtzebuerger ginn a mir déi Méiglechkeet sollen esou séier wéi méiglech a Gang setzen.

Mä ech mengen, mir sollen am Kader vum Débat iwwert d'Immigratioun de Volet vun der duebeler Nationalitéit behandelen. Trotzdem erlaben ech mir, e puer Wuert iwwert déi duebel Nationalitéit ze verléieren. Doduerch datt mir de Leit d'Méiglechkeet bidden, fir niewent hirer eegener Nationalitéit nach déi Lëtzebuerger Nationalitéit unzehuelen, stelle sech elo eng Rei Froen, an déi muss een op jiddfer Fall am Detail klären a léisen, ier ee seet: Mir kreéieren dës Méiglechkeet. Wéi ass et mat engem Auslänner senge politesche Rechter a Flichten hei am Land, deen hei no e puer Joer déi zousätzlech Lëtzebuerger Nationalitéit kritt? Et muss een och d'Fro stellen iwwer eventuell Prioritéiten tëschent deenen zwou Nationalitéiten. Wann een esou eng Approche hëlt oder erausfënnt, datt dat eng vun de Konsequenzen ass, da muss ee se trotzdem am Detail diskutéieren a léisen, ier ee seet: Mir féieren déi duebel Nationalitéit an, well do sinn nach eng ganz Rei Problemer hannendrun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et war nach ëmmer esou - an dat wäert och nach an Zukunft esou bleiwen -, datt Lëtzebuerg e Land ass, wou am Fong geholl d'Leit alleguerten a priori wëllkomm sinn. Mir sinn op zu deene Leit, déi sech hei wëllen etabléieren, a mir probéieren, hinne souwäit wéi méiglech entgéint ze kommen. Deemno sinn d'Änneruungen, déi elo duerch d'Modifikatioun vum Nationalitéitegesetz ugeholl ginn, ganz sécher e Schratt an déi richteg Richtung. Mir sollten awer deene Leit, déi definitiv d'Lëtzebuerger Nationalitéit wëllen unhuelen, gewëss Konditioune stellen.

Zu dësem Zäitpunkt wëllt ech nach eng Kéier ënnersträichen, fir ze soen, datt déi Kandidaten, déi mir ophuelen, op d'mannst eng vun deenen offizielle Sprooche solle kënnen aktiv praktizéieren an eng Connaissance de base am Lëtzebuergeschen hunn. Wat de Choix vun der Nationalitéit betrëfft, sinn ech mir bewosst, datt dat natierlech e Choix ass, wann een op seng Nationalitéit verzicht, an et ass e Choix, deen een nëmmen eng Kéier a sengem Liewe mécht. Mä et ass awer och e Choix, deen eendäiteg beweist, datt een eng nei Hemecht fonnt huet, an där ee sech wuel fillt, an een elo do wëllt liewen.

Et weist, datt ee sech integréiere wëllt oder schonn integréiert ass, datt een d'Coutumen, d'Sproochen, d'Gebräicher, d'Geschicht an d'Kultur vun deem neie Land unerkennt. Natierlech ass et awer och esou, datt d'Integratioun vun där eegener Kultur, déi ee matbréngt, eng Beräicherung fir déi nei Hemecht wäert sinn. Aus dëse Grënn ënnerstëtzen ech dëse Projet de loi a bréngen och den Apport vu menger Fraktioun. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den nächsten Orateur ass den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt um Ufank vu menger Interventioun fir d'éischt op d'Virgeschicht vun dësem Projet de loi agoen. Den 12. Oktober d'lescht Joer huet de Regierungsrot e Projet de loi adoptéiert, dee konform war zu der Regierungserklärung, wou dra stoung, datt eng vun deenen dräi zu Lëtzebuerg acceptéierte Sproochen - entweder Franséisch, Däitsch oder Lëtzebuergesch - kéint acceptéiert ginn, fir d'lëtzebuergesch Nationalitéit unzehuelen.

Ufanks November ass eng Polemik entstanen op Basis vun enger Stellungnahm vum ADR, dee sech géint de Projet ausgeschwat hat, wann déi Lëtzebuerger Sprooch net géif obligatoresch ginn. Mir hu gesinn, datt Enn November den CSV-Nationalcomité virgeschloen huet, déi Lëtzebuerger Sprooch als Naturaliséierungskritär zréckzebehalen, an dat ass festgehale ginn an engem Communiqué, dee publizéiert ginn ass de 4. Dezember d'lescht Joer.

Doropshin ass de Projet de loi amendéiert, guttgeheescht an hei an der Chamber déposéiert ginn. Dat sinn déi Donnéeën, déi offiziell virleien, sou wéi mir Berichter aus der Press kritt hunn. Den ADR ass frou, datt sech d'CSV, d'DP an och d'Regierung anescht beduecht hunn, wéi dat ufanks de Fall war a si dat am Regierungsprogramm festgehalen haten, an déiselwecht prinzipiell Haltung wéi den ADR an dëser Fro zréckbehalen hunn.

Negativ Reaktiounen op dee modifizéierte Projet de loi iwwert d'Nationalitéitegesetz hunn net laang op sech waarde gelooss.

(Interruptions)

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.-* Här President, wou sinn déi Amendementen, vun deenen den Här Henckes do schwätzt?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Här Minister, ech wëll lech just nure soen, datt se nom Briefing vum 12. Oktober vum Regierungsrot an der Press publizéiert goufen, wou dra stoung, datt zu Lëtzebuerg de Critère de nationalité ënnert där Konditioun géif spillen, datt een eng vun deenen dräi administrative Sproochen zu Lëtzebuerg géif zréckbehalen. Ech kann also just nuren op dat zréckgräifen, wat déi gesamt Press hei am Land publizéiert huet.

(Interruptions)

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.-* Dat Wesentlecht ass de Projet de loi an net d'Zeitungsberichter iwwer eppes, wat diskutéiert gëtt am Regierungsrot. E Projet de loi ass eréischt e Projet de loi, wann e vun der Regierung a senger definitiver Form ofgeseent gëtt, wann e vum Grand-Duc zum Dépôt fräiginn an an der Chamber déposéiert gëtt. Ech wëll dem Här Henckes just soen, datt dee Projet de loi eng Kéier déposéiert an ni vun der Regierung amendéiert ginn ass.

Ech soen lech merci.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Här Justizminister, ech weess, Dir sidd e ganz spëtzfëndege Jurist, mä hei schwätze mir awer och e bësse vu Politik. Ass et esou, datt de Statsminister „Brach" schwätzt, fir hei Ausdréck ze gebrauchen, déi mol fréier vun engem fréiere Minister benotzt gi sinn, an Deklaratioune mécht, déi net richteg waren? Ech gleewen net! Ech kennen den Här Statsminister. Wann hien an enger Pressekonferenz sou Aussoe mécht, dann huelen ech un, datt dat och d'Décisioun vun der Regierung war.

Ech si mam Justizminister d'accord, wann hie seet, datt duerno dat zielt, wat hei an der Chamber déposéiert ginn ass, mä ech soe just nure meng Satisfactioun iwwert dat, wat hei geschitt ass. Mä ech erlabe mir awer och, op déi kleng Virgeschicht hinzeweisen. Wéi dee Projet de loi iwwert d'Nationalitéitegesetz hei déposéiert ginn ass, hunn natierlech ganz hefteg Reaktiounen dorop stattfonnt, well verschidde Leit gesinn hunn, datt dat net am Aklang mam Regierungsprogramm stoung. Mä peu importe! Ech

mengen, en lertum, deen ee gemaach huet, kann ee jo ëmmer agesinn an eng aner Politik maachen. Et gesäit een, datt d'sozialistesch Kolleegen, déi Gréng an d'Kommunisten a verschiddene Formen a Varianten hiren Neen zum Projet gesot an déi éischt Versioun vum Projet verteidegt hunn, wou déi Lëtzebuerger Sprooch net obligatoresch, mä nuren eng Méiglechkeet war.

Erstaunlech ass, datt déi wesentlech Neierung am Gesetz, nämlech d'Erofsetze vun der Dauer, wou ee muss am Land wunnen, vun zéng op fënnef Joer bal net kommentéiert gouf, well se vun alle Parteie gefuerdert gi war bei de leschte Walen. Den ADR hat dës Fuerderung a sengem Walprogramm stoen, mä mir haten awer och gesot, datt mir eng Konditioun un dës Reduktioun bannen, nämlech d'Kenntnisser an der Lëtzebuerger Sprooch.

An enger Zeitung, déi de Sozialisten nosteet, konnt een dëser Deeg liesen, datt eng Ëmfro zu Lëtzebuerg am Kader vum Eurobarometer erginn huet, datt bal 60 % vun de Lëtzebuerger mengen, datt déi Lëtzebuerger Sprooch lues a lues an engem erweiderten Europa géif ausstierwen. D'Fro vun de lëtzebuergesche Kenntnisser vun deem, deen d'Lëtzebuerger Nationalitéit wëll ufroen, ass zur politescher Kärfro bei dësem Projet de loi ginn. Et ass dofir wichteg, op dës Problematik anzegoen. D'Sozialisten, déi Gréng an d'Kommuniste mengen et sécherlech gutt, wa si d'Lëtzebuerger Sprooch als Kritär, fir déi lëtzebuergesch Nationalitéit unzefroen, als zweetrangeg ugesinn a mengen, datt de Sproochekritär d'Integratioun vun den Auslänner kéint erschwéieren, respektiv verhënneren.

Erlaabt mir, dës Analys an domat dës Schlussfolgerungen net ze deelen, eng aner Analys ze maachen an domat zu anere Schlussfolgerungen ze kommen. 62 % vun de Salariéë sinn Net-Lëtzebuerger; 37 % vun de Leit, déi hei am Land wunnen, sinn Auslänner, 57 % souguer an der Haaptstad, an a ville Schoule kann ee soen, datt 60 % vun eise Kanner d'Lëtzebuerger Nationalitéit net hunn. D'Tendenz ass steigend. An der Vergaangenheet war Lëtzebuerg en Integratiounsland. Et soll et och bleiwen. Déi nei Lëtzebuerger, mä och - dat muss een ervirsträichen - d'Studenten, déi op auslännesch Universitéite ginn, hunn eisem Land vill Positives bruecht, well dat, wat aus dem Ausland komm ass, huet eis beräichert.

Op alle Bänken hei an der Chamber gëtt gesot, am Enseignement an an de Betriber wären d'Sproochecouren e wichtegen, wann net dee wichtegsten Integratiounsfacteur. Firwat soll op eng Kéier dëse Prinzip, wann et ëm d'Naturaliséierung geet, net méi wichteg oder manner wichteg sinn? D'Naturaliséierungsrecht muss dat bleiwen, wat et bis elo an der Geschicht war, nämlech d'Mëttel, fir d'Integratioun fir d'Leit aus anere Länner an anere Kulturen ze encouragéieren. Wa vill Auslänner déi Lëtzebuerger Nationalitéit ufroen a Lëtzebuergesch schwätze kënnen, dann heescht dat, datt d'Integratiounspolitik e Succès war.

Vill diskutéiert ass och hei an der Chamber ginn iwwert den Droit du sol, de Jus soli, an den Droit du sang, de Jus sanguinis.

Ech géing soen, dat elei ass eng juristesch ganz interessant Debatt, mä et ass eng secondaire Debatt. Wichteg ass et, dass d'Leit, wa se wëllen d'Lëtzebuerger Nationalitéit huelen, wëlle Lëtzebuerger ginn, wëlle Lëtzebuerger sinn, wëlle Lëtzebuerger bleiwen, an dass se ënnert Lëtzebuerger mat anere Lëtzebuerger an därselwechter Sprooch sech kënnen ënnerhalen. Wichteg ass och, dass si ons Institutiounen, d'Rechter an d'Flichten, déi fir all Lëtzebuerger Bierger gëllen, acceptéieren.

Wann et muss sinn, kann ee beispillweis mat 18 Joer fräi entscheeden. Ech wäert herno och nach op de Problem vun der duebeler Nationalitéit agoen.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här Henckes, Dir sidd jo scho laang am Gemengerot an Dir sidd och scho laang an der Chamber, wou Dir an der Commission juridique sidd. Et ass jo net fir d'éischt, wou Der dra sidd. Ech wollt lech froen, ouni dass Der elo Geheimnisser verrot, ob Der an Ärer bisheriger Praxis déi Prinzipien, déi Dir hei gesot hutt, och esou applizéiert hutt, wann et ëm Naturalisatioune gaangen ass?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).*- Mir hu bis elo eng Gesetzgebung gehat, wou mer gekuckt hunn, dass d'Leit Lëtzebuerger Sproochekenntnisser sollten hunn. Ech mengen, dass mer och gesinn hunn, dass déi Integratioun, wéi mer se gewollt hunn, dass déi an alle Fäll gi wor, well dofir sinn och, esou wäit, wéi ech et konnt mierken, déi meescht Naturalisatiounen à l'unanimité gestëmmt ginn.

Hei ass eng wesentlech Neierung, déi kënnt, an dat ass d'Reduzéierung vun der Zäit, wou een zu Lëtzebuerg wunnt. Ech huelen un, dass, wann ee fënnef Joer hei am Land wunnt, den Effort fir Lëtzebuergesch ze léieren e bësse méi grouss muss sinn, wéi wann een innerhalb vun 10 Joer déi Naturalisatioune virhëlt.

Erlaabt mir och, Här Fayot, en historesche Vergläich ze maachen tëschent deem ale griicheschen Athen, d'Wéi vun onser Demokratie, an der Situatioun wéi mer se hei zu Lëtzebuerg an an Europa kennen.

D'Athener, déi haten all Rechter an all Flichten. Da gouf et d'Griichen, déi hate ganz staark Deeler vun deene Rechten a Flichten, an et gouf eng drëtt Zort d'Métèquer, déi haten déi Rechter net, a wann een elo de Vergläich mat der heiteger Situatioun mécht, da gesäit een, dass d'Lëtzebuerger all Rechter a Flichten hunn, dass d'Membere vun der Europäescher Unioun een Deel vun deene Rechter a Flichten hunn, an dass Net-EU-Bierger manner Rechter hunn, mä wa se an d'Land kommen, hu se e gudden Deel vun deene Rechter och.

Déi demokratesch Prinzipien, déi demokratesch Institutiounen, déi demokratesch Organisatiounen, déi virun 2500 Joer bestanen hunn, hunn hire Wäert behalen. Si si permanent modifizéiert ginn, adaptéiert ginn, mä et fënnt ee se ëmmer erëm. Alternative kann ee sech virstellen an diskutéieren. Eng Alternativ kënnt déi sinn, dass een hei zu Lëtzebuerg de Prinzip géing zréckbehale vum Babeltuerm. Souguer wann ee wéineg Bibelkenntnisser huet, weess een, dass dat zu engem Chaos geféiert huet.

Deen zweete Wee ass dee vun der Ënnerdréckung vun de Sproochen, esou wéi dat an der fréierer Sowjetunioun war. Mir hunn d'Resultat gesinn, zu wat dat gefouert huet.

En drëtte Wee ass deen, deen Amerika ons gewisen huet. Ech huelen d'Beispill vun New York, wou verschidde Kulturen a Sproochen an enger Stad bestinn, mä et gesäit een awer, dass d'Amerikaner och eng eenzeg Sprooch hu mat där se sech kënne matenaner verstännegen.

D'Bild vun engem Lëtzebuerg, wou et géing verschidde Buerge ginn, kultureller a sproochlecher Natur, schéngt mer net e Bild ze sinn, ënnert deem ech mir d'Lëtzebuerg vu muer kënnt virstellen. Et entsprécht net menger Liewensopfaassung, et wier e falscht Bild, mä d'Lëtzebuerger Sprooch ass e wesentlechen Deel vun onser Integratiounspolitik.

Ech si mat all deenen d'accord, déi soen, dass mer d'Lëtzebuergescht an de Schoule musse méi favoriséieren. Do ass jo eng grouss Eenegung op alle Bänken. Mir sinn och der Meenung, dass d'Lëtzebuergescht muss méi ugebuede ginn. D'Leit mussen an de Betriber d'Sprooch kënnen erléieren. Se mussen déi och gratis kënne léieren.

D'Lëtzebuergescht gëtt och gebraucht, wa Leit wëllen an d'Fonction publique antrieden. Och do muss ee festhalen, dass déi ablécklech Reglementatioun virgesäit, dass ee muss en Examen oral an an der Praxis souguer en Examen écrit virhuelen. Et muss een 3/5 vun de méigleche Punkte kréien am Lëtzebuergeschen, am Franséischen an am Däitschen. Et ass esouguer virgesinn, dass ee Gewerkschaftler däerf déi Exame kontrolléieren a kucken, ob alles richteg geschitt.

Wann een elo higeet an et géing een de Kritär vum Lëtzebuergeschen net méi als obligatoresch virgesinn, da géing ee gesinn, dass op eng Kéier d'Kluft tëschent deenen, déi an d'Fonction publique kënne kommen an deenen anere Lëtzebuerger ëmmer méi grouss gëtt, an dat géing dozou féieren, dass et zu Lëtzebuerg Lëtzebuerger Bierger éischter Klass an zweeter Klass géing ginn. Dat ass déi falsch Politik.

(Interruption)

Ech ginn dat och zou, mä et ass awer och bei ganz villen Auslänner de Wonsch, fir an d'Fonction publique anzetrieden. Hei ginn hinne falsch Illusioune gemaach a mir mengen, dass et méi richteg ass, dass mer d'Lëtzebuerger méi no bréngen, déi all déiselwecht Sprooch schwätzen, an dofir ons Insistance op dat Lëtzebuergescht.

Dofir mengen ech och, an ech héieren och, dass vu kenger Säit hei, weder vun de Sozialisten, de Gréngen oder de Kommuniste gesot ginn ass, dass d'lëtzebuergesch Kritäre sollte bei der Fonction publique geännert ginn. Ech wëll also festhalen, dass de Prinzip selwer vum Lëtzebuergeschen déi richteg Politik ass, an dofir wäert och den ADR deem Gesetzesprojet seng Zoustëmmung ginn.

Erlaabt mer awer nach op e puer méi technesch Problemer anzegoen. Zuéischt wëll ech dem Rapporteur merci soen, dass en a sengem schréftleche wéi och a sengem mëndleche Bericht déi Iddië ganz gutt erëmginn huet, déi an der Kommissioun diskutéiert gi sinn.

Mir haten, wat dat Lëtzebuergescht ugeet, een Amendement erabruecht, wou mer en fait déi Formuléierung zréckbehalen haten, dass et géing mat engem mëndlechen Examen duergoen am Lëtzebuergeschen, mä dass och d'Méiglechkeet soll bestoen, fir niewent dem Franséischen an dem Däitschen och d'Englescht als zweet Sprooch virzegesinn, mä wann een Amendement komm wär, fir keng vun deenen zwou Sprooche virzegesinn, wier dat och nach en Amendement gewiescht, mat deem mir hätte kënnen d'accord sinn.

Den zweete Punkt ass dee vum Bewäis. Mir hu geduecht, dass et méi richteg gewiescht wier, dass een Officier de l'état civil oder säin Delegéierten an enger Gemeng en Entretien mat deenen Demandeurs en naturalisation oder en option gemaach hätt, an dass doropshin an deem Bericht, deen deen Ableck gemaach gëtt, zréckbehale gi wär, dass dat duergaange wier an déi Sproochekenntnisser bewise wären.

Ablécklech steet am Text eng aner Formuléierung. An dem Commentaire huet de Rapporteur gesot, dass een Zertifikat vum Employeur géing duergoen. Mir hoffen natierlech, dass dat elo net zu enger Farce ausaart. Dat wier net de Sënn vun dësem Gesetz.

Dat anert, wat mer wichteg fannen, dat ass, dass fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, een Deel vun der Enquête muss vun der Lëtzebuerger Police gemaach ginn, a mir dat net als déi richteg Approche ugesinn. Dofir bréngе mer och eng Motioun an, dass an Zukunft déi ganz Prozedur an der Enquête préliminaire vun de Gemengen aus soll gemaach ginn.

Motion 4

La Chambre des Députés

- considérant que dans le cadre des naturalisations, options et recouvrements le recensement des rensei-

gnements nécessaires à la vérification des conditions légales tombe dans le champ de travail de la Police grand-ducale;

- considérant que ce travail purement administratif est susceptible d'être effectué par l'officier de l'état civil respectif;

- considérant que le transfert de cette tâche a le mérite de décharger la Police grand-ducale de cette démarche administrative occupante;

invite le Gouvernement

- à étudier la possibilité d'enlever la tâche du recensement des renseignements nécessaires à la vérification des conditions légales dans le cadre des naturalisations, options et recouvrements à la Police grand-ducale et de la transférer aux officiers de l'état civil ou à leurs délégués.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp.

Zweete Problem, dee vun der duebeler Nationalitéit. Et ass evident, dass d'duebel Nationalitéit op Basis vun deene Prinzipien, déi ech virdrun erkläert hunn, fir ons och zur Debatt steet, mä et ass awer och klor, dass een net ka mat engem einfache Saz soen, dass déi duebel Nationalitéit agefouert gëtt, well si huet jo ganz vill Konsequenzen. Mir mengen, dass ee soll eng Léisung sichen an diskutéieren op Basis vun enger Recommandatioun vum Conseil de l'Europe, déi virgesäit, dass muss eng Réciprocitéit bestoen tëschent de Länner, déi dat accordéieren, an dass ee muss och d'Konditioune festleeën, wat geschitt, wann een zwou Nationalitéiten huet, souwuel wat d'Successiounen, den Droit civil, de Mariage, an esou weider, betrëfft.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Et ass also eng Debatt do ze féieren. Mir sinn op zu där Debatt a mengen och, dass et am Intérêt ass vu ville Lëtzebuerger, déi am Ausland bestuet sinn, déi do vläicht eng aner Nationalitéit ugeholl hunn, wa si och kënne vun där duebeler Nationalitéit profitéieren. Et wär vläicht an enger éischter Etapp gutt an där Hisiicht, fir d'Europäer e bësse méi no ze bréngen, dass een dat géing limitéieren op déi Länner, déi elo an der EU sinn, respektiv an d'EU kommen. Bien entendu à titre de réciprocité.

Eng aner Saach, déi mer bemierkt hunn, dat ass, dass d'Käschten op e Minimum reduzéiert gi sinn. Et gi keng Taxe méi opgehuewen, par contre froen ech mech, firwat nach all Pièce, déi am Dossier déposéiert ass, muss timbréiert ginn. Mir hu gekuckt op Basis vu wat fir engem Text, dass dat misst geschéien. Et ass mer net méiglech gewiescht, dat erauszefannen. Här Minister ech géing just nure froen, ob et da wierklech noutwendeg ass, fir déi ganz administrativ Aarbecht ze maachen, fir op all Pièce, déi an den Dossier vun der Naturalisatioun kënnt, och nach en Timber missen ze pechen?

Och musse mer méi Lëtzebuergeschcouren ubidden. Mir gesinn, dass dat oft vun den Net-Lëtzebuerger gefrot gëtt. Do misst d'Regierung en Effort maachen an déi Motioun, déi an deem Sënn virgeluegt gëtt, wäerte mir och ënnerstëtzen.

Dat gesot, bréngen ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Merci, Här President.

D'Nationalitéitegesetz ass am 20. Jorhonnert fënnefmol an dëser Chamber diskutéiert an ëmgeännert ginn. Am 21. Jorhonnert wäert den Débat vun haut sécherlech net dee leschte sinn.

D'Notioun vun der Nationalitéit, Dir Dammen an Dir Hären, ass net stabel, an déi vun hirer Uneegnung och net. Vläicht wäerte mer an e puer Jorzéngter de Lëtzebuerger Pass just nach als Récksäit vun engem europäesche Pass hunn, esou wéi mer elo Euro-Mënzen aféieren.

Vläicht wäerte mer och endlech d'Fro kënne stellen, wéi e Sënn, dass d'Konzept vun der Nationalitéit iwwerhaapt nach mécht an ob et net géint d'Mënscherechter verstéisst, wann op Grond dovunner de Stat Leit ënnerschiddlech behandelt.

Vläicht wäerte mer, esou wéi e gewëssenen Här Kant am 19. Jorhonnert scho gedreemt huet, endlech just nach Weltbierger sinn. Ëmmerhin ass d'Ënnerscheedung tëschent Nationalen a Bäigezunnenen eréischt zënter der franséischer Revolutioun gemaach ginn.

Dir Dammen an Dir Hären. Ech hu mech e bëssen domat ausenanergesat wéi d'Zuel vun den Naturalisatiounen an Optiounen an der Vergaangenheet évoluéiert huet an ech hu beim Statec nogekuckt, dee sech op déi Zuele baséiert, déi am Mémorial publizéiert ginn. Do kann ee feststellen, dass et am Fong ganz wéineg évoluéiert par rapport zu den Ufanksjore vun eisem Nationalitéitegesetz.

Mir haten 1952 fir d'éischt iwwer 200 Naturalisatiounen am Joer.

An den 90er Joren hate mer der ni iwwer 305 an 1999 hate mer der du just nach 253.

D'selwecht gesäit et aus fir d'Optiounen. Dat heescht sécherlech net, datt et net méi Dossiere gi sinn, mä et seet awer eppes doriwwer aus, datt mer zënter Joren a Jorzéngten am Fong stagnéiere mat där Zuel, obwuel datt eis Bevölkerungszuel massiv an d'Luucht gaangen ass, oder et seet, méi brutal ausgedréckt aus, dass mer mat Succès verhënnert hunn, dass sech auslännesch Leit iwwert de Wee vum Pass zu Lëtzebuerg konnten integréieren.

Wéi konnt dat goen?

1. Iwwer eng enorm laang Openthaltsdauer.

2. Iwwert de Verbuet vun der duebler Nationalitéit.

3. An dat geet iwwert d'Nationalitéitegesetz eraus, iwwer eng negativ Politik, iwwer schwéierfälleg Prozeduren, iwwer humiliant Interviewen, iwwer feelend staatlech Konzepter vun Integratioun an allgemeng eng ofleenend Haltung par rapport zum Wëlle vu Leit, fir sech op déi do Aart a Weis ze integréieren.

Dat ass ëmsou méi erstaunlech, Dir Dammen an Dir Hären, well mer zu Lëtzebuerg eng ganz speziell Situatioun hunn, well mer zënter dem Zweete Weltkrich eng Populatioun hunn, déi zueleméisseg konstant bliwwen ass, wa mer reng déi Lëtzebuerger Populatioun kucken, an dass mer am Fong just déi Zuel eropgedriwwen hunn duerch Naturaliséierung. An zënter 1975 muss een esouguer feststellen, dass och d'Kanner vun deene Leit, déi op Lëtzebuerg immigréiert sinn, net méi duerginn, fir d'Natalitéit am positive Beräich ze halen. Also bleift just nach de konstanten Zougrëff op nei Immigratioun.

D'logesch Konsequenz dovunner misst am Fong sinn oder ass och ganz kloer, dass mer mat der Zäit ëmmer méi eng grouss auslännesch Bevölkerung kréien. Amplaz dass mer géife mat där Situatioun offensiv ëmgoen, huet Lëtzebuerg ëmmer de Kapp an de Sand gestach a Saache Schoulpolitik, a Saache Wunnéngspolitik, mä awer och an deene politeschen Domäner a Saache Walrechtspolitik, wann net grad, well dat politesch gutt ukomm ass - ech denken do besonnesch un d'80er Joren - virun Iwwerfriemung gewarnt gouf.

Eng modern Integratiounspolitik oder souguer eng regelrecht Ëmfangspolitik, esou wéi se zum Beispill an Holland oder a Kanada gefouert gëtt - Kanada, dat stolz ass, datt 85 % vu sengen Immigranten naturaliséiert sinn -, huet dëse Stat dogéint net entwéckelt. An dat mécht en och net mat dësem neien Nationalitéitegesetz, dat haut hei wäert gestëmmt ginn.

Ech wëll och dofir aus dem Exposé des motifs zitéieren. Ech mengen nämlech, dass dat de Grondtenor ass vun deem Projet: „Un renforcement des conditions d'intégration est parfois nécessaire".

Et huet een d'Gefill, wéi wa mer mat e lauter däischtere Gesellen ze dinn hätten, déi wëllte mam Lëtzebuerger Pass schlëmm Saache maachen. Dobei huet d'Chamber ganz bewosst während deene leschte Joren a Jorzéngten Dossieren acceptéiert, wou Leit zum Beispill Sproocheprobleme haten, a virbäi, géif ech soen, de Rapporteur vun haut, deen déi Politik ëmmer ënnerstëtzt an acceptéiert huet. Dat wor e ganz klore politesche Choix, dee mer all zesummen hei getraff hunn, dass mer Leit naturaliséiert hunn, och wa se zum Beispill kee Lëtzebuergesch konnten.

De Punkt ass awer deen, dass déi Optik, déi mer bis elo haten, ënner engem neie Projet de loi dann ebe geännert huet, e Projet de loi aus der Fieder vum Justizminister Frieden.

Den Här Juncker hat virun enger Zäit drop higewisen, dass mer iwwer kuerz oder laang zu Lëtzebuerg 700.000 Awunner hätten. Mir sinn net onbedéngt der Meenung, dass een déi Zuel do als onëmgänglecht Schicksal muss acceptéieren, mä mir mengen awer och, dass mer an deenen nächste Jorzéngte substanziell méi Immigratioun wäerten zu Lëtzebuerg hunn, an dass mer also nach verstäerkt wäerten en Immigratiounsland ginn.

A mir sollten aus de Feeler vu gëschter léieren an d'Konzepter fir d'Lëtzebuerg vu muer entwéckelen, zum Beispill nei Sproocheregelungen, déi keen ausschléissen, eng reell Participatioun vun der gesamter Bevölkerung un de politesche Prozesser. Wann een an deem Geescht un d'Saach erugeet, wéi mer et elo virleien hunn, da kann een natierlech net méi op deen dote Wee goen, wéi mir en elo hei duergestallt hunn.

Wann een am Geeescht vun dësem Projet de loi un d'Saach erugeet, da kann een natierlech soen, dass d'Naturaliséierung den „aboutissement ultime" vun der Integratioun ass. Mir mengen awer: Dat ass de falsche Wee. Et muss een d'Naturaliséierung als Moyen zur Integratioun gesinn. Et ass wichteg, dass sech an engem Immigratiounsland wéi Lëtzebuerg all d'Leit ënner engem Hutt erëmfannen, dass se net d'Gefill oder souguer déi konkret Erkenntnis kréien, an engem Zweeklassestat ze liewen.

D'Zil vum Stat muss et sinn, senge Bierger d'Gefill ze vermëttelen, Deel vun enger Kollektivitéit ze sinn, net andeems de Lëtzebuerger Pass eng Hürd ass, well ouni deen een net an de selekte Krees vun de Lëtzebuerger erakënnt, mä andeems de Pass eng Invitatioun ass an dee Krees eranzekommen. Ech wëllt do als Beispill nach eng Kéier Kanada zitéieren, dat esou eng Politik bedreift.

Wann d'Nationalitéit e Kontrakt ass tëschent dem Stat an dem Individuum, dann ass dat e géigesäitegen Engagement, deen och eppes vum Stat ofverlaangt an net nëmme vum Individuum. An ëmgedréit, wa mir duerch d'Naturaliséierung ganz prosaesch Problemer wëlle léisen, wéi ech se elo grad schonn ugedeit hunn, zum Beispill, dass mer eise Wuelstand wëllen halen oder eis Pensiounen ofsécheren, kënne mer dann den Demandeure fir e Lëtzebueger Pass ukreiden, wa se dee wëllen, well se wëlle kënne mat hirem Partner an d'Ausland reesen oder well se e Militärdéngscht wëllen évitéieren, oder eventuell och an d'Fonction publique erakommen?

Här President, no deene méi prinzipiellen Aussoen, wëllt ech op déi wichtegst Aspekter vun dësem Projet

agoen. Dat sinn der véier an deen éischten dovunner ass d'Durée de résidence.

Väicht do och e kuerzen historesche Réckbléck. Bis 1934 wore just fënnef Joer Durée virgeschriwwen. Duerno sinn et der zéng ginn. 1939, also kuez virum Krich, 15 Joer, an 1975 si mer erëm erofgaangen op zéng Joer, an elo si mer do wou mer 1934 fir d'lescht woren.

Den Här Mosar huet virdru gesot, mir hätten elo déi gënschtegst Regelung an der ganzer Unioun, mat Ausnahm vun der Belsch. Dat ass et subtil ausgedréckt, well am Verglach mat deenen anere Länner stellt ee fest, dass zwar effektiv d'Belsch dat eenzegt Land ass, dat op dräi Joer gaangen ass, datt et awer schonn eng ganz Rei Länner gëtt, déi fënnef Joer hunn: Holland, England, Frankräich, Schweden, an dass bei deene Länner der och si wéi Holland, wou een duerch verschidde Moossnamen nach kann erofgoen an der Jorenzuel. A Frankräich iwwregens och.

Et gëtt natierlech och Länner, wou et méi lang dauert. Den Här Mosar huet virdrun Däitschland zitéiert. Ech wëllt awer do ganz däitlech hiweisen op dee Kulturkrich, dee vu Säite vun enger CDU/CSU gefouert ginn ass, wéi dat Gesetz duerch d'däitscht Parlament gaangen ass a wéi notamment och par rapport zur duebler Nationalitéit eng ganz zweifelhaft Campagne gefouert ginn ass a versicht ginn ass, mat deem doten Thema Politik ze maachen.

Zréck zum Thema. Mir hunn an dësem Projet de loi d'Optioun op dräi Joer festgeluegt, sou dass ech am Fong kënnt d'Fro stellen, wa Leit kënnen no dräi Joer d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien aus verschiddenen Ursaachen, firwat dass een dat dann net soll méi allgemeng gesinn. Sinn déi méi integréiert oder assimiléiert wéi déi aner? Do stelle sech also och e bësse Froe vun der Konsequenz.

Den zweete Punkt: d'duebel Nationalitéit.

Den Här Mosar hat virdrun ugedeit, déi hätt net direkt eppes mat dësem Projet ze dinn. Ech muss soen, dass ech net richteg verstanen hunn, wéi en dat gemengt huet, well ech mengen, d'Kolleege vun der LSAP hunn eis virexercéiert, dass ee just een Amendement misst maachen, fir d'duebel Nationalitéit hirzestellen, sou dass ech scho mengen, dass dat zu deem heite Projet gehéiert.

Zënter 15 Joer ass d'duebel Nationalitéit en Thema an et ass eng vun den Absurditéite vun dësem Projet, datt all Parteie sech eens sinn, dass en CSV-Generalsekretär dat fuerdert, dass en CSV-Premierminister dat fuerdert, mä dass den Här Mosar awer weess, dass d'Lëtzebuerger anscheinend nach net prett sinn.

Dann, Här President, froen ech mech awer: Hu mir wierklech esou e konstruktiven Débat gefouert? Hu mir als Kommissioun an huet d'Regierung esou eng gutt Aarbecht gemaach? Menger Meenung no ass dat en typescht Beispill fir déi negativ an defensiv Approche, mat där hei d'Majoritéitsparteien un de Projet erugaange sinn.

Et ass awer net nëmmen dat. Et ass och en Unzeeche fir intern Divergenzen an der CSV, déi am Moment jo zimlech vu Fligelkämpf schéngt gerëselt ze ginn, an, Här President, et ass schued, dass déi Saach dann um Bockel vum Nationalitéitegesetz ausgedroe gëtt.

(Interruptions diverses)

Ech gi gär nach an den Detail, wann Der dat wëllt.

(Interruptions diverses)

Här President, den drëtte Punkt ass d'Condition linguistique. Mir hate bis elo am Gesetz just d'Assimilatioun stoen als Konditioun. Iwwregens ass och déi 1939 agefouert ginn, zesumme mat deem ominösen Enquêteformulaire, dee jo vun der Police ausgefëllt gëtt. Ech kommen herno nach eng Kéier dorobber zréck. Mä och dat ass also an enger Zäit geschitt, wou vläicht net grad normal Zoustänn hei zu Lëtzebuerg geherrscht hunn. Trotzdeem hu mer déi do Regelung bis elo bäibehalen an och de Rapport.

Hei gi mer awer elo e Schrëtt méi wäit. D'Regierung huet eng Propos gemaach, déi net déiselwecht ass wéi déi, déi am Regierungsaccord stong, wou nëmmen eng vun deenen dräi Landessproochen nach noutwendeg wor. Am Projet de loi ass do eng nei, méi streng Formuléierung erauskomm.

Den Här Mosar seet, soss néierens géif et Länner ginn, wou keng esou Fuerderunge géife gestallt ginn. Ech weisen drop hinn, datt an der Belsch keng Sproochekonditioun verlaangt gëtt, mä dass do eng Volonté d'intégration gefrot gëtt.

(Interruption)

Här President, et gëtt elo gefrot, wéi eng Sprooch een an der Belsch soll léieren. Ech géif mengen, mir wieren zu Lëtzebuerg och e Pays trilingue, mä doriwwer kënne mer eis vläicht am Detail eng aner Kéier ënnerhalen.

Jiddefalls, d'Kommissioun ass net op de Wee gaange fir erëm zréck bei de Regierungsaccord oder fir op dem Conseil d'Etat seng Positioun ze goen, mä huet versicht deen Text vum Projet de loi ze amendéieren, esou wéi en eben dann och virläit. Deen Text ass net nëmmen negativ, well e wierklech Leit ausschléisst an dorop wäert ech nach ze schwätze kommen, mä e wäert sécherlech an der Praxis och eng ganz Rei vu Schwieregkeeten opwerfen. Virdrun ass iwwert dat Wuert „notamment" gestridde ginn. Menger Meenung no heescht „notamment" op Däitsch „unter anderem". Et ass also relativ kloer, dass och déi dote Konditioun muss erfëllt ginn. Wann dat net sollt esou gesi ginn, da misst een dat vläicht och emol nach eng Kéier spezifiéieren, mä et schéngt mer ganz evident ze sinn, dass déi Zertifikater do verlaangt

ginn, wann ee säi lëtzebuergescht Kënnen net kann ënner Bewäis stellen.

Et gëtt dann och gesot, et kënnen Zertifikater vu Sproochecoure sinn oder aner Dokumenter, zum Beispill Zertifikater vu Patronen. Och do denke mir, dass dat an der Praxis guer net evident wäert sinn. Wann een zum Beispill e Patron huet, deen engem net esou favorabel gesënnt ass, da wäert deen dat vläicht net esou gär maachen.

Doniewent misst d'Regierung dann och kontrolléieren, ob dee Patron da Lëtzebuergesch kann. Ech sinn emol ganz gespaant, wéi dat herno wäert goen.

Mir menge jiddenfalls, dass d'Sprooch nëmmen ee Moyen vun der Integratioun ass an et och nach anerer gëtt. Et hätt besonnesch enger CSV sécherlech gutt zu Gesiicht gestanen, wa se sech och Gedanken ëm déi eeler Leit gemaach hätt. Am Canada besteet eng Regelung, dass d'Leit iwwer 60 Joer eng Dispens kréien, wat d'Sproochekonditioun betrëfft. Dat wär vläicht och eng Méiglechkeet zu Lëtzebuerg gewiescht.

Jiddefalls dee Spillraum, dee mer bis elo mat deem alen Text haten als Chamber, deen ass fort. Et ass eigentlech verbueden, méi large ze sinn, wann een net wëllt eng regelrecht Dérogatioun ausschwätzen. Do freet ee sech dann awer, wéi et zukünfteg wäert an der Commission juridique an och heibanne goen, wa mir mat deenen Dossiere befaasst sinn, respektiv stellt sech d'Fro: Gi mir iwwerhaapt nach mat den Dossiere befaasst, wann déi Zertifikater net virleien? Dat sinn alles zwar technesch Froen, mä déi herno ganz konkret Konsequenze kënnen hunn.

Ech wéilt just ganz kuerz drop agoen, dass d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg vläicht e bëssen anescht ass, wéi dat heibanne gesi gëtt. Mir haten 1998 eng Etude, wou festgehale ginn ass, dass 80 % vun der Populatioun Lëtzebuergesch méi oder manner regelméisseg gebrauchen, mä 96 % benotze Franséisch. Franséisch ass also eis éischt Langue véhiculaire. Dat schléisst awer net aus, dass ganz vill Auslänner Lëtzebuergesch kënnen. Zum Beispill 29 % bei de Portugiesen, 39 % bei de Fransousen a bal 57 % bei den Italiener. Déi Zuele verdäitlechen awer, dass d'Condition linguistique laanscht de Problem geet.

Engersäits geet et zu Lëtzebuerg eigentlech duer, wann ee Franséisch kann, fir am Liewe matzekommen, anerersäits schéngen et enorm vill Leit ze ginn, déi Lëtzebuergesch kënnen, awer net Lëtzebuerger ginn. Mir missten eis also éischter froen, woufir dass mer d'Leit net kënnen derfir begeeschteren, fir Lëtzebuerger ze ginn.

An drëttens gëtt et dann och e grousse Grupp vu Leit, déi net Lëtzebuergesch kënnen, dat si besonnesch Leit, déi nach net esou laang hei sinn, respektiv, déi a Secteure schaffen, wou vill Auslänner sinn, zum Beispill um Bau, awer och an anere Beräicher, an déi sech emol fir d'éischt musse Franséisch uneegnen, fir do kënnen iwwerhaapt eens ze ginn.

Dee Problem stellt sech kaum fir Auslänner vun der zweeter Generatioun, mä d'Zuele weisen, dass mer an deenen nächste Joren ëmmer méi nei Leit zu Lëtzebuerg wäerten hu vun der éischter Generatioun. An Zukunft wäert sech d'Fro jiddefalls ëmmer méi konkret stellen, ob Lëtzebuergesch schwätzen d'Conditio sine qua non ass vum Lëtzebuerger sinn.

Een interessante Fait wéilt ech do nach opwerfen: De grousse Succès vum deeglechen RTL-Noriichte-Magazin zënter dass et eng franséisch Iwwersetzung gëtt. Ass dat net de Beweis derfir, dass vill ausländnesch Leit um Lëtzebuerger Liewen interesséiert sinn, mä dass den Obstacle vun der Sprooch hinnen oft de Wee dohinner verspäert?

D'Sproochekonditioun am Nationalitéitegesetz ass dofir, eiser Meenung no, op kee Fall e Förderungsinstrument mä eng Barrière, mä wann déi do Konditioun scho gestallt gëtt, da misst de Stat awer och higoen a Viraussetzunge schafen, fir dass d'Leit kënnen d'Sprooch léieren. Do wëlle mir eng ganz konkret Propositioun maachen, nämlech d'Aféierung vun engem Congé linguistique fir all déi Leit, déi op Lëtzebuerg immigréieren, also net nëmme fir déi Leit, déi sech wëllen naturaliséieren, mä fir déi Leit déi heihinner immigréieren, respektiv fir déi, déi als Frontalier hei schaffen. Mir mengen och, dass d'Aschreiwung an esou e Cours sollt gratis sinn.

Motion 5

La Chambre des Députés

Considérant

- que le projet de loi portant modification de la loi modifiée du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise prévoit que les personnes désirant obtenir la nationalité luxembourgeoise par naturalisation ou par option doivent faire preuve de la connaissance d'une des trois langues prévues par la loi du 24 février sur le régime des langues ainsi que de connaissances de base en luxembourgeois;

- que la connaissance des langues du pays doit être un facteur d'intégration et non d'exclusion, a fortiori dans le pays trilingue qu'est le Luxembourg;

- que les problèmes de langue ne concernent pas seulement les personnes désirant obtenir la nationalité luxembourgeoise, mais tou-te-s les immigrant-e-s vivant au Luxembourg et l'ensemble des forces de travail frontalières;

- que les exigences de la nouvelle loi induisent la nécessité d'une participation à des cours de langue et que celles-ci sont difficilement conciliables avec la situation de travail de nombreuses personnes et qu'elles risquent de produire des inégalités sociales;

invite le Gouvernement

- à lui présenter dans les meilleurs délais un projet de loi prévoyant l'introduction d'un congé linguistique financé par l'Etat donnant à toutes les personnes immigrées au Grand-Duché la possibilité d'acquérir les connaissances linguistiques nécessaires à une bonne intégration au Luxembourg;

- à prendre en charge les frais de ces cours;

- à prévoir des cours de formation pour enseignant(e)s dans ce domaine;

- à soutenir les associations privées qui organisent déjà à l'heure actuelle de tels cours en vue d'élargir l'offre.

(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.

Här President, dass mir net eleng do sti mat dëser gudder Iddi, beweist en Zitat vun 1983, wat ech lech wéilt virliesen: „Wann een dovun ausgeet, dass d'Assimiléierung vun der Sprooch dat direkt an dat wierksaamst Mëttel ass, fir den Auslänner voll ze integréieren an de Wee fir d'Naturaliséierung fräi ze maachen, da kënnt een net laanscht d'Fro, ob et sech hei net ëm eng virdrénglech gemeinnëtzeg Aufgab handelt, déi onbedéngt vum Stat, ech mengen domat vun der Allgemengheet iwwerholl misst ginn. Gëtt et am Kontext vun dësem Projet net absolut erfuerderlech, dass niewent engem Service à l'immigration och emol un d'Institutionaliséierung vun engem Service à l'intégration geduecht gëtt? D'Zukunft vum Land, d'Iwwerliewe vun onsem Vollek misst der Allgemengheet dëse Präis wäert sinn."

Dat huet 1983 net e Grénge gesot, well do wore mer nach net an der Chamber, dat huet e fréiere Justizminister, Member vun der CSV, den Här Fischbach gesot. Mir kënnen eis deem nëmmen uschléissen a feststellen, dass et leider bal 20 Joer no där do Äusserung nach ëmmer net zur Realiséierung vun deene gudden Iddië komm ass.

Dass esou Saachen awer ganz vill Sënn maachen, dat beweisen esou konkret Beispiller wéi dat vu grousse Supermachéschaînen, déi an de Kollektivverträg festgeluegt hunn, dass hir Leit während der Aarbechtszäit Lëtzebuergesch léieren a wou effektiv d'Personal, wat een do begéint, ee kann op Lëtzebuergesch beroden. E Beispill vläicht och fir ze weisen, dass d'Problemer oft méi praktescher Natur si wéi ideologescher.

Dee véierte Punkt an dee leschte grousse Punkt ass dee vun der politescher Prozedur. Mir stelle fest, dass mir weiderhin déi ganz komplizéiert Prozedur, déi mer hei hunn, festhalen. Mir hunn och nach ëmmer dee Formulaire vun 1939. Een Aspekt, dee mir an der Kommissioun, eiser Meenung no, net fuerchtbar verdéift hunn, ass deen, dass mer eis mat deem Formulaire net befaasst hunn.

Do stinn an deem Formulaire nach ëmmer Sätz dran, wéi: „Betrachtet er das Grossherzogtum als seine einzige Heimat? Hat er eine gehörige Erziehung genossen? Wie sind sein Leumund und seine Aufführung? Aus welcher Ursache hat er sich im Grossherzogtum niedergelassen? Welche Gründe bewegen ihn, die luxemburgische Staatsangehörigkeit zu beantragen"? Dir héiert schonn un der Sprooch, dass deen Text do zënter 1939 net iwwerschafft ginn ass.

Derniewent kënnt, dass déi Formulairë vun der Police ausgefëllt ginn. Mir hu jo schonn e puermol gehéiert, an ech hunn och selwer esou Beispiller zougedroe krut, wéi dat dann heiansdo ofleeft. Ech krut zum Beispill vun engem Antragsteller gesot, hie wär vun der Police gefrot ginn an esou engem Interview: „Wat haalt Dir da vun deene villen Auslänner hei am Land?" Ech huelen un, dass dat nach net dat schlëmmste Beispill ass.

D'Police kënnt och heem bei d'Leit an inspizéiert do d'Wunnengen. Et ass eng wierklech humiliant Prozedur an et kann ee sech d'Fro stellen, ob dat wierklech nach enger moderner Integratiounspolitik entspréicht.

Ech ginn net op déi Etappen an, déi no deem Polizeibericht all kommen. Ech stelle just fest, dass et schlussendlech vum „bon vouloir" vun der Chamber ofhänkt, ob een d'Lëtzebuerger Nationalitéit kritt oder net. Mir mengen, dass dat ondemokratesch ass. Mir mengen, dass ee misst e Recht op Nationalitéit hunn, an dass dat och op klore Kritäre misst opbauen.

Den Här Mosar huet virdru geschwat, dass et net gutt wär, wa mer déi Prozedur géifen ofschafen, an dass dat och dem Rayonnement vun der Chamber hirer Aufgab, a vun där Naturaliséierung a vun deem Lëtzebuerger Pass, dass dat géif stéieren, wann een net méi déi do Prozedur hätt. Ech weess net genau, wat dee Rayonnement do soll sinn.

Ech erspueren lech elo, fir déi Zitater ze bréngen aus den 30er Joren, wou versicht ginn ass ze erklären, wat dann eigentlech déi Lëtzebuerger Nationalitéit a Mentalitéit wär a wéi een déi kënnt definéieren. Vläicht just ee Saz: „La franchise absolue de nos discours et la rusticité de nos allures n'ont d'égal que le loyalisme de nos sentiments quoiqu'on puisse parfois dire que la hardiesse de notre franchise est la hardiesse des timides."

Oder: „L'amour du sol est profondément gravé dans le coeur de tout Luxembourgeois. Il fait partie de sa sensibilité particulière." Mir falen do haaptsächlech d'Weekendhaiser an der Provence an, wann ech esou Saache liesen.

Jiddefalls ass et extrem schwéier, fir wëllen ze definéieren, wat d'lëtzebuergescht Wiesen ausmécht. Ech mengen och net, dass e Lëtzebuerger Nationalitéitegesetz sollt versichen, fir do Definitiounen ze ginn. Mir sollten also éischter op de Wee goen, fir sachlech

an objektiv Kritäre festzeleeën a fir och eng Prozedur ze hunn, déi sachlech an objektiv ass. Dozou gehéiert, dass se transparent ass.

Mir hunn an der Kommissioun haaptsächlech och vum Flüchtlingsrot gesot krut, dass et extrem schwiereg ass, fir d'Leit gewuer ze ginn, wou hir Dossieren dru sinn. Dass se oft jorelaang iergendwou leien an net viruginn, ouni dass d'Leit verstinn, firwat dat esou ass, oder ob a wéi een Dossier vläicht do net komplett ass. Do misst wierklech emol eppes geschéien, wann ee bei där Prozedur wëllt bleiwen.

D'Prozedur misst onbedéngt verkierzt ginn. Mir krute vun Duerchschnëttswäerter vun 1½ Joer geschwat. Ech sinn der Meenung, dass et vill méi laang ass, zumindest déi Beispiller déi ech vu Leit genannt krut, déi eigentlech keng Problemfäll duerstellen, wore méi laang. De Collectif Réfugiés huet och vu Fäll vu véier Joer geschwat. Egal wéi, et gëtt Proposen. Zum Beispill de Conseil national des Etrangers mécht déi, dass een déi Prozedur soll op sechs Méint limitéieren, dat heescht natierlech och ganz klor, dass op enger Rei vu Plaze misste Leit agestallt ginn, mä et heescht och, dass een déi Prozedur, déi mer am Moment hunn, muss a Fro stellen. Do si mer net mat de sozialistesche Kolleegen d'accord, déi mengen, et sollt een heibäi bleiwen. Iwwregens hu mer bei der Optioun eng administrativ Prozedur, an dat schéngt duerchaus ze fonctionnéieren. Da gesi mir net an, vu dass souwéisou tëschent Optioun an Naturaliséierung et ëmmer manner klor Ennerscheeder gëtt, firwat een dat net soll verallgemengeren.

Mir fannen et och net gutt, dass d'Méiglechkeet erëm ofgeschaaft gëtt, fir den Dossier am Viraus anzereechen. Doduerch gëtt d'Residenzdauer, déi mir en fait vun de Leit verlaangen, nach vill méi laang. Ee konkret Beispill: Leit, déi mat 18 Joer an eng Prozedur ginn, déi kënnen doduerch och ganz konkret Problemer kréien, wa se zum Beispill am Ausland mussen e Militärdéngscht absolvéieren oder Studien ufänken, an esou weider.

Ee Wuert nach zu de bestuetene Koppelen. Mir hunn an dësem Gesetzesprojet erëm eng Kéier Artikelen dra stoen, wou bestuete Koppelen eng Rei vu Privilegië genéissen. Mir stelle just fest, dass dat am Widdersproch ass mat deenen Aussoen, déi den Här Juncker viru kuerzer Zäit op dëser Tribün gemaach huet, dass och net bestuete Koppele sollen eng Rei vu Rechter kréien. Mir hätten eis gewënscht, wann och hei Ouverturë gemaach gi wären, esou wéi et iwwregens och an Holland de Fall ass, wou onbestuete Leit och kënnen déi Privilegië genéissen.

Ech kéim dann zum Schluss vu mengen Iwwerleeungen. Mir stellen nach eng Kéier fest, dass mer par rapport zu deem heite Projet wierklech kee fundamentalen Débat gefouert hunn. Ech mengen, mir sinn net déi Eenzeg, déi dat feststellen, well wann de Generalsekretär vun der CSV op d'Noutwendegkeet vun engem Débat hiweist, da seet en eigentlech ëmgedréint datselwecht.

Ech stellen och fest, dass mer eng ganz Rei vu Leit einfach emol guer net berücksichtegt hunn. Mir hunn zum Beispill Avië vum Conseil national des Etrangers gehat, déi mer net emol gekuckt hunn. Mir haten Avië vu Gewerkschaften, déi mer net gekuckt hunn. Dat just nëmmen als Beispill, fir ze weisen, wéi déi Aarbecht do gemaach ginn ass.

Den Här Mosar huet gesot, et wär esou eng konstruktiv Zesummenaarbecht gewiescht an der Kommissioun. Ech wor e bëssen iwwerrascht, wéi ech dat hei gehéiert hunn. Ech hat d'Gefill, den Här Mosar hätt e bësse Kräid giess, well mir zumindest ass déi Entwécklung ganz anescht virkomm. Ech wëll net méi op dee Sträit agoen, mä ech mengen awer, dass d'Tatsaach, dass mir eis d'Méi gemaach hunn, eng Proposition de loi zu deem heite Sujet anzereechen, dass déi schonn eleng weist, dass mir net zefridde sinn, net nëmme mat den Inhalter, mä och mat der Aart a Weis wéi deen Débat hei gefouert ginn ass. Déi Proposition de loi huet zu all deene Punkten, déi elo opgeworf ginn, Äntwerte geliwwert. Vläicht wäert se eis, wann den Avis vum Conseil d'Etat do ass, d'Geleeënheet ginn, fir endlech déi seriö Diskussioun dann ze féieren, déi mir mengen, dass néideg ass. Vläicht kann dat och iwwert d'Commission spéciale Immigration kommen. Vläicht kann een do verschidden Débaten nohuelen, déi elo hei net gefouert goufen.

Ech sinn iwwerzeegt, Här President, dass d'Fro vun enger Reform vum Nationalitéitegesetz sech direkt erëm nei wäert stellen.

Virun enger Stënnchen ass jo och hei eng Motioun agereecht ginn, wou gefrot gëtt, datt mer iwwert d'duebel Nationalitéit sollen nodenken an diskutéieren. Dat bestätegt mech an där Meenung, dass mer och hei erëm eng Kéier am Fong just Stückwerk gemaach hunn an dass mer déi wierklech Froen, déi sech gestallt hunn, net ugaange sinn.

Den Här Mosar huet gemengt, mir hätten hei e generéise Projet. Mir mengen als Gréng, mir hunn een eenzege Punkt wou d'Regierung an och dës Majoritéit generéis woren. Dat wor d'Reduktioun vun der Residenzdauer.

Mir sinn op anere Punkte méi schaarf ginn, zum Beispill bei der Condition linguistique. Ech stellen do och mat Interesse fest, dass d'Regierung an d'Majoritéit do haaptsächlech Sukkurs vun der rietser Säit a vum ADR kréien.

Mir hunn op anere Punkte guer keng Ännerung, zum Beispill wat d'Prozedur betrëfft, oder d'duebel Nationalitéit.

(Interruption)

Ech huelen dat do elo als Kompliment, Här President.

Mir haten e Schnellverfahren an der Kommissioun a mir haten zum Beispill och keng Ausenanersetzung mat deenen Entwécklungen, déi am Ausland stattfonnt hunn an nach stattfannen, oder déi, déi um Niveau vun der Europäescher Unioun stattfannen.

Déi Gréng si fir pragmatesch Usätz bei der Förderung vum Zesummeliewen tëschent Lëtzebuerger an Auslänner. Mir wëllen eis net vun diffusen Ängschte guidéiere loossen, vun deenen dëse Gesetzesprojet geprägt ass, mä vun dräi Ziler:

1. d'Gläichheet vun alle Biergerinnen a Bierger,

2. e wierklech interaktiivt Zesummeliewe vun alle Communautéiten um Lëtzebuerger Territoire,

3. eng Gesellschaft, déi op ass fir déi, déi nei bei eis kommen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Här President, ech mengen Dir erënnert lech nach drun, wéi 1986 dat bestehend Nationalitéitegesetz hei diskutéiert ginn ass. Do hu vill Riedner sech gefreet, dass duerch dat Gesetz mat engem Schlag 3.000 Lëtzebuerger géinge gemaach ginn an dat doduerch bedéngt, dass d'Mamm, déi Lëtzebuergerin ass, dem Kand d'Lëtzebuerger Nationalitéit géif iwwerdroen an net nëmmen de Papp.

Déi demographesch Betruechtungen hunn deemools eng entscheedend Roll an där Diskussioun gespillt. Et ass drop higewise ginn, dass den Undeel vun de Lëtzebuerger an der totaler Bevölkerung ëmmer méi zréck géing goen.

1960 hate mer bei 314.000 Awunner nach 85 % Lëtzebuerger.

1983 hate mer bei 366.000 Awunner 75 % Lëtzebuerger.

2000 hate mer bei 450.000 Awunner nëmme méi 64 % Lëtzebuerger.

Wéinst där Entwécklung, ass du gesot ginn, misst den Zougank zur Lëtzebuerger Nationalitéit erliichtert ginn an dofir war och am ursprünglechen Text vum Här Robert Krieps deemools festgehale ginn, dass d'Residenzdauer fir d'Naturalisatioun vun zéng op fënnef Joer sollt erofgoen. Dat ass awer net esou an den Text erakomm duerch de Widderstand vun der CSV, besonnesch an der juristescher Kommissioun, well déi gesot huet, et wier e Verloscht vun der nationaler Identitéit. Ech hunn deemools an der Diskussioun gesot, dass et geschwënn erëm zu enger Änderung vun deem Text géing kommen. Geschwënn, dat war net grad richteg, mä haut si mer esou wäit, dass déi Residenzdauer erëm op fënnef Joer erofgesat gëtt.

Währenddeem also 1986 déi demographesch Argumentatioun nach eng bedeitend Roll gespillt huet, esou sinn et elo haaptsächlech juristesch, an net demografesch Konzeptiounen, déi am Vierdergrond stinn, an dat féiert an eng Katastroph.

Lëtzebuerg gëtt an absehbarer Zäit zu engem Apartheid-Stat, wou d'Minoritéit eng Majoritéit regéiert. Dësen Zoustand ass 2020 erreecht, wann déi heiteg Entwécklung sech weider fortsetzt, a well se net fundamental duerch dat Gesetz hei geännert gëtt.

Wéi ass dës Situatioun? Bei der Lëtzebuerger Bevölkerung hu mer en negativen natierleche Bevölkerungswuesstum vu minus 300. Dat heescht, et sinn 300 méi Stierffäll wéi Gebuerten an engem Joer. De Wuesstum vun der Lëtzebuerger Bevölkerung gëtt nëmme garantéiert duerch 600-700 Naturalisatiounen an Optiounen, wouduerch dann e Bevölkerungswuesstum vun ongeféier 400 pro Joer festgestallt gëtt.

Bei der Net-Lëtzebuerger Bevölkerung awer ass den natierleche Wuesstum 2.200. Dat heescht, den Iwwerschoss vun de Gebuerten iwwert d'Stierffäll. Dobäi kënnt dann nach en Immigratiounsiwwerschoss vu ronn 4.000 pro Joer. Dat heescht, déi Net-Lëtzebuerger Bevölkerung wiisst all Joer ëm 6.200, déi Lëtzebuerger ëm 400. An doduerch ergëtt sech a ronn 20 Joer déi Majoritéit vun Net-Lëtzebuerger zu Lëtzebuerger an eiser Bevölkerung.

Ënnert dësen Ëmstänn ass d'Fro vun der Nationalitéit net méi eng reng juristesch, mä kritt e ganz anere Charakter. Mir sinn en Immigratiounsland ginn a wéi bei all Immigratiounsland muss zréckgegraff ginn op de Jus soli an op e grousszügegen Zougank zur Nationalitéit, soss ass déi agewandert Populatioun geschwënn majoritär. An da geschitt Folgendes:

Da ginn all déi Rechter a Privilegië verlaangt - an dat mat Recht -, déi d'Nationalitéit erdeelt, ouni awer déi Nationalitéit ze fuerderen oder ze froen. A wat ass dann déi Lëtzebuerger Nationalitéit nach wäert?

Dofir ass deen integrale Jus soli eng Iwwerliewensfro fir déi Länner, wéi eist, déi Immigratiounslänner gi sinn. Ech wëll och an deem Zesummenhank en Amendement zum Artikel 1 abréngen.

Amendement 1

A l'article 1er de la loi modifiée du 22 août 1968 sur la nationalité luxembourgeoise est ajouté un point 4° de la teneur suivante:

4° l'enfant qui est né dans le Grand-Duché d'un parent qui y est légalement établi.

(s.) Aloyse Bisdorff, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Fir den Undeel vun der Lëtzebuerger Bevölkerung op den heitegen 30-36 % ze halen, misste folgend Moossnamen ergraff ginn:

De Wuesstum vun der Lëtzebuerger Bevölkerung muss Schrëtt hale mat där vun den Net-Lëtzebuerger. Well dat net iwwert d'Natalitéit ze erreechen ass, mussen all Kanner, déi hei am Land gebuer ginn, och vun auslänneschen Elteren, automatesch Lëtzebuerger ginn. Dat wieren der ronn 2.200 d'Joer. Domat si mer nach net bei den Awanderungsiwwerschëss vu 4.000. Fir op déi Zuel ze kommen, mussen dann och jäerlech ronn 1.400 Naturalisatiounen an Optioune kommen. Dat heescht, eng Verduebelung vun där Zuel, déi haut do ass, fir dass mer an Zukunft déiselwecht Proportioun an der Bevölkerung halen.

Den Zougank dofir erschwéieren, wéi dat elo geschitt duerch esou Hürden, déi agebaut ginn, wéi d'Sprooch, wou mer wëssen, dass dat grad besonnesch fir en Aarbechter, deen aacht Stonnen am Gruef geschafft huet, duerno nach d'Lëtzebuerger Sprooch misst léiere goen, net méiglech ass, féiert net zum Resultat.

Grad déi Leit, déi elo vun der Bedeitung vun der Lëtzebuerger Sprooch schwätzen, sinn déi, déi viru Joren an der éischter Integratiounsphas vun der Europäescher Unioun op déi Lëtzebuerger Sprooch als europäesch Sprooch verzicht hunn.

Vu watfir enger Sprooch schwätze mer iwwerhaapt, wa mer vu Lëtzebuergesch schwätzen? Ass et déi, wou d'Zukunft zum Avenir gëtt, wou d'Zuelen zu Chiffere ginn, wou Aarbechter zu Ouvriere ginn? Déi zweet Generatioun vun deene Leit, déi hei sinn, schwätze souwisou Lëtzebuergesch duerch d'Schoul, an heiansdo souguer besser wéi verschidden Ursprungslëtzebuerger.

Et muss een och den Ënnerscheed maachen tëschent aktiver a passiver Kenntnis vun der Sprooch. D'Verstoe geet duer, fir a verschiddene Gremië kënne matzeschaffen, wéi zum Beispill an engem Gemengerot oder am Comité vun engem Veräin asw.

An der öffentlecher Verwaltung kenne mer elo Leit, déi verstinn a schwätze kee Lëtzebuergesch, well se déi Lëtzebuerger Nationalitéit iwwer en anere Wee kritt hunn. Elo ze verlaange vun den einfache Leit, déi Schwieregkeet ze iwwerwannen, féiert dozou, dass se eben op d'Naturalisatioun verzichten. Dobäi musse mer bedenken, dass um Enn vum 19. Joerhonnert mir Lëtzebuerger selwer net gewosst hunn, datt mer géingen eng Lëtzebuerger Sprooch schwätzen, well deemools ass geschwat gi vu Lëtzebuerger Däitsch a bei deenen éischten Texter vun Theaterstécker a Gedichter stong drop, dass den Text op Lëtzebuerger Däitsch wier. Et ass also iwwerdriwwen, fir elo dat alles an de Vierdergrond ze setzen an dat zum Haaptthema vun der Nationalitéit ze maachen.

Et gëtt gesot, wann den Zougank zur Nationalitéit géing erliichtert ginn, da géing dat zu enger Nationalité de complaisance féieren. Esou eppes géing d'CSV net acceptéieren. Si acceptéiert awer de Pavillon de complaisance, dee mer hunn. Vill erënnere sech, dass den Här Le Pen konnt jorelaang mat engem L op sengem Autosschëld duerch Europa reesen.

Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, dass mir, esou wéi dat an all Immigratiounsland de Fall ass, de Jus soli mussen aféieren. Ech bedaueren dofir, dass Elementer vun deem Recht, déi bis elo am Gesetz waren, ofgeschaaft ginn. Kanner, déi hei vu portugiseschen Eltere gebuer gi sinn, sinn net automatesch Portugisesch, well d'portugisescht Gesetz gesäit net vir, dass een, dee vu portugiseschen Elteren am Ausland gebuer gëtt, Portugis ass. E muss eng Démarche dofir maachen an der Botschaft. Well verschidden Elteren déi Démarche net gemaach hunn, hu se einfach erkläert bei der Gebuert vum Kand, si hätte gär dass et d'Lëtzebuerger Nationalitéit géing kréien. Dat ass elo net méi méiglech.

Am Artikel 1, Punkt 2° stong an deem Gesetz, wéi et bis elo nach gegollen huet: „L'enfant qui est né dans le Grand-Duché et qui ne possède pas une autre nationalité...". Dat heescht, dat Kand, well et déi portugisesch Nationalitéit net hat, obschonn et portugisesch Elteren huet, huet keng Nationalitéit an hätt domat kënnen direkt déi Lëtzebuerger Nationalitéit kréien. Dat ass elo ofgeschaaft. Elo heescht dat anescht. Mir bedaueren dat, well dat wier och eng Méiglechkeet gewiescht, fir nach zousätzlech déi Lëtzebuerger Nationalitéit opzemaachen. Elo mussen nämlech d'Elteren „apatrides" sinn.

Da wëll ech nach eppes soen zu den Optiounen. Prinzipiell misst et esou sinn, dass eng Optioun e Recht op eng Wiel ass. Doduerch däerft se nëmmen e reng administrativen Akt sinn. Dat geet awer net esou. Et ass net e Recht, dat een duerch eng Erklärung wëllt beanspruchen, mä déi ganz Prozedur, dee Froebou, iwwert dee mer jo elo e puer Beispiller kritt hu vun deenen idiotesche Froen, déi do gestallt ginn, déi Enquête gëtt och fir d'Optioun gemaach, grad esou wéi bei der Naturalisatioun. Den Dossier lant da beim Justizministère, deen d'Méiglechkeet huet, en op eng diskretionär Aart a Weis ze acceptéieren oder an engem Tirang verschwannen ze loossen. Wa keng Entscheedung geholl gëtt, da kann een och kee Recours dozou huelen an dofir waarden dann eng Rei vu Leit, déi geduecht haten, si géingen d'Bedéngunge vun enger Optioun erfëllen, Méint laang op eng Äntwert an et kënnt näischt.

Dofir geet och d'Zuel vun den Naturalisatiounen an den Optiounen net an d'Luucht, obwuel d'Zuel vun den Auslänner an eisem Land stänneg klëmmt. Si stagnéiert oder geet esouguer liicht zréck. Si louch an de Joren 1980-1990 liicht iwwer 700 a läit elo 1999-2000 liicht ënner 700.

Et muss ee sech d'Fro stellen, watfir en Interesse en EU-Bierger nach huet, fir déi Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien. Déi ausserhalb vun der EU sinn, kréien et souwisou schwiereg gemaach fir dozou ze kommen.

Dëst restriktiivt Virgoe féiert Lëtzebuerg an eng Sakgaass an et erreecht een de Géigendeel vun deem wat d'Protagoniste sech als Zil gesat hunn, nämlech dass d'Lëtzebuerger Nationalitéit guer näischt méi géing bedeiten, well kee se méi wëllt, well ee se souwisou net kritt, oder well et esou schwéier gemaach gëtt fir se ze kréien.

Ofschléissend, Här President, nach eppes iwwert de Verloscht vun der Lëtzebuerger Nationalitéit. Et gëtt och Lëtzebuerger, déi am Ausland liewen a schaffen, vill fir sech weider ze qualifizéieren, verschiddener, déi och schonn eng Qualifikatioun hunn, fir déi do auszenotzen.

Wa se fir hir Aarbecht d'Nationalitéit vum Gaaschtland wëllen unhuelen, och wann dat nëmme vorübergehend an hirem Kapp ass, da verléiere se d'Lëtzebuerger Nationalitéit. Dat ass menger Meenung no en Hindernis, dass héichqualifizéiert Leit, déi hir Qualifikatioun iwwer jorelaang Aarbecht am Ausland kritt hunn, kënne mat Liichtegkeet zréckkommen, besonnesch do, wou mer se brauchen, wa mer wëllen eng Universitéit opbauen a Forschungszentre wëllen erweideren an entwéckelen.

Mir gesinn also, dass dat heite Gesetz fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit u sech kee gutt Gesetz ass. Et ass e Gesetz, dat féiert en Immigratiounsland, wéi eist eent ginn ass, an eng Sakgaass an an eng Situatioun, wou Konflikter entstinn, déi mer mat Liichtegkeet duerch e grousszügegen Zougank zur Nationalitéit hätte kënne vermeiden.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, um Enn vun dëser laanger Debatt, déi net haut ugefaangen huet, mä déi haut mat der endgülteger Diskussioun vun dësem Projet de loi ophält, géing ech gären e puer Wuert aus Regierungssiicht soen, well et sech heibäi ëm ee vun de grousse Reformprojete vun dëser Regierung handelt. Et geet, an et ass oft de Mëtteg hei gesot ginn, ëm d'Nationalitéit, wat am Fong e wesentlecht Element vun eisem Land ass, an dofir muss ee sech och der Importenz vun dësem Gesetz bewosst sinn.

Et weess een, dass ënnert de konstitutiven Elementer vun engem Stat dräi Elementer ervirstiechen: den Territoire, d'Souveränitéit oder d'politesch Autoritéit, déi op deem Territoire exercéiert gëtt, an eben d'Natioun. D'Natioun ass e wesentlecht Element vun eisem Statswiesen, a wann een dorun touchéiere geet, da muss ee wëssen, wat fir eng Importenz dat huet. Dat ass net en x-beliebegt Gesetz un dat mer hei touchéiere ginn.

D'Nationalitéit ass haut op e puer Fassongen hei definéiert ginn. Mir gefält besonnesch gutt déi Definitioun, déi den internationale Geriichtshaff an dem sougenannten Arrêt Notebohm ginn huet. Ech liesen nëmmen ee Saz dervun, well e mer als Definitioun richteg schéngt. Si definéieren d'Nationalitéit als e „lien juridique ayant à sa base un fait social d'attachement, une solidarité affective d'existence, d'intérêt, de sentiment, jointe à une réciprocité de droits et de devoirs". Dat ass eng Formule, déi ganz genee d'Intentioun vun der Regierung bei all hiren Iwwerleeungen iwwert d'Reform vum Nationalitéitegesetz erëmgëtt.

D'Fro, déi mir eis hei stellen, ass déi: Wat ass Nationalitéit? Wat ass Natioun? Wat ass dat nach haut? An ech ginn zou, dass dat Konzept évoluéiert, mä ech mengen net, dass een d'Fro esou ka stellen, wéi ech se menge bei der Mme Wagener hirer Interventioun héieren ze hunn, wéi se d'Fro gestallt huet, ob d'Nationalitéit - si huet sech dat zwar an enger zukünfteger Perspektiv gefrot - nach e Sënn géif maachen. Ech menge schonn, dass et och haut, och an engem Europa, wat zesummewiisst, Sënn mécht, dass ee gewësse Gemeinsamkeeten, déi op enger gewëssener Plaz bestinn, dass een déi bei deene Leit, déi sech zougehéireg dozou fillen, als Natioun definéiert.

Et brauch ee sech net ze schummen, och net, dass dat en contradiction ass mat Europa, wann ee seet, et wär ee frou, eng gewëssen Nationalitéit, an dësem Fall déi lëtzebuergesch ze hunn. Et ass net eppes Falsches, wann ee Begréffer wéi Hemecht oder Eegenaart vun deenen, déi zesummen op enger gewëssener Plaz liewen, am Nationalitéitekonzept erëmfënnt. Schlecht ass et nëmmen, wann een doraus Superioritéitsattituden développéiert vun deenen enge par rapport zu aneren. Da kann et zu geféierlechen Ausaartunge féieren, mä d'Natioun u sech ass ee Konzept, wat ech mengen, wat weider besteet, wat historesch Basen huet, wat geographescher huet, den Territoire, mä wat awer och sentimental Attachementer zu gewëssene Facteuren huet. Dat kann einfach eng Fassong sinn zesummenzeliewen, eng Fassong Problemer ze léisen. Och do gëtt et op der Welt vill Ënnerscheeder, och souguer an Europa, an et bleift een Ënnerscheed tëschent deem, deen zu Helsinki wunnt an deem, deen zu Bari wunnt. Esou ass och deen, deen zu Lëtzebuerg wunnt a senger Eegenaart anescht. Dat kann och den Nationalitéitebegréff ausdrécken.

Et ass méi wéi e Stéck Pabeier fir d'Regierung, a mir wëllen och, dass dat méi wéi e Stéck Pabeier bleift. Et ass dofir, wou mir virsiichteg an dëser Reform virgaange sinn, déi awer wesentlech méi grouss ass

wéi dat, wéi se hei vu verschiddene Säiten duergestallt ginn ass.

Ech ginn net méi op den Detail vun deem Projet an, well dat huet de Rapporteur vun dësem Projet am Numm vun Ärer Commission juridique am Detail gemaach, mä wann ech et géing iddiëméisseg regruppéieren, da géing ech soen: Mat dësem Projet wollte mer en Nationalitéitegesetz maachen, wat eng méi schnell, eng méi einfach, eng méi bëlleg an eng héchst Integratiounsmoossnam virgesäit.

Mir hunn am Projet de loi geschriwwen, dass fir eis d'Fro no der Nationalitéit déi héchsten Etapp vun der Integratioun vun den Auslänner zu Lëtzebuerg an d'Lëtzebuerger Gesellschaft ass. Dat ass e Choix, deen hinne fräi zur Verfügung steet, dee mer sollen opmaache fir déi, déi wëllen déi Etapp och goen, an dofir muss ech soen, dass mir dat schonn esou wollten, wéi dat am Exposé vun dësem Projet de loi stong.

Eng méi schnell Méiglechkeet fir déi Auslänner, déi wëllen d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, dat ass déi ganz Diskussioun iwwert d'Residenzdauer. Mir hate laang an der Regierung doriwwer diskutéiert. Mir hunn eis op fënnef Joer festgeluegt aus deem gudde Grond, dass dat déi Durée ass, déi an deene meeschte Länner vun der Europäescher Gemeinschaft virherrscht.

Mir hu fonnt, dass wann an esouvill Länner d'Dauer fënnef Joer ass, da wär dat e Wee op dee mir och kënnte goen, wëssend allerdings, dass Däitschland der aacht huet, wat en Nopeschland ass. Frankräich huet der fënnef, d'Belsch huet der dräi. D'Moyenne an der EU ass fënnef, an dofir hu mer och fënnef Joer als eng räsonnabel Durée fonnt. Sécher ass all Durée arbitraire, mä mir hu gemengt, dass een eng gewëssen Durée brauch, fir dass déi Integratioun, déi noutwendeg ass, och wierklech stattfënnt. A well mer soen: Et ass méi wéi ee Stéck Pabeier, et ass méi wéi ee Pass, also ass och eng gewëssen Durée noutwendeg.

Wann ech soen, mir hätten et méi einfach gestaltet an dësem Gesetz, dann hu mer virun allem versicht, d'Regelen ze harmoniséieren, d'Regel tëschent der Optioun, déi de Justizminister accordéiert, an der Naturalisatioun, déi bekanntlech hei am Parlament accordéiert gëtt. Et waren heiansdo Differenzen am Text, déi een net méi richteg konnt novollzéien, an et war dofir de Wonsch vun der Regierung, esou wäit wéi méiglech eng Uniformitéit vun deene Prozeduren erbäizebréngen.

Mir hu méi eng bëlleg Nationalitéit geschafen, net bëlleg am Sënn, dass ee se kann zevill einfach kréien, well et gëtt scho Konditiounen, mä bëlleg am Sënn, dass een huet missen en Droit bezuelen, fir Lëtzebuerger kënnen ze ginn. Mir hunn déi Hürd ewechgeholl. Et huet zwar selten, wann ni doru gescheitert, dass een dofir net Lëtzebuerger gi wär, mä mir hunn awer fonnt, dass dat net appropriéiert wär. Mir hunn dofir op déi Einnahm fir de Stat verzicht, fir dobäi eng Tax opzehiewen. An Zukunft sinn déi zwou Prozedure gratis.

Mir hunn awer och drop gepocht, dass mer eng besser Nationalitéit kréien, andeem mer eng Rei zousätzlech Critères d'intégration virgesinn, iwwer déi de Mëtteg in extenso diskutéiert ginn ass, net iwwer se alleguer, well mir hunn zum Beispill de gesetzleche Moyen ginn, fir de Casier judiciaire ze kucken, insofern et esou en Dokument oder eppes Ähnleches am Pays d'origine gëtt, fir also och de Passé vun där Persoun, déi eis Nationalitéit wëllt kréien, ze iwwerpréifen. Mir hunn dat an d'Gesetz geschriwwen.

Natierlech iwwert d'Sproochekonditioun hu mer Dispositiounen an dëst Gesetz ageschriwwen. Zu der Fro vun der Sprooch ass quasi alles gesot ginn. Ech wëll awer nach eng Kéier hei drop pochen, fir ze soen, dass an den Ae vun der Regierung eis national Sprooch, d'Lëtzebuergescht, e Facteur d'intégration ass an op kee Fall e Facteur d'exclusion, well all déi Auslänner, déi sech an eisem Land wuelfillen, ob se d'Nationalitéit hunn oder net, soen engem ëmmer, dass déi Integratioun duerch d'Sprooch kënnt. Mir hu bewosst geschriwwen, dass dat ee vun de Facteure vun der Integratioun ass. Dofir steet am Text „notamment". Mir hunn dat iwwregens ëmmer esou gesinn. Mir hätten net ongären och gehat, dass mer nach aner Facteuren an d'Gesetz ageschriwwen hätten. Mir hunn och laang driwwer nogeduecht a mir mengen, dass een och aner Facteure muss en considération huelen, mä dee vun der Sprooch ass een, an ee wesentlechen, deen een net soll ënnerschätzen.

Ech muss och feststellen, dass iwwert déi Konditioun vun der Sprooch terribel grousst Onwëssen dobaussen ass. Wéi de Projet de loi déposéiert ginn ass, hunn eng Rei Leit, déi nëmmen den éischten Deel vum Artikel gelies haten, wou dra stong, dass een eng vun den dräi Sprooche misst kënnen, gesot: Ou, da brauch een an Zukunft kee Lëtzebuergesch méi ze kënnen!

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, haut brauch een net Lëtzebuergesch ze kënnen, an ech sinn erstaunt doriwwer. Am leschte Pak, deen d'Chamber adoptéiert huet, sinn eng Rei Leit dran, déi nëmmen Englesch kënnen. Déi keng vun deenen dräi Sprooche kënnen. Ech fannen dat net de Wee, op dee mer an Zukunft solle goen. Dat ass keng Kritik un der Chamber, déi ech mir als Minister net géing erlaben, et ass just eng Feststellung, well ech extra nogekuckt hunn an deene leschten zwee Päck, wéivill der do derbäi waren, déi net Däitsch, Franséisch oder Lëtzebuergesch kënnen. Dofir ass et gutt, dass mer dat dra geschriwwen hunn. Bei den Optioune gëtt et e Recours géint d'Décisioun vum Minister, deen zwar selten, wann ni gebraucht gëtt, an et ass dofir besser,

d'Critères d'intégration si virgesinn am Gesetz. Dofir schéngt dat mir näischt Exceptionnelles.

Fir lech ze weisen, wéivill Onwëssen doriwwer besteet, an ëmmer erëm, muss een et dofir ëmmer erëm soen. Haut ass keng Sproochekonditioun am Gesetz. Ech hunn nach e Samschdeg am „tageblatt"-Leitartikel gelies, wou den Direkter Sold schreift: „Bisher musste der Antragsteller lediglich erklären, er könne neben einer der offiziellen Sprachen, Französisch, Deutsch, auch etwas Luxemburgisch. Es wurde kein Zeugnis und kein Attest verlangt."

Neen, dat ass net richteg! Fir de Moment brauch een net d'Lëtzebuerger Sprooch ze kënnen, fir kënne Lëtzebuerger ze ginn. Ech weess, dass d'Kommissioun och dat gekuckt huet, d'Police dat och gefrot huet, mä et war keng Konditioun a si ass och an enger ganzer Rei vun Dossieren net berücksichtegt ginn. Dofir, mengen ech, ass et gutt, dass mer dat hei draschreiwen, ouni dee Facteur ze iwwerdreiwen. Wichteg ass, wat hei gesot ginn ass, et dierf net deen eenzege Kritär sinn. Ech fannen zum Beispill déi däitsch Approche net esou schlecht, wou se och nach eng Zort Instruction civique bei deene Leit maachen. Dat kënnt een an enger Form vu Questionnaire maachen. Deen Débat solle mer hei net ofschléissen.

Ech kucke gären emol mat der Commission juridique zesummen un Hand vun Dossieren, wéi ee sech kënnt eng Philosophie maachen, och iwwer aner Critères d'intégration. Ech mengen, et wär réducteur, wann een et just géing bei der Sprooch maachen, mä d'Sprooch wollt d'Regierung dra schreiwen, an ech si frou, dass d'Parlament sech majoritär där Approche ralliéiert.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här Minister, entschëllegt, hei ass ee wichtege Punkt. Ech wär frou, wann dat ganz klor wär, well d'Leit, déi dat herno interpretéieren, och gesetzlech, an déi d'Travaux parlementaires kucken, gesinn dann, wat do gesot ginn ass.

Wann ech den Text liese vun dem Alinéa 4 vun deem Artikel 7 iwwert d'Sproochen, do steet dann: „Notamment connaissances actives...". Deen „notamment" gëtt vum Conseil d'Etat interpretéiert, wéi wann dat e Critère déterminant wär. Dat heescht, et ass ee Kritär iwwert deenen anere Kritäre vun der Integratioun. Gesinn ech dat richteg esou? Ech sinn net sécher. Wann ech déi verschidden Texter liesen, Ären Exposé des motifs, Äre Commentaire des articles oder dem Här Mosar säi Commentaire, do geet ëmmer vu Critères essentiels, Critères indispensables Rieds, an ech wéisst gären, ob dat wierklech elo de Critère déterminant ass, en iwwergeuerdnete Kritär iwwert all déi aner vun der Integratioun oder net?

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.-* Wann ech mir erlaben däerf als Minister, Är Gesetzer, déi Dir hei stëmmt, ze interpretéieren, esouguer ier se gestëmmt sinn, do kann ech lech mäi Projet soen, mä den Text ass jo an der Chamber och geännert ginn.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Dir waart jo derbäi.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.-* Natierlech war ech derbäi. Ech sinn och mat deem Text d'accord.

Fir mech ass et ganz klor, wann dee Kritär net erfëllt ass, da kann een d'Nationalitéit net kréien. Ass dee Kritär erfëllt, da muss een och aner Kritären erfëlle fir déi Integratioun.

Wann de Rapport géing schreiwen, déi Persoun géing Lëtzebuergesch kënnen, awer par ailleurs seet se an hiren Deklaratiounen, dass se soss näischt wëllt mam Lëtzebuerger Land ze dinn hunn. Ech maache mäi Beispill à l'extrême, fir et ze beweisen. Et ass also e Kritär, deen indispensabel ass. Fir dat Wuert ze huelen, wat Dir elo gebraucht hutt. Dee Kritär muss erfëllt sinn, mä et ass net deen eenzegen. Et ass och net onbedéngt ee Kritär, deen iwwert deenen anere steet, mä et ass dee Kritär, dee muss erfëllt sinn, dat heescht, eng vun deenen dräi Sprooche vun dësem Land muss een aktiv a passiv kënnen.

A wann ee guer kee Lëtzebuergesch kann, da muss een e geschwatent Lëtzebuergesch kënnen, mä e geschwatent Lëtzebuergesch kann een net schreiwen. Dofir hate mir am initialen Text gesot: Dann ass dat Einfachst fir objektiv erauszefannen ob een dat kann, dass ee Coure beluegt huet. Mat där Formule, déi d'Chamber proposéiert huet, „connaissances de base", kann d'Regierung ganz gutt liewen. Mir wollten dat anert maachen, well dat méi objektiv wär, mä et kënnt op déiselwecht Finalitéit eraus. Dofir hunn ech an der Commission juridique gesot: Domadder kann ech liewen.

Mir hätte gären, datt een dat geschwatent Lëtzebuergesch muss beherrschen an dat muss herno aus dem Rapport vun der Police engersäits a vun deenen Zertifikater, déi dohinner geluegt ginn, anerersäits bewise ginn. Ech mengen, et ass relativ einfach erauszefannen. Wann ee mat engem schwätzt, da mierkt ee jo, ob e Lëtzebuergesch kann oder net. Dat schéngt mer awer „kein Ding der Unmöglichkeit" ze sinn.

An deem Kontext wëll ech soen, datt et richteg ass an datt d'Regierung dat och esou gesäit, datt ee muss kucken, deenen, déi Lëtzebuergesch wëlle léieren, a méiglechst ville Couren dat unzebidden. Ech kann also als Regierung mat deene Motiounen, déi an déi Richtung ginn, liewen. Ech géing just hei wëlle soen, dass ech mengen, dass dat net nëmmen eng Aufgab vun der Regierung ass, mä et ass normal, dass eng Motioun sech un d'Regierung riicht. Ech mengen, dass ee sollt kucken, datt d'Gemengen, datt Associatiounen an Entreprisen och där Couren ubidden, quitte dass ee kann driwwer diskutéieren a wéi enger Form de Stat dat kann ënnerstëtzen. Mä grondsätzlech musse mer déi, déi wëllen déi Sprooch léieren,

encouragéieren, well et ass en Integratiounsfacteur an dofir soll de Stat dat och begleeden. Domat hunn ech kee Problem.

M. le Président.- D'Mme Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Här President, ech stelle fest, dass mer elo während enger ganzer Rei vu Joren - ech sinn zënter dem Ufank vun dëser Legislaturperiod an der Commission juridique, mä Kolleeg Fränz Bausch huet mer bestätegt, dass et virdrun och esou wor - ëmmer och Leit naturaliséiert hunn, déi kee Lëtzebuergesch konnten, wann hir Kanner Lëtzebuergesch konnten. Dat wat elo hei virgesinn ass, schéngt mir manifestement esou ze sinn, dass mer dat net méi kënne maachen. D'Fro, déi ech wollt stellen, ass, ob den Här Minister mengt, dass dat e Problem ass, dass mer dat bis elo esou gemaach hunn, oder firwat datt en dat wëllt ëmänneren.

Zweetens stellt ee jo och fest, dass am Koalitiounsaccord eppes aneschtes steet wéi dat, wat am Projet de loi drastong an dat wat och elo am Gesetz wäert stoen. Firwat gi mer elo op deen heite Wee? Hu sech an der Praxis iergendwelch Problemer gestallt?

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.-* Zum Éischte respektéieren ech wat d'Chamber gemaach huet. Ëmsou méi hunn ech dat ze respektéiere wou ech véier Joer Member vun der Commission juridique war, mä wann ee Minister ass an et schreift een e Projet de loi, da versicht een dat Gesetz, dat do läit, aus senger Siicht ze verbesseren. Mir sinn der Meenung, datt an engem Lëtzebuerg, dat wiisst - ech stelle fest, dass um Rentendësch vun enger Croissance vu 4 % pro Joer ausgaange gëtt, wou also fir 2050 d'Hypothees unerkannt gëtt, dass mer dann op 780.000 Leit wären, da kommen der jo wahrscheinlech vill dobäi, déi dann d'Lëtzebuerger Nationalitéit huelen -, et wichteg wär, datt déi, déi dann d'Lëtzebuerger Nationalitéit huelen, sech och ganz zu deem Lëtzebuerg fillen an dass zu deem Lëtzebuerg och dat gehéiert, wat zu enger vun den Eegenaarte gehéiert, an dat ass déi national Sprooch, an dass déi dann och Lëtzebuergesch léieren. Dat wor also ee Facteur, firwat mer gemengt hunn an engem neie Gesetz solle mer dat draschreiwen.

Den zweete Volet vun dëser Fro hat ech schonn eng Kéier op dëser Plaz op Grond vun enger parlamentarescher Ufro beäntwert. Mir hunn am Kader vun der Diskussioun iwwert déi Sproocheklausel fonnt, dass ee misst dat geschwatent Lëtzebuergescht drasetzen, niewent enger vun deenen dräi Sproochen, déi hei am Land üblech sinn. Dofir hu mer dat, wat an der Regierungserklärung stong, preziséiert an deem Punkt, no reiflecher Iwwerleeung. Mir mengen, datt dat zu enger besserer Integratioun vun den Auslänner zu Lëtzebuerg, déi eis Nationalitéit wëllen hunn, féiert. Net méi an net manner, mä mir mengen, dass dat dee richtege Wee wär.

Dann ee Wuert zur duebler Nationalitéit.

Ech stelle fest, dass dat eng Fro ass, déi an de Walprogrammer vun deenen zwou Parteien, déi an dëser Regierung sinn, net virgesi war. Et sinn zwou Parteien, déi dat am Walprogramm haten. Dat sinn d'Sozialisten an déi Gréng, wann ech dat richteg nogekuckt hunn. Déi zwou Parteien, déi an der Regierung waren, haten dat net am Walprogramm a wéi d'Regierung gebilt ginn ass, hu se dat och net virgesinn.

D'Regierung ass a) der Meenung, dass dat eng extrem komplizéiert Fro ass, wéinst all deene juristeschen a praktesche Problemer, déi se stellt, a b), dass dat eng Fro ass, déi mer am Walkampf net diskutéiert hunn, respektiv, datt déi Parteien, déi an d'Regierung komm sinn, dofir keen ausdrécklecht Mandat vum Vollek kritt hunn. Dat hei ass awer eng ganz wesentlech Fro a mir mengen, dass et dofir méi richteg wier, datt een emol géing eng genee Analys maachen.

(Interruptions diverses)

D'Regierung huet net wëlles d'duebel Nationalitéit anzeféieren, et sief dann, si géif vum Parlament dozou forcéiert ginn.

(Interruption)

Den Här Mosar sëtzt hei, ech brauch also net fir hien ze schwätzen.

Et gëtt eng ganz Rei Leit an dësem Land an all deenen heibanne vertruedene Parteien, déi gewëssen Avantagë bei der duebler Nationalitéit gesinn, mä mir mengen, datt mer heiriwwer e breeden Débat brauchen an datt een dat kann no Wale maachen, wou dat ausdrécklech virgesi ginn ass.

Da wëll ech dobäi soen, dass et eng ganz komplizéiert Fro ass an dass ganz wéineg Länner an Europa d'duebel Nationalitéit hunn. Iwwregens solle mer net vun duebler Nationalitéit schwätzen, mä vun der „pluralité de nationalités", well d'Debatt muss geféiert ginn iwwert d'Vielzahl vun den Nationalitéiten, ëmsou méi wou vill Länner fënnef Joer Residenzdauer hunn, a wann een an dräi Länner fënnef Joer gewunnt huet, ass et d'Fro, ob ee kann déi dräi Nationalitéite kréien. An d'Aarbechte vum Conseil de l'Europe doriwwer si relativ opschlussräich sinn, an ech géing besonnesch d'Memberen heibannen, déi och Member si vum Conseil de l'Europe, bieden, hire Kolleegen déi emol duerzeleeën, déi net am Conseil de l'Europe sëtzen. Do ginn et ganz gutt Viraarbechten, déi op eng ganz Rei Schwieregkeeten hiweise bei der Pluralité de nationalités, an dofir mengen ech, soll een dat emol ganz am Detail kucken.

Mir hunn haut bei verschiddene Kanner d'duebel Nationalitéit, doduerch, dass mer 1986 virgesinn

hunn, duerch de Jus sanguinis kann een d'Nationalitéit vum Papp oder vun der Mamm kréien, wat deemools gemaach ginn ass aus guddem Grond, well et d'Diskriminatioun tëschent de Geschlechter ofgeschaaft huet an doduerch kann et virkommen, dass Kanner vun Elteren, déi verschidden Nationalitéiten hunn, déi duebel Nationalitéit hunn.

D'Problemer, déi dat duerstellt, hu verschidde Länner geléist. Zum Beispill d'Italiener, déi da soen: Och wann een zwou Nationalitéiten huet, da considéréiere mir awer nëmmen eng, nämlech déi vun eisem Land. Aner Länner hunn et domat geléist, dass se soen: Och wann een zwou Nationalitéiten huet, da considéréiere mir nëmmen déi vun deem Land, wou ee résidéiert, well et muss een e Choix maachen. Et stelle sech eng ganz Rei Froen, notamment wann ee sech bestiet, wéi en Numm d'Kanner kréien; alles dat ass ëmmer d'Loi nationale. Also muss een décidéieren: Wat ass d'Loi nationale? Dat ass esou e Wuert am Droit civil, wéi am Droit pénal, wéi am Droit public.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Här Minister, ech hu Leit bei mir an der Famill, déi déi duebel Nationalitéit hunn. Ech hunn nach net kënne feststellen, dass bis elo dee geréngste Problem war. Ech ka vläicht einfach frou sinn, dass nach näischt geschitt ass, mä ech muss einfach feststellen, meng Schwéiesch, mäin Neveu, déi hunn d'duebel Nationalitéit an do ass nach net dee geréngste Problem opgetaucht. Firwat gi mer dann dauernd Problemer an d'Vitrine setzen a firwat weise mer net, dass dat, wat haut schonn do ass, awer fonctionnéiert? Wou hutt Dir dann als Justizminister bis elo Problemer mat duebler Nationalitéit gehat?

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.-* Dat ass eng Fro, déi ganz oft an der Praxis kënnt, mä all déi, déi haut d'duebel Nationalitéit zu Lëtzebuerg hunn, hu se just nëmme kritt duerch d'Naissance. Si hu se ni kritt duerch d'Acquisitioun, wou se also eng volontaire Approche gemach hunn an dofir considéréiere mir an der Praxis ëmmer nëmme just déi Lëtzebuerger Nationalitéit. Zum Beispill, wann esou eng Persoun sech bestiet mat engem aneren, dann ass et d'Loi nationale, déi de Mariage determinéiert. An do seet eisen Officier d'état civil: Dat ass dann automatesch déi Lëtzebuergesch.

Dat sinn awer Froen, déi ee muss klären. Aner Länner acceptéieren net, dass een da bei deene Kandidat ass fir an e Parlament sëtzen ze goen. Mir hate kierzlech esou en Dossier vun engem aus Australien, deen do refuséiert kritt huet an d'Parlament vun Australien ze kommen an dofir déi Lëtzebuerger Nationalitéit opginn huet. Dat war säi Choix, an dofir soen ech: Et muss een déi Problemer léisen.

Ech hu gesot, ech kann och mat där Motioun liewen, déi vun der Majoritéit erakomm ass, dass mer elo sollen emol de Listing vun all deene Problemer maachen a vun de Solutioune wéi se am Ausland virleien, an da ka jo all Partei en vue vun deenen nächste Wale soe wéi se dat wëllt maachen, an déi dann an der Majoritéit sinn, mussen dat dem Parlament virleeën. Esou ass nun eemol d'Demokratie.

Ech wollt soen zu dësem Gesetz, dass an dësem Gesetz eng grouss Reform gemaach gëtt. Den Här Fayot huet gesot, si wier net fortschrëttlech, mä si wier konservativ. Ech muss lech soen, ech hu mech oft gefrot, wat fortschrëttlech a wat konservativ an dësem Kontext ass. Ass een, wann ee fir d'duebel Nationalitéit ass, automatesch fortschrëttlech? Ass een, wann ee fir dräi Joer amplaz fir fënnef Joer ass, automatesch fortschrëttlech an deen anere konservativ? Dat sinn esou Termen. Ech wëll dat Gesetz net a konservativ an a fortschrëttlech areien. Ech mengen, datt et e gutt Gesetz ass, an ech mengen net, dass ee ka soen: Een, dee fir d'duebel Nationalitéit ass, ass e Fortschrëttlechen an deen aneren e Konservativen.

Wann et lech gefält an Dir fannt, dat Gesetz hei wier e gutt Gesetz an et wier konservativ, da kann ech och domat liewen. Ech mengen, dëst Gesetz ass e klore Message un d'Auslänner, déi bei eis wunnen, déi sech ganz mat dësem Land identifizéieren, datt si kënnen d'Rechter an d'Flichte vun de Lëtzebuerger duerch d'Acquisitioun vun der Nationalitéit kréie wa se eng Rei Jore bei eis wunnen, an dat hu mer op fënnef Joer festgeluegt, wa se eng Rei Kritäre vun Integratioun erfëllen. Ech mengen, datt dat eng grouss Reform ass.

Mä d'Integratioun kann nëmmen zum Erfolleg féieren, wann déi, déi wëllen integréiert ginn, och Hiert dozou bäidroen. Do ass zum Beispill de Wëlle fir déi Sprooch ze léieren ee vun deene Kritären an dofir hu mer och an dësem Gesetz d'Integratiounskonditioune wollte verstäerken.

Ech soen et nach eng Kéier: D'Philosophie vun der Regierung ass, datt d'Nationalitéit sech ni duerf drop reduzéieren, nëmmen en neien oder zousätzleche Pass ze kréien. Et muss een och an Zukunft e kloren, e reellen tatsächleche Lien hu mat deem Land, deem seng Nationalitéit ee wëllt kréien. Mir hu versicht dës Philosophie esou an den Text ze kréien an ech stelle mat Satisfaktioun fest, dass hei am Parlament eng breet Majoritéit sech dofir fënnt, mä d'Demokratie soll jo och esou sinn, Mme Wagener, datt d'Leit mierke wou d'Ënnerscheeder sinn. Et gëtt oft gesot, mir hätten all déiselwecht Meenung. Hei konnt jiddereen seng Meenung soen. Ech hu meng gesot, an ech mengen nach eng Kéier, dass et e Gesetz ass, dat e wichtegt Integratiounsinstrument ass. Et ass e bessert Nationalitéitegesetz wéi dat wat mer bis haut haten. Dofir sinn ech frou an ech soen all deene merci, déi dat Gesetz wäerte stëmmen.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4743 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Artikel I ass gelies.

Hei si mer befaasst mat engem Amendement vum Här Bisdorff an deene Gréngen, dee virgesäit, e 4. Punkt bäizefügen.

Mir stëmmen iwwert deen Amendement of.

Vote

Dee fir den Amendement ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Den Amendement 1 ass ofgelehnt.

Den Artikel I ass esou ugeholl wéi e vun der Kommissioun proposéiert gouf.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Ech froe mech firwat dass net elektronesch ofgestëmmt ginn ass

M. le Président.- Den Här Weiler freet d'Wuert.

Op Grond vum Artikel 43 vun eisem Reglement, wollte mer e Vote par division froen.

Mir wollte froen, beim Artikel I, Paragraph 6, wou den Artikel 7 vum ale Gesetz modifizéiert gëtt, iwwert de Paragraph 4 e Vote séparé ze maachen. Et geet ëm d'Intégration suffisante, notamment d'Sprooche-kenntnisser.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Maache mer dat do elo all Kéier oder ass et just Gespills?

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Här Krecké, hutt Der Angscht fir e Vote séparé ze maachen?

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Wann dat lech glécklech mécht, da maacht et!

(Interruptions diverses)

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Här President, mir froen datselwecht fir de Paragraph 18 - deen den Artikel 22 modifizéiert - Punkt 3; och do hätte mir gär e Vote séparé.

M. le Président.- Also d'Reglement gesäit vir, datt een e Vote séparé ka froen, an da stëmme mir doriwwer of. Dat ass also de Punkt 4, Paragraph 6 vum Artikel I an dann de Punkt 3, Paragraph 18 och vum Artikel I. De Paragraph 18 vum Artikel I ass gelies. Doriwwer soll elo getrennt ofgestëmmt ginn, an dat ass zweemol deeselwechten Text.

(Interruptions)

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Mir mussen zwee Votë maachen.

M. le Président.- D'accord. Verlaangt Dir e Vote électronique oder e Vote par main levée?

Une voix.- E Vote électronique!

(Interruptions)

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Dat hu mir bei de Steiere gemaach, d'lescht Joer beim Budget.

M. le Président.- Da stëmme mer fir d'éischt iwwert den Artikel I, Paragraph 6, Punkt 4 of.

(Interruptions)

Vote séparé sur l'article I, paragraphe 6, 4°

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

Den Text ass mat 43 Jo- a 17 Nee-Stëmmen esou ugeholl, wéi e vun der Kommissioun proposéiert gi war.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean-Pierre Klein et Jos Scheuer;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

M. le Président.- Mir kommen elo zum zweete Vote. Verlaangt Dir och hei e Vote électronique, Här Weiler?

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Jo, Här President.

M. le Président.- Da stëmme mir elo iwwert den Artikel I, Paragraph 18, Punkt 3 of.

Vote séparé sur l'article I, paragraphe 18, 3°

(Interruptions),

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

Den Text ass mat 43 Jo- a 15 Nee-Stëmmen esou ugeholl, wéi d'Kommissioun e proposéiert hat.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert

Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean-Pierre Klein et Jos Scheuer;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Mir stëmmen elo of iwwert de gesamte Projet de loi 4743.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Wien derfir ass, stëmmt mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 41 Jo-, 17 Nee-Stëmmen an zwou Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. Jean-Pierre Klein et Jos Scheuer.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Motions

Et ass esou décidéiert. Da komme mir elo zum Vote vun de Motiounen. Do ass emol fir d'éischt d'Motioun vum Här Laurent Mosar iwwert den Enseignement vun der Lëtzebuerger Sprooch an d'Ofspléckung vun der Naturalisatiounsprozedur.

Dir hutt d'Motioune virun lech leien. D'Regierung huet Stellung geholl.

Den Här Fayot huet fir d'éischt d'Wuert, an dann den Här Jaerling.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech wollt fir d'éischt emol soen, datt ech déi Zort Motioun „fourre-tout" e bësse komesch fanne well hei praktesch alles duerchernee gerëselt gëtt, technesch Saachen a wichteg Froen, wéi zum Beispill déi iwwert d'Sprooch. Ech constatéieren awer, datt am éischte Considérant dat eigentlech steet, wat ech a mengem Exposé gesot hunn: „que la langue luxembourgeoise constitue un facteur d'intégration important", net déterminant. Mir sinn also d'accord, och mat deene sproochleche Mëttelen, déi do proposéiert ginn, och mat deenen technesche Mesuren, déi proposéiert ginn an dofir kënne mir déi Motioun matstëmmen.

M. le Président.- Den Här Jaerling huet elo d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, esou wéi ech et matkritt hunn, soll d'Prozedur fir d'Naturalisatioun gratis sinn. Vu datt d'Sprooch dozou gehéiert fir kënne Lëtzebuerger ze ginn, sinn ech der Meenung, datt d'Erléiere vun der Sprooch soll gratis sinn oder zumindest iwwer eng Inscription fixe soll geregelt ginn. Dëst soll évitéieren datt et op där enger Plaz 500 an op där anerer Plaz 3.000 - 4.000 Frang kascht. Dofir sinn ech der Meenung, datt een am éischten Artikel soll dra schreiwen „à assurer l'organisation des cours de langue luxembourgeoise en quantité suffisante et gratuitement", fir esou all Hemmschwell, fir déi Lëtzebuerger Sprooch ze léieren, ofzebauen.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, mir kënnen dës Motioun stëmmen, esou wéi mir och all déi Motioune kënne stëmmen, wou et ëm Sproochecoure geet. Mir mengen, datt hei eigentlech just all déi Punkten ërem opgeworf ginn, wou mir virdru festgestallt hunn, datt si an deem Gesetz net gutt geléist gi sinn. An deem Sënn si mir natierlech frou fir

all Verbesserung, esou kleng wéi se och ass. Dofir hu mir mat dëser Motioun kee Problem.

M. le Président.- Mir kommen elo zum Vote vun dëser Motioun.

Vote

Wie fir d'Motioun ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motioun ass eestëmmeg ugeholl, bei enger Enthalung!

Da komme mer zu der Motioun 2 vum Här Laurent Mosar iwwert déi duebel Nationalitéit.

D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, och mat där heite Motioun hu mir am Prinzip keng Problemer well se jo an déi Richtung geet, déi mir gefrot haten. Ech stelle mir just hei nach vill méi d'Fro, firwat datt mir dat elo nodréiglech no deem Gesetz hei maachen. A wann ech dann héieren, datt den Här Justizminister seet: Dat kann ee jo bei den nächste Wale léisen, da freet ee sech allerdéngs, ob déi Motioun hei net sans objet gëtt, well no deenen nächste Walen hoffen ech zumindest, datt et Leit an der Regierung gëtt, déi mat där heite Propositioun kee Problem hunn.

M. le Président.- Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, entgéint eise grénge Kolleege kënne mir dës Motioun net stëmmen a wäerten eis dobäi enthalen. Mir fannen, et ass eng Motioun, déi eng abgrondtief Hypokrisie zur Schau stellt, an dofir kënne mir dat net matmaachen.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert gefrot.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, ech mengen, et ass wichteg, wann een eng Konklusioun aus den Debatten zitt, datt een emol soll iwwert d'Problematik informéieren, datt ee muss kucken, wou d'Problemer sinn, an een dann och gesäit, ënner welche Konditiounen esou eppes kënnt realiséiert ginn. Dofir wäert d'ADR-Fraktioun dës Motioun och ënnerstëtzen.

M. le Président.- Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (*déi Lénk*).- Här President, ech sinn och der Meenung, datt dat hei méi de Charakter vun enger Alibimotioun huet, fir dat schlecht Gesetz do e bëssen ofzeschwächen an d'Hoffnung opkommen ze loossen, datt an Zukunft déi duebel Nationalitéit kéint agefouert ginn. Ech mengen awer, wann ee kuckt, ënner welche Bedingungen a mat welchem Geescht dat hei Gesetz zustane komm ass, dann hunn ech meng Zweifel, ob dat iwwerhaapt richteg gewollt ass, an dofir enthalen ech mech.

M. le Président.- Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- Här President, den Här Fayot huet gesot, . . .

(Hilarité)

. . .et géif sech hei ëm Hypokrisie handelen. Ech wëll lech soen: Den Här Fayot huet virdru kritiséiert, datt d'Majoritéit oder d'Regierung hei, wat d'Sproochefro ubelaangt, eppes mécht, wat net am Koalitiounsaccord géif stoen. Hien huet dat kritiséiert. Ech wëll him soen: Wann hien dat kritiséiert, da kann hien op där anerer Säit eis net gutt reprochéieren, datt bei eppes, wat esou fundamental ass wéi déi duebel Nationalitéit, wat weder mir nach d'Demokratesch Partei an eise Walprogrammer haten, wou mir eis net driwwer ausgeschwat hunn, wou och keng Diskussioun dobaussen driwwer war, mir da soen: Mir wëllen doriwwer eng Diskussioun féieren, mir maachen eng Ouverture,. . .

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Da loosst de Riedner dach schwätzen!

M. Lucien Weiler *(CSV)*.- . . .an deementspriechend ass déi Motioun hei presentéiert ginn. Dat ass eppes, wat näischt mat Hypokrisie ze doen huet, mä mat engem Débat iwwert déi Fro, déi fundamental ass.

(Interruptions)

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, d'Motioun, déi mir hei ënnerschriwwen hunn, refletéiert an allen Hisiichten d'Meenung vun der Demokratescher Partei iwwer en duebele Pass.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice*.- Här President, ech wëll hei nach eng Kéier soen, datt een déi fundamental Froe muss diskutéiere mat deene Leit, déi hei am Land wunnen, an och mat deenen, déi sech bei Walen ausdrécken.

Dat heescht net, datt een domat ausschléisst, wéi dat no deene Wale geet. Wann eist Versteesdemech vun der Demokratie ass, a) wat an de Walprogrammer steet, an et weess een net, wat an deenen nächste Walprogrammer steet, b) weess een net, wéi déi nächst Walen ausginn, well mir mengen, dat décidéiert de Wieler, an net datt een dat ka selwer virdru scho soen, wéi verschidde Leit dat hei ze verstoe ginn, c) datt ech dës Motioun hei richteg fannen, well d'Approche vun der Regierung ass, datt een net nëmmen d'Leit soll herno froen, mä ier een d'Leit freet, kann een net mat engem Slogan an d'Welt goen a soen: Mir si fir d'duebel Nationalitéit. Hei muss een eng ganz seriö Viraarbecht maachen, an déi Viraarbecht ka gemaach ginn, och wann ee seet: An dëser Legislaturperiod fanne mir, datt mir kee Mandat hunn. Mir hunn dat net nëmmen an eise Walprogramm net geschriwwen, mä mir hunn dat och an der Regierungserklärung net virgesinn, well déi steet

iwwert de Walprogrammer. Och ouni dës Motioun wollt ech lech soen, datt ech souwisou wollt déi Aarbecht maache loossen. Et ass eng ganz schwiereg Aarbecht, déi een net vun engem Beamten am Ministère einfach nëmme ka maache loossen, mä wou ee sech och muss wëssenschaftlech Hëllef, notamment vun engem Unisprof dobäi huelen, fir dat hei am Detail ze klären. Ech wollt also soen, datt d'Regierung mat dëser Motioun ka liewen. Ech géif just proposéieren, datt ee géif „double nationalité" iwwerall ersetzen duerch „pluralité des nationalités," well d'Problematik stellt sech esou, an net nëmme limitéiert op déi duebel Nationalitéit.

Also, ech géif an deenen dräi Punkten ënnen d'duebel Nationalitéit duerch d'Pluralité des nationalités ersetzen.

M. le Président.- Also ass d'Chamber mat där Motioun d'accord.

Motion 2 modifiée

La Chambre des Députés

- considérant qu'un certain nombre de personnes résidant au Grand-Duché possèdent plus d'une nationalité et ceci malgré l'impossibilité légale théorique de double nationalité au Luxembourg;

- considérant qu'un certain nombre de pays européens ont introduit la double nationalité et que d'autres sont en train d'envisager cette possibilité;

- considérant que de nombreuses personnes possèdent des liens profonds et durables avec plus d'un pays;

- considérant que la double nationalité soulève des questions juridiques d'envergure, notamment en droit de la famille et de la filiation, en droit des biens et en droit successoral;

- considérant qu'un débat sur la double nationalité serait d'une utilité certaine, et qu'un tel débat devra être mené en connaissance de tous les problèmes concrets que pose la double nationalité au niveau juridique,

invite le Gouvernement

- à procéder à une analyse des problèmes d'ordre juridique qui se posent dans le contexte de la question autour d'une ouverture vers la pluralité des nationalités;

- à effectuer une comparaison des instruments législatifs que d'autres pays ont adoptés en matière de pluralité des nationalités, afin de cerner avec précision les questions juridiques soulevées dans ce cadre et les réponses qui y ont été apportées;

- à communiquer ces informations à la Chambre des Députés, afin de permettre à celle-ci de mener un débat approfondi sur la pluralité des nationalités en toute connaissance des questions que peut soulever le sujet.

(s.) Laurent Mosar, Agny Durdu, Jean-Paul Rippinger, Patrick Santer, Lucien Weiler.

Vote

Wien ass derfir? Deen ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze strecken.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Et ass keen Zweifel. D'grouss Majoritéit ass derfir. Déi Motioun ass ugeholl.

Da komme mer zu der Motioun 3 vum Här Ben Fayot iwwert d'Sproochepolitik. Den Här Rippinger freet d'Wuert dozou.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Spriecher vun der sozialistescher Fraktioun huet de Majoritéitsparteien Hypokrisie virgeworf, wat déi zwou Motiounen ubelaangt. Ech constatéieren en Dysfonctionnement an der Fraktioun vun der sozialistescher Partei. Engersäits hu sech déi zwee Vertrieder aus der Kommissioun enthalen zu deem Gesetzesprojet, an elo, wéi ofgestëmmt ginn ass, huet en Deel vun der Fraktioun vun de Sozialiste géint d'Gesetz gestëmmt. Zwee hu fir déi zwee Artikele gestëmmt iwwert d'Sproochen, an d'ganz Fraktioun presentéiert elo eng Motioun, fir datt déi Leit, déi Lëtzebuerger ginn, ebe sollen e verbesserte Service ugebuede kréien, wat d'Lëtzebuerger Sprooch ubelaangt.

(Hilarité)

Une voix.- Här President, esou eppes steet iwwerhaapt net dran!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Wat d'Lëtzebuerger Sprooch ubelaangt: Mir kënnen dës Motioun net stëmmen, an ech soen lech och firwat . . .

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Lauschtert elo mol dem Här Rippinger no, an da kritt den Här Fayot erëm d'Wuert. Mir sinn elo gläich fäerdeg. Dat hei ass e wichtegt a seriöst Gesetz; ech mengen, et misst een dach kënnen nolauschteren, wat jiddfereen dozou seet, egal ob dat engem gefält oder net! Dat ass eben esou an der Demokratie.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, fir den Här Krecké ze berouegen: Ech verstinn nëmmen déi Texter, wou Biller dobäi sinn. Ech muss lech allerdéngs soen, datt mir dës Motioun net stëmmen. Ech soen lech och firwat. Dës Motioun riicht sech jo un d'Ministerin vun der Education nationale à priorité. Deen Text, dee mir elo gestëmmt hunn an der éischter Motioun ass mat där Ministerin ofgeschwat, an déi ass och vun hir acceptéiert ginn.

Wann ech elo hei zwee Tireten huelen: Déi kënne mir net acceptéieren. 1. Am Dispositif steet „d'assurer au Centre de langues", awer et gëtt jo nach aner Institutiounen an Organismen déi Couren an der Lëtze-

buerger Sprooch ubidden, déi awer och ze ënnerstëtze sinn, an net nëmmen de Centre de langues. An dee leschten Tiret kënne mir net ënnerschreiwen an och net votéieren, aus der einfacher Ursaach, well do steet „de mener, dans tous les domaines concernés, une politique des langues cohérente". Mir sinn der Meenung, datt mir dat amgaange sinn ze maachen.

M. le Président.- Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här President, ech si wierklech erstaunt iwwert déi Interventioun vum President vun der DP-Fraktioun.

Hei geet et ëm eng „mesure concomitante" zu deem Nationalitéitegesetz, dat heescht, mir constatéieren e Fait, deen do ass, nämlech dass et vill Leit zu Lëtzebuerg gëtt, déi hei schaffen a wunnen, déi Lëtzebuergesch wëlle léieren an déi keng Offer vu lëtzebuergesche Coure kréien. 10.000 Demandë leien am Centre de langues vir, déi net kënnen erfëllt ginn, well keng Enseignanten a keng Raim do sinn, an da gëtt hei gesot, dass Lëtzebuergesch wichteg ass fir d'Kohesioun vum Land. A weider gëtt gesot, dass dat muss an eng Politique des langues erakommen, déi cohérente muss sinn.

Eng Partie Kontradiktioune sinn an deem, wat mer Sproochepolitik zu Lëtzebuerg nennen. An da gi Mëttele gefrot. Ech versti wierklech net, wéi iergendeent vun deene Mëttelen do dem DP-Fraktiounspresident ka widdert de Stréch goen. Hei gëtt d'Regierung insgesamt gefrot, net nëmmen eleng d'Erzéiungsministesch. Déi ass, pour la part qui la concerne, selbstverständlech och betraff, mä et kann de Minister vum Enseignement supérieur sinn, de Kulturminister, de Budgetsminister.

Ech muss wierklech soen, dass ech extrem erstaunt sinn iwwert déi Oppositioun vun der DP-Fraktioun zu dëser Motioun.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Motioun hei ass an der Logik vun deem Gesetz, wat mer elo gestëmmt hunn, an dofir wäert d'ADR-Fraktioun och dës Motioun stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Här President, dat wat d'Sozialisten an dëser Motioun fuerderen, dat ass mat der Motioun 1, déi mer scho gestëmmt hunn, integral ofgedeckt. Et ass do gesot ginn:

„... assurer l'organisation de cours de langue luxembourgeoise en quantité suffisante;

mettre à la disposition du Ministère de l'Education nationale les moyens nécessaires".

Et ass alles dat, wat gefrot gëtt an dëser Motioun, an dofir ass dës Motioun superfétatoire a mir lehne se of.

M. le Président.- Mir stëmmen iwwert d'Motioun 3 of. Et ass e Vote électronique verlaangt.

Vote

Déi fir d'Motioun 3 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 3 ass mat 34 Stëmme géint 26 verworf.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Mir kommen zur Motioun 4, déi vum Här Henckes abruecht ginn ass. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här President, dës Motioun ass ons am Fong geholl sympathesch, well et net oninteressant wär, wann een een aneren Enquêteur hätt wéi d'Police.

Allerdéngs muss ech mir soe loosse vun deem engen oder anere Buergermeeschter, dass dat do relativ komplizéiert an de Gemenge wäert ginn. Ech ka mer virstellen, dass et an der Stad Lëtzebuerg an a gréisseren Uertschafte méiglech ass, mä wann et den Officier de l'état civil a klengere Gemengen ass, da misst et héchstwahrscheinlech de Buergermeeschter oder e Schäffe sinn.

Ech weess net, ob een dat esou einfach kann delegéieren. D'Officiers de l'état civil, dat si geweinlech Buergermeeschteren, Schäffen, Conseilleren. Dat ass eng Fro, déi ech net esou einfach hei ka beäntwerten. Dofir wäerte mir ons bei dëser Motioun enthalen.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Ech weess net, ob ech richteg matkritt hunn: Si ass zwar sympathesch, mä et

ass awer schwiereg. Den Här Scheuer rëselt mam Kapp. Den Här Asselborn ass och net frou.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Här President, ech wëll just soen, dass net gefrot gëtt an der Motioun, dass et soll direkt gemaach ginn. Mir hu just gefrot, dass et soll studéiert ginn, well mer mierken, dass dat an de grousse Gemenge jiddenfalls eng ganz grouss Décharge wier fir d'Police, dass bei de klengere Gemengen dat elo kann delegéiert gi vum Buergermeeschter un e Fonctionnaire oder un en anere Conseiller.

Mir froe just, dass elo emol soll studéiert gi wéi d'Méiglechkeete sinn. Et wier awer eng positiv Saach. D'Police kënnt déchargéiert ginn an déi Leit, déi d'Naturalisatioun wëlle kréien, kréichen d'Police net méi geschéckt.

M. le Président.- Mir maachen de Vote iwwert d'Motioun 4. Et ass e Vote électronique verlaangt.

Vote

Déi fir d'Motioun 4 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 4 ass mat 36 Stëmme géint 13 bei 10 Enthalunge verworf.

Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Alex Bodry et Lucien Lux.

Se sont abstenus: M. Jean Asselborn, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Mir kommen zur Motioun 5, déi vun der Mme Renée Wagener abruecht ginn ass. D'Mme Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Här President, et schéngt mer ganz wichteg ze sinn, grad elo, wou de Projet an der virleiender Versioun gestëmmt ginn ass, dass dës Motioun acceptéiert gëtt, well wann een dat alles vun de Leit verlaangt a puncto Sproochen, wat am Gesetz steet, da muss een hinnen awer och wierklech d'Méiglechkeet ginn, fir sech déi Sprooch unzeeegnen, dat besonnesch am Hibléck op déi Leit, déi vläicht méi Schwieregkeeten hunn, fir owens no der Aarbecht nach Sproochecouren ze suivéieren, se eventuell op Schichte schaffen, respektiv dass nach aner Situatioune sinn.

Dofir fanne mir, dass et extrem wichteg ass, dass dann de Stat awer och am Géigenzuch deen do Schrëtt mécht an e Congé linguistique aféiert.

M. le Président.- Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.-* Här President, d'Regierung ass fir de Moment saiséiert mat enger ganzer Rei vun neien Demandë vun neie Congéen.

D'Regierung hat doriwwer virun e puer Wochen eng Diskussioun a si ass zur Konklusioun komm, dass mer keng nei zousätzlech Congéen och an anere Beräicher géingen aféieren, well et gläich onméiglech gëtt, fir d'Leit nach iwwerhaapt e Patron ze fannen, dee se wëllt astellen, well se permanent wéinst iergendengem anere gudde Grond Congé hunn.

Dofir huet d'Regierung, ouni iwwert de Congé linguistique ze diskutéieren, bei anere Congéë gesot, se géing keen neie Congé an dëser Legislaturperiod aféieren. Wéinst deem Räsonnement géing ech soen, dass d'Regierung mat dëser Motioun net kann d'accord sinn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler *(CSV).-* Här President, aus deene Grënn, déi den Här Minister elo gesot huet, an awer och fir den Här Krecké aus sengen Unzeeche vun Déprime, déi en hei gewisen huet, erauszehuelen, wëll ech soen, dass mer och dës Motioun net stëmme wäerten.

M. le Président.- Mir maachen de Vote iwwert d'Motioun 5. Et ass e Vote électronique verlaangt.

Vote

Déi fir d'Motioun 5 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

D'Motioun 5 ass mat 35 Stëmme géint 19 bei 6 Enthalunge verworf.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme

Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Jacques-Yves Henckes.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Muer de Muere kënnt d'Presidentekonferenz zesummen, fir den Ordre du jour fir déi nächst Woch festzeleeën, mä ech wëll lech ewell drop opmierksam maachen, dass Dir dermat rechne kënnt, dass déi nächst Woch fënnef Sitzunge sinn. Et sinn e puer wichteg Saache bäikomm, an dofir muss eventuell och nach e Sitzungsdag déi Woch drop bäigefügt ginn. Mir kucken awer eist Bescht ze maachen, dass mer de Programm d'nächst Woch kënne fäerdeg maachen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.11 heures)

Communications . . . . . pages 2377 - 2378

Heure de questions au Gouvernement:

- Question 130 de M. Lucien Lux concernant l'intention du Gouvernement concernant l'abolition de l'impôt communal commercial . . . . . page 2378
- Question 131 de M. Gusty Graas au sujet de l'abolition de l'impôt communal commercial . . . . . pages 2378 - 2380
- Question 132 de M. Aloyse Bisdorff relative à la campagne de promotion du volontariat pour l'armée luxembourgeoise . . . . . page 2380
- Question 133 de M. Nicolas Strotz relative aux transports d'animaux . . . . . pages 2380 - 2383
- Question 134 de M. Ben Fayot relative à la fixation du tarif des huissiers de justice pages 2383 - 2384
- Question 135 de M. Robert Garcia relative à l'équipement des administrations publiques en informatique . . . . . pages 2384 - 2385
- Question 136 de M. Marco Schank relative à la ratification du Protocole de Kyoto . . . . . page 2385
- Question 137 de M. Marc Zanussi au sujet de l'attribution du complément différentiel . . . . . pages 2385 - 2387
- Question 138 de M. Jean Colombera relative à la reconnaissance de la fibromyalgie et du Burnout-Syndrom comme maladie . . . . . pages 2387 - 2388
- Question 139 de M. Mars Di Bartolomeo concernant le Fonds de rénovation de la Vieille Ville . . . . . pages 2388 - 2389
- Question 140 de M. Robert Garcia relative aux perspectives à moyen terme des enfants hyperactifs dans l'école publique luxembourgeoise . . . . . pages 2389 - 2390
- Question 141 de M. Jacques-Yves Henckes concernant le contrat d'achat d'un avion militaire en coopération avec la Belgique . . . . . pages 2390 - 2391
- Question 142 de Mme Renée Wagener concernant la désignation des représentants étrangers au Conseil national pour Etrangers . . . . . pages 2391 - 2392
- Question 143 de M. Robert Mehlen concernant l'embauchage de travailleurs polonais dans le domaine de l'agriculture et de la viticulture . . . . . pages 2392 - 2393

Question 15 avec débat de Mme Lydie Err sur les vues du Gouvernement en matière d'union libre . . . . . pages 2393 - 2397

Projet de loi 4717 relatif à l'adaptation budgétaire des projets de construction Campus Geesseknäppchen, Centre pénitentiaire, Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean et Centre National Sportif et Culturel . . . . . pages 2397 - 2417

Interpellation de M. Mars Di Bartolomeo sur la politique du logement et l'évolution des prix des terrains à bâtir . . . . . pages 2418 - 2455

Projet de loi 4743 portant modification de la loi du 22 février 1968 sur la nationalité luxembourgeoise, telle qu'elle a été modifiée . . . . . pages 2456 - 2496

Noriichten „aus der Chamber" . . . . . pages 93 - 100

Questions au Gouvernement . . . . . pages jaunes 417 - 448 au milieu du compte rendu